

# INFO °05 23 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG  
VUM 14. JULI 2023

# Conseil communal du 27 septembre 2023

ACCUEIL - VIE POLITIQUE - INFORMATIONS - CONSEIL COMMUNAL DU 27 SEPTEMBRE 2023

### Conseillers présents

ALTMESCH Guy (Bourgeois, LSAP)	CEMAN Emira (CSV)	MULLER Emly (LSAP)
LUVELING Tom (L'archevin, CSV)	CHARLÉ Zenia (LSAP)	OLTEN Claude (CSV)
WAGNER Thierry (l'archevin, LSAP)	DA SILVA Elisabeth (DP)	PREGNO Laura (désigné)
HARTUNG Gérard dit Jerry (l'archevin, CSV)	DIEDRICH Gary (désigné)	SCHUREN Michel (LSAP)
BERTINELLI Fred (l'archevin, LSAP)	ENGEL Morgan (PIRATES)	SCHÜTZ Marion (désigné)
AGUIAR Paulo (désigné)	MEISCH François dit François (DP)	TEMPELS Guy (CSV)

### Absents et excusés

CILLEN Eric (DP)
------------------

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR [WWW.DIFFERDANGE.LU](http://WWW.DIFFERDANGE.LU).

# INFOBLAT<sup>05 23</sup>

COMPTE-RENDU DU 14 JUILLET 2023

4-70

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange  
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu) | [mail@differdange.lu](mailto:mail@differdange.lu)

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé  
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 03/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 14 JUILLET 2023

---

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)  
Tom Ulveling, 1<sup>er</sup> échevin (CSV)  
Thierry Wagner, échevin (LSAP)  
Jerry Hartung, échevin (CSV)  
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)  
Paulo Aguiar (déi gréng)  
Eina Ceman (CSV)  
Zenia Charlé (LSAP)  
Eric Cillien (DP)  
Elisabeth Da Silva (DP)

Gary Diderich (déi Lénk)  
Morgan Engel (Piraten)  
Fränz Meisch (DP)  
Erny Muller (LSAP)  
Claude Olten (CSV)  
Laura Pregno (déi gréng)  
Michel Scheuren (LSAP)  
Manon Schütz (déi gréng)  
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Premier discours des nouveaux conseillers communaux.
3. Déclaration du nouveau collège échevinal — présentation des lignes directrices du programme de coalition.
4. Tableau de préséance du conseil communal.
5. Guide et Charte de la Ville de Differdange.
6. Enseignement fondamental:
  - a. Organisation scolaire pour l'exercice 2023-2024;
  - b. Plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2023-2024.
7. Structures d'accueil: concepts d'action généraux.
8. École de musique:
  - a. Organisation provisoire pour l'année scolaire 2023-2024;
  - b. Règlement d'ordre interne destiné aux élèves, parents et représentants légaux des élèves;
  - c. Règlement d'ordre interne destiné aux enseignants.
9. Organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2023-2024.
10. Personnel communal: adaptation d'un poste de carrière B1 sous-groupe administratif en B1 sous-groupe technique au niveau de l'organigramme, service écologique.
11. Actes et conventions:
  - a. Acte de base modificatif du complexe Gravity Tower;
  - b. Acte notarié de vente d'un logement dans le cadre du projet de construction Gravity Tower au plateau du Funiculaire suivant droit de préemption;
  - c. Acte notarié de cession gratuite de 2 parcelles situées à Niederkorn au lieudit Rue Pierre-Gansen d'une superficie de 23,05 a;
  - d. Premier avenant à la convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Belval et Differdange SA portant sur des terrains aux lieudits Differdinger Hüttenwerk, Cité Henri-Grey et rue C.-M.-Spoo d'une contenance totale d'environ 90,23 a;
  - e. Convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Belval et Differdange SA portant sur une bande de terrain au lieudit Rue Émile-Mark d'une contenance totale d'environ 26 a;
  - f. Convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Luxembourg SA portant sur des terrains aux lieudits Rue de Hussigny et Rollesbiérg d'une contenance totale d'environ 35 a;
  - g. Convention Alliance pour le climat, Luxembourg;
  - h. Contrats de bail et avenant concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub;
  - i. Contrat de bail d'un atelier d'artiste au no 58 de la Grand-rue à Differdange;
  - j. Accord de collaboration avec l'association Arcus ASBL;
  - k. Résiliation d'un commun accord du contrat de bail pour un local commercial situé au no 4 de l'avenue de la Liberté à Differdange.
12. Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.
13. Syndicats des communes:
  - a. Nomination des délégués représentant la Ville de Differdange;
  - b. Répartition des neuf heures supplémentaires de congé politique.

Questions.

# 1. Communications

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** ouvre la séance. Il salue les représentants de la presse. Il remercie monsieur Krecké de l'avoir soutenu au cours de ses 14 premiers jours en tant que bourgmestre. Un grand merci aussi à ses collègues du collège échevinal pour la bonne collaboration jusqu'à présent.

*Avoir un nouveau bourgmestre n'est jamais facile, mais celui-ci a envie d'apprendre et de relever les défis.*

*Guy Altmeisch remercie ensuite son prédécesseur, madame Brassel-Rausch, pour la chouette collaboration et les nombreux débats pour le bien de la population. Parfois, les avis divergeaient, mais le travail était toujours effectué dans l'intérêt des citoyens. C'est d'ailleurs l'objectif de tous les partis politiques. Guy Altmeisch propose de nommer madame Brassel-Rausch bourgmestre honoraire.*

*(Applaudissements)*

*Pour Guy Altmeisch, elle le mérite compte tenu du travail effectué pour le bien de la commune. Il se dit convaincu que ce niveau de collégialité sera maintenu.*

*Le bourgmestre remercie également les électeurs pour la confiance qu'ils lui ont accordée, à lui et à son parti. Le choix des électeurs doit être respecté. C'est ainsi que la coalition avec le CSV a vu le jour.*

*Parmi les défis qu'il entend relever, Guy Altmeisch mentionne la création d'emplois. La dynamisation du commerce va nécessiter beaucoup de travail de la majorité et de l'opposition. Tout le monde doit s'engager pour Differdange et pour ses commerçants afin que le centre-ville devienne plus agréable. Il n'y a rien de plus triste qu'une zone piétonne sans magasins et sans piétons. La commune devra faire tout son possible pour revitaliser le centre-ville.*

*Compte tenu de son passé professionnel, Guy Altmeisch tient à renforcer le sentiment de sécurité dans tous les quartiers, en permanence et pour tous les habitants qu'ils soient jeunes, adultes ou âgés. Il veut que les gens soient fiers de dire qu'ils habitent à Differdange. C'est pourquoi la majorité fera tout ce qu'elle peut pour donner une bonne image de Differdange.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gudde Moien, ech begreissen Iech zu enger Sitzung wéi all déi aner, déi se vir-drun och erlieft hunn. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, d'Vertrieder vun der Press wëllkomm ze heeschen. An och, ech mengen, ech brauch Iech en net virzustellen, de Krecké Henri, eise Gemengesekretär. Wou ech frou sinn, dass e mer déi éischt 14 Deeg, wou ech elo hei als neie Buergermeeschter am Haus wunnen, esou tatkräfteg zur Säit stoung.

Och wëll ech meng Kolleegen aus dem Schäfferot erwänen, déi ech muss luewe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer bis dato haten. A warscheinlech fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an Zukunft och wäerte kréien.

Et ass net einfach mat engem neie Buergermeeschter, ech weess dat, mee et ass awer een, deen oppen ass, fir vill bäizeléieren, deen oppen ass, fir déi Erausfuerderung unzegoen.

Ier mer zum Ordre du jour kommen, erlaabt mer, e puer Wieder ze soen. Ech wëll menger Virgängerin, dem Christiane Brassel-Rausch, ee grouse Merci soen. Ee grouse Merci fir déi flott Zesummenaarbecht, fir déi vill Diskussiounen, déi mer ëmmer haten. Awer Diskussiounen zum Wuel vun eise Bierger. Diskussiounen, déi mer haten ënner erwuesse Leit. Mer waren net ëmmer enger Meenung, mee et ass awer ëmmer friddlech verlaf, muss ech soen.

Dat Ganzt war ëmmer zum Wuel vun de Bierger an zum Wuel vun deem, wat mer hei schaffen. Et ass och dat, wat mir eis als Zil setzen, wa mer als Partei mat an d'Wale ginn. Ech mengen, dat ass jiddwerengem säin Zil heibannen.

Dofir géif ech Iech proposéieren, d'Madamm Rausch als Eierebuergermeeschtesch ze nominéieren.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité de conférer à madame Christiane Brassel-Rausch le titre de bourgmestre honoraire de la Ville de Differdange.*

---

(Applaus)

Ech mengen, no där viller Aarbecht, déi se gemaach huet an no deene ville Stonne Presenz, déi se gelescht huet zum Wuel vun eis, zum Wuel vun der Gemeng, huet si dat verdéngt. An ech si voller Vertrauen, datt eis Kollegialitéit op deem Level, op deem Niveau bleiwe wäert, wéi mer se bis elo fäerdegbruecht hunn ze halen.

Villmools merci wëll ech awer och all menge Wieler soen, déi mer hiert Vertrauen ausgedréckt hunn, net nëmme fir mech, och fir meng Partei, d'LSAP, bei deene leschte Gemengewalen.

Fir eis war vun Ufank u kloer, dass de Wielerwille berécksiichtegt misst ginn. Mat deem Gedanke si mir als LSAP an d'Koalitioungespräicher gaangen. No fairen, intensiven, konstruktiven a kollegiale Gespräicher ass eis Koalitioun mat eisem Partner, der CSV, entstanen.

Voller Stolz a Begeeschterung stellen ech mech mengen neien Erausfuerderungen. D'Schafe vun neien Aarbechtsplazen, e ganz wichtegt Element fir eis Gemeng. D'Neibeliewung vun eiser Geschäftswelt, eng Missioun, déi vill Energie a vill Zesummeschaffen erfuerdert, och mat Iech, sief et an der Opposition, sief et an der Majoritéit. Do ass jiddweree gefuerdert.

Jiddwereen ass gefuerdert, dass mer zum Wuel vun Déifferdeng, zum Wuel vun eise Geschäftsleit an zum Wuel vun all Mënsch déi Geschäfte erëm un d'Liewe kréien, dass mer méi Liewe kréien, dass et méi eng positiv Ausstrahlung gëtt am Zentrum. Et ass jo näischt méi traureg, wéi wann een duerch eng Foussgängerzon trëppelt an et begéint ee kee Foussgänger, an et si keng Geschäfte op. Esou ee Bild, dat stëmmt een einfach traureg. Do musse mer wierklech all eis Energie gemeinsam drop leeën, fir erëm Liewen do eranze kréien.

Wat mer, duerch mäi Beruff, deen ech laang Zäit ausgeübt hunn, besonnesch um Häerz läit: Ech wëll eng Stärkung vum Sécherheitsgefill. Ech wëll eng Stärkung vum Sécherheitsgefill an alle Quartieren, an alle Momenter a fir all d'Generatiounen. Fir déi Kleng, fir déi Grouss, fir déi mëttleren Alter, fir déi méi Eeler.



# 1. Communications

D'Leit muss sech wuelfillen an eiser Gemeng. Et muss ee stolz sinn, wann een an eng aner Uertschaft fiert oder fir ze soen: „Ech si vun Déifferdeng.“ Dofir brauch ee sech net ze schummen. Do soll ee stolz drop sinn. An als Partei a mat eise Kollegeen aus der Majoritéit wäerte mer alles maachen, fir dat Bild vun Déifferdeng ofzeginn.

Dat do sinn nëmmen e puer vu menge Prioritéiten. Dat Ganzt natierlech ëmmer mat dem Gedanken, méi no bei d'Klimaneutralitéit ze kommen.

En neie Posten ännert de Mënsch net. D'Stärkten a leider och d'Schwächte bleiwen erhalen. Mat Respekt an Toleranz iwuerhuelen ech mäin neien Job. Ech garantéieren Iech, dass ech alles maachen, fir de Guy ze bleiwen a probéieren, de Buergermeeschter vun all Déifferdenger ze ginn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

(Applaus)

Merci!

Erlaabt mer nach e klengen techneschen Detail, fir déi nei Leit, déi hei sinn: Ier mer schwätzen, muss mer d'Mikrostast drécken, soss kréie mer dat net opgeholl a mer kréien dat dann och net schrëftlech verfaasst, fir dass mer dat an den Archiven an de Publikatiounen och bréngen. Dat e klengen Detail zu der Technik, wat och elo net mäi Spezialgebit ass. Mee dofir hunn ech op menger lénker Säit den Heng setzen, als Techniker an als Informatikprofesser.

---

## GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

An och erëm ausmaachen duerno, well soss gött et Interferenzen.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gesitt Der, en ass awer dat, als wat ech e virgestallt hunn!

Dann hätte mer nach e puer Kommunikatiounen aus dem Schäfferot un Iech. Ech géif d'Wuert un den Hartung Jerry ginn, wannechgelift.

---

## JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, virop gudde Moien. Ech wollt op d'Kommissiounen vun der Gemeng agoen. Do krute mer de Fichier, wéi et déi lescht Joren ëmmer berechent gouf, a mir wollten d'Unzuel dobäi belouwen. Et betrëfft déi 16 normal Kommissiounen.

Mer wäerten d'Kommissiounen nees opmaache fir d'Bierger. Deementspreechend wäerte mer d'Reglement vun der Gemeng upassen, datt d'Plazen, déi opbleiwen oder nees opginn, och zu engem spéideren Zäitpunkt kënnen besat ginn.

Fir datt mer virukommen, wier et wichteg, datt eis d'Desiderata vun all Partei fir d'Opdeelung an de Kommissiounen géife matgedeelt ginn. Et ass jo oft, datt et mat enger Kommazuel gerechent gött, dat heescht an enger Kommissiounen kann da mol ee méi an enger aner Kommissiounen ee manner sinn. Dofir bieden ech, datt ee vun all Partei mer herno kéint soen, wie bei Iech d'Kontaktperson ass, datt mer dat kënnen kucken.

Mir féieren de Projet „Déifferdeng, eng Stad hëlleft“ weider, wou mir karitativ Organisatiounen ënnerstëtzen. Hei en Opruff un all d'Gemengerotsmembere: Déi, déi wëllen hëlleften, den Tri fir d'Verdeelung vun de verschiddene Requêtë vun den Associatiounen ze maachen, op d'Gemeng ze kommen. Dat ass déi lescht Joren ëmmer flott zesumme gemaach ginn. Do ass jiddweree fräi, do ka jiddweree mer einfach eng Mail maachen, deen do wéilt matmaachen, da kucke mer e gemeinsamen Datum ze fannen. Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Soss géife mer zum Haaptmenü iwergoen. Madamm Pregno.

---

## LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech wéilt zwou Froen umellen, wannechgelift.

*Guy Altmeisch vient de présenter quelques-unes de ses priorités. Il aurait pu également mentionner la neutralité climatique.*

*Un nouveau poste n'enlève rien aux qualités et aux défauts d'un homme. Il commence son nouveau travail avec respect et tolérance. Il essaiera de rester le Guy que l'on connaît et d'être le bourgmestre de tous les Differdangeois.*

*(Applaudissements)*

*Guy Altmeisch passe à une question technique. Avant de parler, les conseillers communaux doivent appuyer sur le bouton du micro pour qu'ils soient enregistrés et que la transcription de la séance puisse ensuite être faite. Guy Altmeisch n'est pas un spécialiste. C'est pourquoi il est assis à côté d'un professeur d'informatique comme monsieur Krecké.*

---

## HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

*ajoute qu'il faut aussi penser à éteindre le micro quand on a fini de parler pour éviter les interférences.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** constate que monsieur Krecké est bel et bien un spécialiste.

*Il passe aux communications.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** précise que le nombre de commissions n'évolue pas et reste à 16. Elles sont ouvertes aux citoyens.

*Jerry Hartung a aussi besoin de connaître les souhaits des différents partis concernant la répartition dans les commissions. Il leur demande de lui fournir une personne de contact.*

*Déifferdeng, eng Stad hëlleft, un projet soutenant les associations caritatives, sera poursuivi. Les personnes voulant faire partie du groupe de travail choisissant les associations à subventionner peuvent envoyer un courriel à Jerry Hartung.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** annonce deux questions.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** répond qu'elles pourront être posées à la fin de la séance. Madame Pregno pourra le lui rappeler s'il devait oublier. Il suppose qu'il va commettre

## 2. Premiers discours

*quelques erreurs aujourd'hui et demande aux conseillers communaux de ne pas se montrer trop sévères.*

**ERIC CILLIEN (DP)** a lui aussi une question.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** en prend note.

*Il passe à l'ordre du jour. Le collègue échevinal s'est demandé s'il fallait donner la parole uniquement aux nouveaux conseillers communaux. Mais finalement, il a décidé de faire un tour de table pour que chacun puisse dévoiler quelques détails.*

*Il cède la parole à monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** félicite le nouveau collègue échevinal. Il remercie ensuite les citoyens qui ont accordé leur confiance au Parti démocrate.

*François Meisch est un Differdangeois pure souche. Il a grandi dans le centre de Differdange. Ses parents étaient commerçants. Il a un frère aimé et un frère cadet.*

*Il a passé son bac à Esch avant de réussir son examen de l'État.*

*Il a ensuite travaillé pendant sept ans à Differdange en tant que chargé de cours et chargé de direction. Pendant 12 ans, il a été chef du département culturel de la Ville de Differdange, coordinateur du centenaire et président du Comité des fêtes.*

*Il a achevé sa formation de secrétaire communal et travaille actuellement comme fonctionnaire communal dans la carrière A.*

*Il est issu d'une famille investie dans la politique, qui s'est toujours engagée pour le bien de Differdange et de ses citoyens. Il est normal de s'engager pour sa ville et ses associations. Chez les Meisch, le virus politique est passé d'une génération à l'autre.*

*À l'âge de 19 ans, François Meisch a relancé la section des jeunes démocrates. Ensuite, il a été membre des comités régionaux et nationaux. Il a notamment été vice-président de la jeunesse démocrate sous Xavier Bettel.*

*François Meisch est porte-parole du DP à Differdange depuis six ans.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Mir hunn dat opgeschriwwen. Op déi komme mer um Schluss vun der Sitzung. Ech schreiwe mer et op. Wann ech et sollt vergiessen, da musst Der e klenge Rappel maachen. Et si warscheinlech nach aner Feeler, déi ech haut maachen, dofir sidd net ze streng mat mer, da wäerte mer dat heite schonn iwwert d'Bün kréien.

Här Cillien.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Dierf ech och eng Fro umellen, wannechgelift?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Selbstverständlech.

Da kéime mer zum zweete Punkt vum Ordre du jour. D'Detailer hutt Der kritt. Fir dat Ganzt zäitlech e bëssen am Rahmen ze halen, huet jiddwereen e Limitt un Zäit. Et ass mer awer wichtig – et war ee Moment am Schäfferot diskutéiert ginn, ob mer just deenen Neien d'Méiglechkeet solle ginn, sech virzestellen. Letzendlech si mer zum Konsens komm, dass et besser wier, en Tour de table ze maachen. Déi Nei sinn nei an déi Al sinn déi Al, mee déi Al sinn och déi Nei fir déi Nei. Dass awer jiddweree ka vun deem aneren e bëssen d'Detailer gewuer ginn. Well mer wëlle jo awer eng länger Zäit zesumme schaffen. Do ass dat eng besser Saach, fanne ech.

Ech géif d'Wuert un de Meisch Fränz gi fir ze starte mat senger Virstellung. Här Meisch, et ass un Iech.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dräi Minutten! Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll dervu profitéieren, fir dem neie Schäfferot ze gratuléiere fir hir Vereedegung. Dat a mengem Numm an am Numm vun der Demokratescher Partei hei vun Déifferdeng. Da wëll ech de Biergerinnen an de Bierger, déi der DP

hiert Vertraue geschenkt hunn, villmools Merci soen.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, mech kuerz virzestellen, wéi dat gefrot ginn ass: Gewunnt hunn ech mäi ganz Liewe bis haut an der Gemeng Déifferdeng. Opgewuess sinn ech am Déifferdenger Zentrum, als Jong vun enger Geschäftsfamill, als Mëttere vun dräi Bridder. An d'Primärschoul sinn ech an den Déifferdenger Zentrum gaangen. Mäin Abitur, Sektion Economie, hunn ech zu Esch gemaach. Hunn de Staats- a Gemengenexamen erfollegräich hantert mech bruecht.

Nodeems ech siwe Joer zu Déifferdeng als Chargé de cours an als Chargé de direction am Enseignement aktiv war, sinn ech an d'Verwaltung vun der Gemeng gewiesselt. War dunn zwielef Joer Chef vum Département culturel, während där Zäit och Coordinateur vum Centenaire vun der Stad Déifferdeng, laangjäreg President vum Comité des Fêtes an hunn, ënner villem aneren, de Blues Express an d'Blueschoul matinitiéiert.

Ueschléissend hunn ech d'Formation als Gemengesekretär mat Succès ofgeschloss a schaffen aktuell als Fonctionnaire communal an der Karriär A.

Ech sinn an enger politescher Famill opgewuess. Meng ganz Famill huet sech ëmmer fir d'Stad Déifferdeng an hir Biergerinnen a Bierger agesat a wäert dat och weider maachen.

Fir eis ass et selbstverständlech, sech fir Déifferdeng ze engagéieren, ob op politeschem Niveau wéi an de lokale Veräiner. Ech kann et nëmme begréissen, wann de politesche Virus op eng nei Generatioun iwwergeet. Leider gëtt et dat ëmmer manner.

Am Alter vun 19 Joer hunn ech d'JDL-Sektion, d'Jugend vun der d'Demokratescher Partei, matrelanciéiert. Duerch sinn ech duerch déi regional an national Parteigremie gaangen, war, ënner anerem, nationale Vizepresident vun eiser Jugend, deemools ënner dem President Xavier Bettel.

Déi lescht sechs Joer war ech hei am Gemengerot eise Fraktionsspriecher.

## 2. Premiers discours

Nach ëmmer war ech e Veräinsmënsch. Am Alter vun aacht Joer hunn ech an der Déifferdenger Stad Musek ugefaangen. D'musikalesch Ausbildung hunn ech am Escher an am Stater Conservatoire ofgeschloss. Wäit iwwer 1.500 Concerten an de verschiddenste Beräicher hu sech ugesammelt. Dat a Blues Bands wéi First H oder Blues, Women and Whiskey a Big Bands wéi Opus 78 oder Harmonie wéi der Déifferdenger Stadmusik oder als Solist mat der Militärmusek. Virun allem war ech jorelaang mat Danzorchestere wéi de Baby Chams an der ganzer Groussregioun ënnerwee. Bis haut spillen d'Musek an d'Kultur fir mech eng wichteg Roll a mengem Liewen.

Bal 20 Joer war ech an den Déifferdenger Scouten aktiv, hunn onvergesslech Momenter erliewe kënnen.

Sportlech war ech haaptsächlech am Fussball aktiv, mat méi oder manner Succès. Mat néng Joer bei de Red Boys um Thillebierg ugefaangen, spéider an den AS Déifferdeng an no der Fusioun an den FC Déifferdeng 03. Dem Fussball sinn ech als Stadionspriecher vum FC Déifferdeng 03 erhale bliwwen. Dat maachen ech mëttlerweil säit 20 Joer.

A mengen haaptpoliteschen Interesse spillt d'Kultur an d'Veräinsliewen eng grouss Roll. Speziell um Häerz läit mer d'Kreativwirtschaft mat haaptsächlech eisem 1535° Creative Hub. Geschwë schaffe méi Leit an deem Secteur wéi an der Stolindustrie.

Vill Gedanke maachen ech mer iwwer eisen ale Stadkär an d'Geschäftswelt, déi mer net däerfe sech selwer iwwerloossen. An Zukunft musse mer weider massiv Investitiounen tätegen, fir weider Aarbechtsplazen ze schafen an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage ze bekämpfen. Fir méi bezuelbare Wunnraum op Déifferdeng ze bréngen. Fir d'Moderniséierung an de Strukturwandel nohalteg weiderzedreiwen. Fir eng zäitgeméiss an ugepasste Sozial- a Bildungspolitik ze erméiglechen. Fir den Zesammenhalt vun eiser villfältiger Bevëlkerung ze stäerken. A fir alle Kanner a Jugendlechen ee gudde Start an d'Liewen ze erméiglechen.

Dofir stoung a steet d'Demokratesch Partei. An dofir wäert ech mech als Conseiller asetzen. Déifferdeng muss

weiderhin eng Stad bleiwen, wou et sech lount ze wunnen, an alle Beräicher an dat fir all Biergerin a Bierger, ob jonk oder al, Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger.

Meng Partei an ech wäerten eng konsequent awer fair Oppositionspolitik maachen. Opposition gehéiert an enger Demokratie derzou. Mir probéieren, konstruktiv a virun allem éierlech matzeschaffen. Mir wäerten eiser Kontrollfunktoun, wéi an der Vergaangenheet, gerecht ginn.

Och wann een net ëmmer enger Meinung ass, sollte mer eis ëmmer mat Respekt begéinen.

Fir ofzeschlësse wëll ech menger Famill Merci soe fir de Réckhalt an d'Ënnerstützung an alle Liewensberäicher. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Dräi Minutten!

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech felicitéieren dem Här Meisch fir deen exakten Timing, déi vill Informatiounen. Da géif ech d'Wuert viruginn un d'Madamm Da Silva Elisabeth fir hir Presentatioun. Merci.

---

### **ELISABETH DA SILVA (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen, léif alleguer, ech passe mech deem, wat de Fränz elo hei detailléiert gesot huet, un. Ech wäert mech e bësse méi kuerz faassen.

Fir unzufänke wollt ech soen, datt ech ganz houfreg a stolz sinn, elo kënnen dobäi ze sinn.

Wie sinn ech? Déi meescht kenne mech aus der Schoul, aus der École internationale vun Déifferdeng. Zanter aacht Joer schaffen ech an deser Stad, wou ech fir déi Jonk am Edukatiounsberäich déi Schoul matopgebaut hunn.

1973, als Kand vun der Immigratioun, a Portugal gebuer. Am Alter vun engem Joer sinn ech op Lëtzebuerg komm mat mengen Elteren a mengen dräi Bridder, wou ech am Norde vum Land groussgi sinn.

*Il est actif dans la musique depuis qu'il a 8 ans et a accumulé plus de 1500 concerts. La musique continue de jouer un rôle important dans sa vie.*

*Il a aussi été scout pendant vingt ans.*

*Il a joué au football pour les Red Boys, l'AS Differdange et le FC Differdange 03. Depuis, vingt ans, il est speaker du stade du FC Differdange.*

*En ce qui concerne la politique, François Meisch s'intéresse plus particulièrement à la culture, la vie associative et l'économie créative — et donc au 1535° Creative Hub. Il se dit inquiet pour le commerce dans le centre-ville.*

*Des investissements massifs sont nécessaires pour créer des emplois, construire des logements, moderniser la ville, adapter la politique sociale et éducative, renforcer la cohésion de la population et donner un bon départ dans la vie aux enfants et aux jeunes. Differdange doit rester une ville où il fait bon vivre pour tous les habitants.*

*Le DP pratiquera une politique d'opposition juste et constructive. Il appliquera aussi sa fonction de contrôle comme dans le passé. Les conseillers communaux ne sont pas toujours du même avis, mais ils doivent se traiter avec respect.*

*François Meisch conclut en remerciant sa famille pour son soutien. Il constate que ses trois minutes sont passées.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** le félicite d'avoir respecté le timing.

---

**ELISABETH DA SILVA (DP)** va se montrer brève. Elle se dit fière d'être conseillère communale à Differdange.

*Elle travaille depuis huit ans dans l'enseignement et a contribué à créer l'École internationale de Differdange.*

*Elle est née au Portugal en 1973. Lorsqu'elle avait un an, ses parents ont émigré au Luxembourg, où elle a grandi dans le nord du pays. Depuis toute petite, elle savait qu'elle voulait devenir enseignante et elle a finalement suivi des études pour être enseignante à l'école fondamentale. Elle est également professeure de français.*



## 2. Premiers discours

*Elisabeth Da Silva a travaillé huit ans au Luxembourg avant de devenir fonctionnaire détachée à Bruxelles et à Alicante. En 2014, elle a commencé à travailler pour le ministère de l'Éducation nationale dans le cadre de l'EIDE.*

*Elle vit à Differdange depuis huit ans et s'y sent très bien. Elle aime la musique et le sport. Elle se réjouit d'apprendre à connaître les autres conseillers communaux.*

**ERIC CILLIEN (DP)** se dit fier d'être à nouveau conseiller communal. Il remercie tous ceux qui lui ont accordé leur confiance.

*Eric Cillien est un instituteur passionné. Il a travaillé à l'école de Differdange-Centre, au Jenker, dans une école européenne à Bruxelles, à l'EIDE et finalement au ministère en tant qu'inspecteur des écoles européennes.*

*Eric Cillien répète qu'il est content d'être conseiller communal. Il s'engagera dans l'intérêt des citoyens et souhaite contribuer au développement de Differdange. Pour cela, il pratiquera une politique d'opposition constructive.*

*Le bourgmestre a donné un aperçu des priorités du collège échevinal. Il est curieux d'entendre les grandes lignes de la future politique differdangeoise. Il souhaite bonne chance au collège échevinal et lui promet de soutenir tous les projets qu'il jugera raisonnables et responsables, et qui seront dans l'intérêt de la commune. Sa mission consiste à contrôler et questionner les actions et les décisions de la majorité. Le cas échéant, il proposera des alternatives.*

*Eric Cillien compte défendre les intérêts de ceux qui ont voté pour lui et rapportera au conseil communal les doléances et les exigences des personnes qui s'adresseront à lui. Il veillera à ce que le dialogue soit constructif.*

Ech hu studéiert. Vun Ufank un, schon als Kand, war mer bewosst, datt ech wollt Enseignante ginn. Wat ech och gemaach hunn. Ech hu studéiert fir Grondschoul-Enseignante. Ech hu weider studéiert fir Franséischproff ze ginn. Aacht Joer hunn ech hei am Land geschafft, duerno war ech zwielef Joer an Europa ennerwee fir Lëtzebuerg, als detachéiert Fonctionnaire zu Bréissel an zu Alicante, wou ech eng Schoul matopgebaut hunn. Wou ech ganz vill Erfahrung gesammelt hunn, fir 2014 op den Educatiounsministère ze goen, fir eeben un deem heite Projet, dee kee Projet méi ass, ze schaffen.

Ech sinn net gebierteg vun Déifferdeng, wunnen awer zu Déifferdeng. Sinn och ganz frou dobäi ze sinn, zanter aacht Joer. Musek a Sport gi mer e Gläichgewicht. Ech freeë mech, Iech alleguerten an deenen nächste Méint perséinlech kennenzéieren an hoffen op eng ganz gutt Zesummenaarbecht. Merci.

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmools merci, Madamm Da Silva. Ech géif d'Wuert viruginn un den Här Eric Cillien.

### **ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, et fret mech an et erfëllt mech mat engem gewëssenen Houfert, erëm Member vum Déifferdenger Gemengerot ze sinn. Dofir géif ech op dëser Plaz gären dovunner profitéieren, fir all deene Leit Merci ze soen, déi mer hiert Vertraue geschenkt hunn.

Zu menger Persoun: Ech si Schoulmeeschter, Enseignant mat Leif a Séil. Maachen dat scho mäi Liewe laang. Hunn a ville Beräicher geschafft, ugefaangen am Primär hei zu Déifferdeng am Zentrum, duerno am LTMA um Jenker, duerno an der Europaschoul zu Bréissel fir e puer Joer, duerno hei an der EIDE an der Direktioun tätég, fir schlussendlech elo um Ministère weider menger Passioun un Europaschoulen nozegoen an do als Inspekter ze schaffen.

An elo sinn ech mat grousser Freed hei Member an dësem Gemengerot.

Ech si frou, an deenen nächste Joren op dëser Plaz d'Interête vun eise Bierger ze verrieden an dozou bäizedroen, datt Déifferdeng sech weiderhi positiv entwëckelt. An deem Sënn wäert et meng Prioritéit sinn, eng gutt an eng konstruktiv Oppositiouspolitik ze bedriewen.

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffchen. Här Buergermeeschter, Dir hutt schonn e klengen Abléck ginn an Är Prioritéiten. Ech si gespaant a freeë mech op Är Visioun fir eis Stad, op déi grouss Linnen, déi Der eis gläich wäert presentéieren. An ech wënschen Iech vu ganzem Häerzen eng glécklech Hand am Ëmsetze vun Ärem Koalitiounsprogramm.

Ech versécheren Iech, dass meng Fraktioun an ech Iech bei all deene Projeten, déi ons rasonabel a responsabel schéngen, bei allem, wat gutt fir eis Stad a gutt fir eis Bierger ass, ennerstëtze wäerten. Well ech si fest dovun iwwerzeegt, egal ob mer an der Majoritéit oder an der Oppositioun sinn, et ass eis Aufgab als Gemengepolitiker dofir ze suergen, eng Politik ze bedriewen, déi am Sënn vun eise Bierger ass an déi gutt fir eis Gemeng ass.

Dofir gesinn ech et ganz kloer als meng Aufgab, d'Handlungen, d'Entscheidungungen an d'Politik vun der Majoritéit ze kontrolléieren, ze hannerfroen a wann néideg a méiglech alternativ Virschléi ze maachen.

Ech wäert op dëser Plaz d'Meenungen an d'Interesse vun de Leit verrieden, déi mer hir Stëmm ginn hunn a wäert d'Bedenken an d'Fuerderunge vun eise Wieler a vun all deene Leit, déi mat Doleancë bei mech kommen, matdeelen an hir Interessen hei am Gemengerot verrieden. Dëst an engem konstruktiven Dialog mat alle Concernéierten.

Dir Dammen, Dir Hären aus dem Gemengerot, ech erënnere mech mat Freed u meng vireg Zäit hei am Gemengerot: Mir haten ëmmer eng positiv Sträitkultur. Jiddereen huet am Respekt seng Meenung duergeluecht a mir si gutt mateneen eens ginn, och wa mer net ëmmer enger Meenung waren. Ech



## 2. Premiers discours

hoffen a wënsche mer, datt dat weiderhin esou wäert sinn, an datt mer zesummen eis Stad no vir bréngen. Op eng gutt Zesummenaarbecht. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmoos merci. Ech ginn d'Wuert virun un de Paulo Aguiar.

---

### **PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci monsieur le bourgmestre, messieurs les échevins, mesdames et messieurs du conseil communal, je suis honoré de faire partie de cette assemblée aujourd'hui en tant que conseiller communal de la Ville de Differdange. Permettez-moi de partager avec vous mon parcours personnel, qui m'a conduit jusqu'ici :

Je suis arrivé au Luxembourg à 17 ans, provenant du Portugal – de Paços de Brandão pour être exact –, en 1994. En arrivant dans ce pays exceptionnel, j'ai eu une période de transition, au cours de laquelle j'ai dû m'habituer à un nouvel environnement, à une nouvelle culture, aux multiples langues et à de nouvelles personnes.

Depuis lors, j'ai trouvé ma place dans cette magnifique ville de Differdange, à laquelle je serai toujours reconnaissant. Je suis aussi reconnaissant envers nos électeurs pour leur confiance renouvelée, qui me permet de continuer à servir notre ville.

Au cours de ces dernières années, nous avons accompli des projets concrets qui ont un impact positif sur notre ville. Un des projets qui me tient personnellement à cœur est la création du service de la Jeunesse, qui a développé différents projets et notamment le Plan communal de jeunesse, qui suit son cours.

Nous avons investi dans nos jeunes, leur offrant des espaces surs et des opportunités pour s'épanouir.

Ce projet a contribué à renforcer le tissu social de notre ville et consiste à offrir de nouvelles perspectives à nos jeunes générations.

Un autre domaine sur lequel nous avons mis l'accent, est l'engagement en faveur du logement abordable et la mobilité. Nous avons travaillé sans relâche pour garantir que chaque citoyenne et citoyen aie accès à un logement décent et abordable. Favorisant ainsi une société plus équitable.

Parallèlement nous avons investi dans des solutions de transport durable en encourageant l'utilisation des transports en commun et des modes de déplacements doux. Ces actions contribuent à améliorer la qualité de vie de nos habitants et à réduire notre impact sur l'environnement.

La protection de l'environnement doit être une priorité absolue pour l'avenir de notre ville. Nous devons mettre en place des politiques écologiques ambitieuses et surtout travailler sans relâche pour atteindre des objectifs fixes envisageant à préserver nos espaces naturels, à réduire notre empreinte carbone et à promouvoir les énergies renouvelables.

En agissant de manière responsable envers notre environnement, nous construisons un avenir durable pour les générations à venir.

Le vivre ensemble est un pilier essentiel dans ma vision politique. Je crois une ville où chacun est respecté et valorisé quelque soient ses origines, sa culture ou sa situation sociale. En encourageant la diversité et en favorisant l'inclusion, nous renforçons le tissu social de notre ville. Des projets interculturels, des initiatives éducatives et des actions de sensibilisations devraient être mises en place pour créer des ponts entre les différentes communautés présentes à Differdange. C'est en travaillant main dans la main que nous construisons une ville où chacun peut s'épanouir.

En conclusion, chers collègues, j'ai pleinement confiance en la capacité de notre équipe à faire progresser l'ensemble des valeurs telles que la tolérance, le respect, la diversité culturelle, l'inclusion sociale, le dialogue et communication, l'égalité des droits, la solidarité, l'entraide, la durabilité et le respect de l'environnement.

*Eric Cillien se souvient du temps qu'il a déjà passé au sein du conseil communal. Les disputes étaient toujours positives. Chacun faisait preuve de respect. Il espère que cela continuera ainsi dans le but de faire avancer la ville.*

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** est honoré de faire partie du conseil communal. Il souhaite partager son parcours personnel.

*Il est arrivé du Portugal à l'âge de 17 ans en 1994. Il lui a fallu du temps pour s'habituer à un nouvel environnement, une nouvelle culture, de nouvelles langues et de nouvelles personnes. Désormais, il a trouvé sa place dans la magnifique ville de Differdange et remercie tous ceux qui lui ont renouvelé leur confiance.*

*Au cours des dernières années, la commune a réalisé beaucoup de projets. La création du service de la Jeunesse lui tient particulièrement à cœur. La commune a investi dans les jeunes en leur mettant à disposition des endroits surs et en leur offrant des opportunités pour s'épanouir. Cela a permis d'offrir de nouvelles perspectives aux jeunes générations.*

*Paulo Aguiar s'est aussi investi pour la création de logements abordables. La commune a travaillé sans relâche pour garantir à chaque citoyen l'accès à un logement décent.*

*La commune a aussi encouragé le recours aux transports en commun et fait la promotion de la mobilité douce afin d'améliorer la qualité de vie et diminuer l'impact sur l'environnement.*

*Il est essentiel de mettre en place des politiques écologiques ambitieuses pour préserver les espaces naturels et réduire les émissions de carbone. C'est ce qui permettra de construire un avenir durable pour les générations à venir.*

*Le vivre ensemble est un pilier essentiel de la politique de Paulo Aguiar. Chacun doit être respecté et valorisé. Paulo Aguiar souligne l'importance des projets interculturels, des initiatives éducatives et des actions de sensibilisation.*

*Il estime que le conseil communal réussira à faire progresser des valeurs comme la tolérance, le res-*

## 2. Premiers discours

*pect, la diversité, l'inclusion, le dialogue, l'égalité des droits, la solidarité, l'entraide, la durabilité et l'environnement. Il encourage le collègue échevinal à promouvoir la participation citoyenne, car les objectifs communs se réalisent ensemble.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** a 39 ans, elle habite à Niederkorn, est maman de 2 petites filles et enseigne la géographie.

*Elle fait partie des écologistes depuis qu'elle a 18 ans — d'abord à Sanem, puis à Differdange.*

*Lors de la dernière période législative, elle a été échevine à l'enseignement, l'accompagnement des enfants, l'égalité des chances, la jeunesse, l'urbanisme, la mobilité et l'écologie. Désormais, elle est conseillère communale.*

*Laura Pregno compte s'investir pour les valeurs écologiques comme la protection de l'environnement et de la planète. Elle espère que les jalons jetés ces dernières années ne seront pas supprimés par la nouvelle coalition. De toute façon, il s'agit d'une question égoïste. La nature n'a pas besoin de nous, mais nous avons besoin de la nature. Les écologistes se montreront critiques, mais constructifs. Ils souhaitent pratiquer une politique d'opposition, mais constructive. Ils ne diront pas non à tout, mais avanceront des arguments et feront des propositions pour que le non se transforme en oui.*

*En tant qu'écologiste et femme d'origine italienne, elle s'étonne de la composition du collège échevinal. Elle n'a pas l'impression qu'elle reflète la multiculturalité et la diversité de Differdange. Elle espère cependant que le collègue échevinal prendra des décisions justes pour tous les Differdangeois. S'il arrive à réaliser tout ce qu'il a promis — y compris un vélo pour tous les enfants de quatre à sept ans —, les écologistes le soutiendront.*

*Laura Pregno continue de s'étonner qu'aucune femme ne soit représentée dans le club du collègue échevinal.*

---

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** a 56 ans, est mariée et est mère de deux garçons. Elle est aide-soignante et travaille depuis 37 ans au

J'encourage également le nouveau Schäfferot à inviter activement nos citoyens à participer à la vie politique de notre ville, car c'est ensemble que nous pourrions réaliser nos objectifs communs. Travaillant main dans la main pour bâtir un avenir meilleur pour tous. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmools merci, Här Aguiar. Ech ginn d'Wuert un d'Madamm Laura Pregno.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Nolauschterer, mäin Numm ass Laura Pregno. Fir déi, déi mech nach net kennen, ech sinn 39 Joer al, wunnen zu Nidderkuer, si gepacst, Mamm vun zwee klenge Meedercher an als Beruff sinn ech Geosproff.

Zënter, dass ech 18 Joer al sinn, sinn ech bei deene Gréngen engagéiert. Als Éischt zu Suessem an zënter enger Rei Joren zu Déifferdeng.

Während der leschter Legislaturperiode war ech Schäffen, als Éischt an de Ressorte Schoul, Maison relais, Égalité des chances a Jugend, an nom Congé de maternité suivi vun engem Congé parental am Urbanismus, der Mobilitéit an der Ekologie. Ab elo sinn ech Conseillère fir déi Gréng hei am Gemengerot.

Ech wäert mech weiderhin asetze fir déi Valeuren, déi eis als Gréng wichtig sinn. Dat ass virun allem de Schutz vun eiser Ëmwelt an eisem Planéit. Ech hoffen, dass déi Weichen, déi déi lescht Joren ënner grénger Leedung hei zu Déifferdeng an déi Richtung gestallt goufen, net vun der neier Koalitioun ewechradéiert ginn. Mee dass Dir et als Opportunitéit huelt an esou gesitt, an deem Sënn weiderzeschaffen.

Och wann deen eenzege Grond den Egoismus ass, well d'Natur brauch de Mënsch net, awer de Mënsch d'Natur. Esou brauche mir de Planéit fir eist pure-et-duret Iwwerliewen.

An deem Sënn hoffen ech, dass mir weiderhin op eng gutt Zesummenaarbecht – a warscheinlech oft ganz kritesch, mee dat ass jo d'Aarbecht an der Oppositoun – ziele kënnen.

Mir wëllen allerdéngs, wéi och meng Virriedner et soten, eng fair Oppositoun maachen. Wou et net nëmmen drëms geet, nee ze soen, mee och déi néideg Argumenter ze avancéieren a Virschléi ze maachen, wéi aus engem Nee da kéint ee Jo ginn.

Als Gréngen, an doriwwer eraus nach als Fra, an dann nach mat italieeneschen Origininen, sinn ech ganz erstaunt iwwert d'Besetzung vun eisem neie Schäfferot. Ech kann et einfach net net soen, deen ass wierklech e Spigelbild vun eiser multikultureller, diverser a generatiounsiwwergräifender Gesellschaft. Ech hoffen, dass Dir et dann awer fäerdegbréngt, Entscheedunge fir all Déifferdenger, ob jonk, al, schwaarz, wäiss, giel, rout, Fra, Mann oder Divers, kënnen fair ze huelen.

A wann Dir et fäerdegbréngt, alles dat ëmzesetzen, wat Dir de Leit dobausse versprach hutt, inklusiv dem Vëlo fir all Kand tëschent véier a siwe Joer, Dir Hären, dann ass et ganz gutt geschafft fir Déifferdeng an da si mir gären dobäi. Dorëms geet et jo am Endeffekt. An da wäert ech mech awer weiderhin dru stoussen, dass wierklech keng Fra an dësem Club, dem Schäfferot, vertrueden ass. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, fir déi ganz flott Presentatioun. Ech ginn d'Wuert un d'Madamm Schütz Manon.

---

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Gudde Moien, Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen. Gudde Moien alleguer, mäin Numm ass Schütz Manon, 56 Joer, bestuet a Mamm vun zwee erwuessene Jongen. Mäi Beruff ass Aide-soignante, schaffen zanter 37 Joer am CHEM zu Esch a vun 1995 un am Service Urologie/Gynekologie.

## 2. Premiers discours

Ech war sechs Joer als Elterevertriederin an der Schoullkommissioun a sinn eigentlech doduerch an d'Politik komm. Hei am Gemengerot sinn ech nei derbäi, sinn awer zanter 2017 bei deene Gréngen zu Déifferdeng. 2020 hunn ech de Posten als Kopresidentin vun eiser Sektoun ugetrudelt.

An der Senioren-, Chancëgläichheits-, Schoul- a Logementskommissioun war ech Member an hoffen, dass eis Kommissioun weiderhin esou gutt, vun der Koalitioun wéi vun der Oppositioun aus, wat den Här Hartung eis elo just gesot huet, fonctionnéiere wéi dat bis elo de Fall war.

Meng Wäerter si genau déiselwecht wéi déi, déi mir bei eis Gréng vertrieeden. Dës sinn: eis Ëmwelt, eise Planéit – well mir hu just een zur Verfügung –, Chancëgläichheet an alle Beräicher, Transparenz an en Zesummeliewe mat Respekt vu jidder eenzelen. A genau dat sinn och meng Erwaardungen un eisen neie Schaffen- a Gemengerot. Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmools merci. D'Wuert geet un de Gary Diderich, fir sech virzestellen. Här Diderich, et ass un Iech.

---

### **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. ILéif Kolleegeinnen a Kolleegeen aus dem Gemengerot, léiwe Schäfferot, haut trieden ech da fir déi drëtte Kéier ee Mandat an eise Dëifferdenger Gemengerot un. Nach ni hat ech dofir esou vill Stëmme am Réck. Fir déi Unerkennung vun de Wieler soen ech e grouse Merci, dass déi Aarbecht an deen Asaz, deen eis ganz Ekipp, den Eric och déi lescht dräi Joer hei am Gemengerot an ech selwer virdrun, konnt leeschten a mat vill Freed an Asaz bruecht hunn.

Merci un déi ganz Ekipp och vun déi Lénk, wat eng ganz verjéngten Ekipp ass, ganz international a mat ville Fraen, déi sech engagieren. Mir si ganz frou, dass mer an dräi Joer hei de Gemengerot wäerte mat enger Fra verstärken, wou d'Fio Spada dann hei

d'Mandat iwwerhuele wäert fir déi Lénk.

Zu mir selwer: Ech si Papp vun zwee Kanner. Deen Eelsten erlieft säi leschten Dag an der Primärschoul a wäert dann déi Transitioun an de Lycée geschwë maachen. Sinn 1982 gebuer, hunn d'lescht Joer d'Transitioun zum 40. Liewensjoer maache missen, sinn hei zu Déifferdeng am Zentrum an d'Schoul gaangen an opgewuess. Ech war an ech sinn nach ëmmer e Veräinsmensch. An der Vergaangenheet méi am Sport, AS Déifferdeng an Enfants de la Chiers Oberkorn, also am Turnveräin oder am Schwammclub vun Déifferdeng, wéi och an den Déifferdenger Theaterfrënn.

Mat 15 Joer hunn ech d'politescht Veräinsliewen ugefaange bei Jeunes et Environnement, der Jugend vum Mouvement écologique. Déi 1999 zu LIFE ginn ass, a wou mer een, zwee Joer drop eng Klimawett gemaach hu mam Jean-Claude Juncker, awer och europawäit mat der EU-Kommissarin Malmström a gesot hunn als Schüler, dass mer méi schnell CO2 aspuere wäerte wéi d'politesch Responsabel dat bis dato versprach haten.

Punkto Klima war deemools scho gewosst, wou mer histeieren, awer nach net an der politescher Conscience present.

Domadder hunn ech mech net zefridde ginn, ech hu mech op verschiddene Plazen engagéiert, Saachen initiéiert, den Infoladen an der Kulturfabrik 2001, d'Zeitung Quesch 2002, wou mer véiermol am Joer zu politeschen Theemen eng Zeitung erausbruecht hu mat enger CD dobäi, déi 2010 mat der Gebuert vu mengem Bouf, leider huet mussen agestallt ginn.

2002 hunn ech d'4motion ASBL matgegrennt, déi de Slogan dréit: „Education for social change“, wou mer duerch d'non-formal Bildung eng ganz Rei Saachen a Beweegung gesat hunn an zäitweis bis zu 15 Leit agestallt haten.

2017 sinn ech selwer en neie berufflechen Challenge ugaangen, haut sinn ech do just nach am Conseil d'administration. Do schaffen awer nach ëmmer fënnel Persounen.

CHEM à Esch en urologie et gynécologie.

*Pendant six ans, elle a été représentante des parents d'élèves au sein de la Commission scolaire et c'est ainsi qu'elle a pris gout à la politique.*

*Elle fait partie de déi gréng Differdange depuis 2017. En 2020, elle est devenue coprésidente de la section. Elle a été membre de la Commission des séniors, de la Commission à l'égalité des chances, de la Commission scolaire et de la Commission du logement.*

*Manon Schütz a les mêmes valeurs que les autres écologistes: l'environnement, la planète, l'égalité des chances, la transparence et le vivre ensemble. Ce sont les priorités qu'elle s'attend du collège échevinal.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** est conseiller communal pour la troisième fois. Jamais il n'avait obtenu autant de voix. Il remercie toute l'équipe de déi Lénk pour le travail réalisé au cours des dernières années. La nouvelle équipe de déi Lénk est jeune et internationale, et elle comprend de nombreuses femmes. Gary Diderich annonce d'ailleurs que dans trois ans, son mandat sera repris par une femme, Fio Spada.

*Gary Diderich est le père de deux enfants. Il est né en 1982 et a fréquenté l'école de Differdange-Centre. Il s'intéresse à la vie associative et a longtemps fait du sport — au sein de l'AS Differdange, du club de gymnastique et du club de natation. Il fait aussi partie des Déifferdenger Theaterfrënn.*

*Il est entré dans la politique à 15 ans auprès du Mouvement écologique. Deux ans plus tard, le mouvement a lancé un pari à Jean-Claude Juncker et à la commissaire de l'Union européenne: les élèves réussiraient à diminuer les émissions de CO<sub>2</sub> plus vite que les responsables politiques. À l'époque, le problème du climat était donc déjà clair.*

*Gary Diderich s'est ensuite engagé dans différents projets comme l'Infoladen, la Kulturfabrik et le journal Quesch.*

*En 2002, il a cofondé 4motion ASBL avec comme slogan Educa-*



## 2. Premiers discours

*tion for social change. L'ASBL engageait jusqu'à 15 personnes. En 2017, Gary Diderich a changé de profession, mais est resté membre du conseil d'administration. L'ASBL compte encore cinq personnes.*

*Avec la Jeunesse pour la paix et la justice, il a protesté contre la guerre en Afghanistan et la guerre en Irak. Il a quitté l'école en 2000 et est allé vivre en communauté. C'est de là que vient son intérêt pour les formes de logement alternatives et c'est ce qui l'a poussé à s'engager au lieu d'aller à l'école. Entretemps, il a suivi des études de philosophie. En 2009, il a participé aux élections législatives et depuis 2016, il est un des porte-paroles de déi Lénk.*

*Avec l'organisation Life, il a lancé un projet de logement communautaire où vivent 300 personnes dans 50 maisons. Cinq maisons supplémentaires vont s'ajouter cette année. L'organisation a aussi lancé un projet d'aide aux bénéficiaires du Revis, qui peuvent travailler dans le domaine de l'assainissement énergétique des maisons. Dix-sept personnes y travaillent, mais c'est loin d'être suffisant.*

*Actuellement, Gary Diderich est conseiller à l'intégration et encadre des communes.*

*Parmi ses priorités figurent le logement, le climat, le vivre ensemble interculturel et la justice sociale. Il souhaite que les enfants et les jeunes jouissent de bonnes perspectives.*

*Il s'excuse d'avoir dépassé le temps imparti.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** le remercie d'avoir réagi à son signe de la main et demande aux conseillers de se tenir aux règles. Autrement, il devra distribuer des cartons jaunes.

---

**MORGAN ENGEL (PIRATEN)** a 25 ans et habite à Differdange depuis 13 ans. Elle remercie ses électeurs et félicite les élus.

*Depuis quelques années, elle avait envie de s'engager dans la politique. Elle fait partie des Pirates depuis 2020 et a décidé de cofonder une section à Differdange.*

*Les Pirates sont une équipe de jeunes s'engageant pour la transpa-*

Am aktivistesche Beräich war ech engagéiert an der Jugend fir Fridden a Gerechtegkeet, wou mer géint den Afghanistan- an den Irakkriich dausende vu Leit op d'Strooss kritt hunn, zesumme mat aneren aus der Friddensbewegung.

Ëm 2000 hat ech opgehale mat der Schoul a si relativ fréi an eng WG wunne gaangen, wou ech alternativ Liewensmodeller, Wunnformen exploréiere konnt, eebe wéinst der Klimawett. Hunn am Fong decidéiert, léiwer do mäin Asaz ze bréngé wéi an der Schoul zu där Zäit. D'Schoul hunn ech nogeholl a Philo studéiert.

2009, während mengem Erasmus zu Barcelona, hunn ech ugefaangen, mech parteipolitesch ze engagéiere bei déi Lénk a sinn och mat an d'Chamberwale gaangen. Zënter 2016 sinn ech Kospriecher vun déi Lénk. 2019 hunn ech mat LIFE, déi Organisatioun an där ech virdrun aktivistesch ënnerwee war, de WG-Projet lancéiert, wou elo 300 Leit an iwwer 50 Haiser en Daach iwwert dem Kapp fonnt hunn, dee bezuelbar ass a wou mir d'Joer nach op fënnf Haiser wäerte kommen, déi mer dem spekulativen Immobiliemarké entzéien.

Mir hunn och e Projet lancéiert, fir zéng Mënschen, déi am Moment op de Revis ugewise sinn, meeschtens Bénéficiaires de protection internationale, eng Aarbecht ze erméiglechen. An zwar eng, déi fir d'energetesch Sanéierung vun den Haiser an domat och zum Schutz vum Klima wäert bäidroen. 17 Leit schaffen am Moment do. De Besoin ass awer nach vill méi grouss, well mer all wëssen, wéi et mam Logement ausgesäit.

Berufflech sinn ech zënter engem Joer als Integratiounsberoder aktiv, wou ech d'Gemenge begleeden, fir iwwer participativ Prozesser d'Leit mat an dat interkulturellt Zesummeliewe vun der Gemeng matzehuelen a matzegestalten.

Dir hutt et verstanen, meng Prioritéite sinn: Logement, Klima, interkulturellt Zesummeliewen an domadder och ganz explizitt, dass keng Diskriminatioone géint iergendwellech Facteure géint een, deen anere gemaach ginn, a sozial Gerechtegkeet. Ganz wichteg ass fir mech, dass d'Kanner an déi Jonk eng

gutt Zukunft kréien. Pardon fir d'Iwwerschreide vun der Zäit!

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Ech si frou, dass Der direkt reagéiert hutt op mäi klengt Handzeechen. Aus Respekt zu deenen anere Kolleegen a Kolleeginnen, déi heibanne sëtzen, wär ech frou, wa jiddweree sech un d'Reegelen hale géif. Wann d'Reegelen agehale ginn, kritt een am mannste giel Kaarten. Ech géif d'Wuert viruginn un d'Madamm Engel. Merci.

---

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech géif gäre jidderengem gudder Moie soen a mech kuerz virstellen: Mäin Numm ass Engel Morgan, si 25 Joer al a wunnen an der Gemeng Déifferdeng säit 13 Joer.

Als Alleréischt wéilt ech jidderengem Merci soen, dee mer d'Joer erméiglecht huet an Iech alleguerte gratuléieren.

Säit e puer Joer ass mir opgefall, dass ech mech politesch engagéiere wéilt. Dofir sinn ech säit 2020 bei de Piraten aktiv. Ech hu geduecht, vläicht zu der Gemeng Déifferdeng eppes kënne bäizedroen. Dunn hu mer mam Marc gekuckt, eng Sektioen zu Déifferdeng ze grënnen. Dat huet formidabel geklappt. Mir sinn eng jonk an dynamesch Ekipp, sti fir Transparenz a gerecht Léisungen. Ënner anerem hu mir immens grouss Ambitiounen an hoffen op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht.

Säit 2017 schaffen ech bei Proximus Lëtzebuerg, an Zesummenaarbecht mat der Police, Police Judiciaire a mam Ministère de l'État, mat den Ordonnanzen, wat d'Kriminalitéit a Lëtzebuerg wéi am Ausland betrëfft.

Ech wéilt Iech alleguerte Merci soen.

## 2. Premiers discours

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmools merci fir déi léif Wierder. Ech géif d'Wuert viruginn un d'Madamm Ceman Emina, wannechgelift.

---

### **EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegeinnen a Kolleege, fir d'éischt wëll ech all de Wielerinnen a Wieler villmoos Merci soen, déi d'CSV a mech gewielt hunn. Merci all deene Leit, déi meng Partei doduerch gestärkt hunn. Ech soe Merci, dass ech d'Méiglechkeet kritt hunn, als Gemengeconseillère am Gemengerot ze sätzen an d'CSV ze verrieden.

Et ass eng grouss Éier, hei ze sätzen an eng ganz nei Erfahrung. Et ass awer och eng ganz grouss Verantwortung, virun där ech ganz grouse Respekt hunn a wäert alles maachen, fir se ze assuméieren. Ech wäert mäi Bescht ginn, dass d'Stad Déifferdeng sech weiderentwéckelt. Ech denken, dass mer dat zesammen hikréien. An deem Sënn wëll ech dem neie Schäffen- a Gemengerot gratuléieren a vill Gléck wënschen.

Vu dass ech nei am Gemengerot sinn, stellen ech mech vir: Mäin Numm ass Emina Ceman, 28 Joer al, Jonggesell, vu Beruff Sozialaarbechterin a wunnen zanter 20 Joer zu Déifferdeng.

Duerch mäi Beruff als Assistante sociale läit mir Soziales besonnesch um Häerz, awer och d'Senioren, well ech virdrun am Senioreberäich geschafft hunn, an d'Kanner, well d'Kanner eis Zukunft sinn. A Sport. Dat sinn Theemen, déi mir immens wichteg sinn.

Dräi an halleft Joer hunn ech fir d'Gemeng Déifferdeng geschafft am Service Senior Plus als Assistante sociale, wou ech elo leider hu mussen ophalen.

D'Zil ass et, d'Liewensqualität an eiser Gemeng an allen Hisiichten ze verbesseren. All Déifferdengerin an Déifferdenger soll déi selwecht Chancen hunn a sech sécher a wuelfillen.

Do, wou akuten Handlungsbedarf bes-teet, wéi zum Beispill Problemer am bezuelbare Wunnensraum, Problemer am Stroosseverkéier, Drogeproblema-

tik an esou weider, soll séier gehandelt an natierlech eng sozialgerecht Politik gefouert ginn.

Ee leschte Saz: Ech wënsche mer hei am Gemengerot eng gutt Zesummenaarbecht a géigesäitege Respekt. Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Och Iech villmoos Merci. Ech géif d'Wuert viruginn un den Här Tempels Guy.

---

### **GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, fir d'éischt wëll ech Merci soe menger Famill doheem, dem Nadine a meng Bouwen, déi mech net allze oft gesinn, well ech oft fort sinn oder a mengem politesche Mandat ënnerwee sinn.

Wéilt och Merci soen all de Wieler, déi mer hiert Vertraue geschenkt hunn. Ech war houfreg, als Zweetgewielten op eiser Lëscht no vir ze goen.

Entschëllegt, oder ech wëll mech rechtfäerdigen, dass ech de Schäffeposten net unhuele konnt, well et mat mengem Betrib als Bauer net ëmmer méiglech ass, no engem Kalenner ze schaffen. Soudass ech déi Positioun eeben net unhuele konnt.

Et war déi richteg Entscheidung, no kuerzer Iwwerleeung oder längerer Iwwerleeung, dem Kolleeg Jerry, deen héichmotivéiert ass, de Posten als Schäffen unzegoen, déi Positioun ze iwwerginn. Ech wäert mech awer weiderhin als Member hei am Gemengerot engagéieren. Et ass dat, wat ech gäre maachen an och gutt hikréien.

Ech wäert weider Fraktiounsspriecher si vun der CSV-Fraktioun, ech wäert d'Ëmweltkommissioun iwwerhuelen a Member am Ëmweltpakt bleiwen.

Déi meescht kenne mech, ech brauch mech net laang virzustellen, sinn de Bauer Guy vun Uewerkuer, 1971 gebuer, war ganz fréi doheem aktiv gewiescht, hunn eng Zäit zu Uewerkuer am Turnveräi geturnt, hat awer

rence et la justice. Ils ont de grandes ambitions et souhaitent une collaboration constructive.

Depuis 2017, Morgan Engel travaille chez Proximus Luxembourg en collaboration avec la police, la police judiciaire et le ministère d'État.

---

**EMINA CEMAN (CSV)** remercie les électeurs ayant voté pour elle et le CSV. Elle se dit honorée de pouvoir être membre du conseil communal et de représenter le CSV. Elle est consciente des responsabilités qui l'attendent et fera son possible pour que Differdange se développe. Elle félicite le nouveau collègue échevinal et lui souhaite bonne chance.

Emina Ceman a 28 ans. Elle est célibataire, travaille comme assistante sociale et habite depuis vingt ans à Differdange. Ses domaines de prédilection sont le domaine social, les seniors, les enfants et le sport. Elle a travaillé pendant trois ans pour la Ville de Differdange au sein du service Senior Plus, qu'elle a dû quitter.

Elle souhaite améliorer la qualité de vie à Differdange. Les Differdangeois doivent se sentir à l'aise dans leur ville. Elle estime qu'il faut agir rapidement en matière de logement, de circulation et de lutte contre la drogue.

Elle espère que le conseil communal réussira à collaborer de manière constructive et dans le respect.

---

**GUY TEMPELS (CSV)** remercie tout d'abord sa famille, en particulier Nadine et les enfants, parce qu'il est souvent absent. Il remercie ensuite les électeurs pour la confiance qu'ils lui ont accordée. Il se dit fier d'avoir terminé deuxième sur la liste.

Guy Tempels s'excuse de ne pas avoir pu accepter le poste d'échevin, mais son travail en tant qu'agriculteur ne lui en laisse pas le temps. Il estime avoir pris la bonne décision en laissant le poste à son collègue Jerry. Il s'engagera quant à lui en tant que conseiller communal et continuera à être le porte-parole du CSV.

Guy Tempels est né en 1971. Il a été actif dans le club de gymnastique avant de s'inscrire à l'école

## 2. Premiers discours

*d'agriculture d'Ettelbruck pour devenir agriculteur.*

*En 1989, après ses études, il a repris la ferme familiale et continue d'y travailler aujourd'hui.*

*L'équipe du CSV est chouette et motivée. Elle veut accomplir beaucoup de choses.*

*Guy Tempels s'engagera plus spécifiquement pour l'écologie, la sécurité et la situation sur les routes. Le collègue échevinal a de nombreux projets qu'il s'agira de lancer.*

---

**MICHEL SCHEUREN (LSAP)** explique que pour lui, il s'agit d'une nouvelle expérience.

*Il est né en 1964 à Differdange et y a toujours vécu à l'exception du temps de ses études à l'étranger. Il travaille comme kinésithérapeute au Fousbann depuis au moins 25 ans. Il est actif auprès des Red Boys depuis 1976 comme joueur, puis comme kinésithérapeute et maintenant comme entraîneur. Il se spécialise dans le handball pour les jeunes et les femmes, et tient à rassurer les écologistes: il existe des hommes s'engageant pour les femmes. Michel Scheuren tient à promouvoir le sport auprès des femmes. C'est son dada.*

*Il s'intéresse aussi à l'écologie. Il voudrait aussi contribuer à améliorer la situation sur les routes, qui est catastrophique dans le centre de Differdange.*

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** a 28 ans et habite depuis toujours à Oberkorn. Elle a fait ses études à LUNEX et travaille depuis 2019 comme kinésithérapeute.

*Pendant ses études, elle a créé une entreprise: Foodtruck. Mais pendant la pandémie, elle a dû changer d'orientation et a créé une entreprise vendant des chaussettes luxembourgeoises: Dirty Socks.*

*Zenia Charlé est mariée et mère d'une petite fille de bientôt deux ans. Elle remercie sa famille pour son soutien.*

*Zenia Charlé pratique le karaté depuis qu'elle est petite. Elle a été active en tant que juge, arbitre, athlète, entraîneuse, membre du comité et vice-présidente.*

*Elle répète qu'elle a passé sa vie à Differdange et Oberkorn. À l'âge de neuf ans, elle est devenue*

opgehalen nodeems ech decidéiert hat, op Ettelbréck an d'Akerbauschoul ze goen, fir do meng Ausbildung ze maachen, fir Bauer ze ginn.

1989, kuerz nodeem ech aus der Akerbauschoul war, hat ech séier doheem missen de Betrib iwwerhuelen, wat ech haut mat groussem Engagement maachen.

Dat sinn déi Saachen, déi ech wollt soen. Et si Saachen, déi wichtig sinn. Mir hunn hei eng flott Ekippen zesammen. Et si ganz vill motivéiert Leit hei elo, déi vill beweegen wëllen. Selwer wäert ech mech fir d'Ëmwelt, d'Sécherheet an de moderate Verkéier asetzen. Ech mengen, do musse mer kucken, dass mer déi richteg Léisunge fannen, déi alleguerten nach opstinn. Mee et ass vill, mir souze vill beieneen. Mir hu Projeten, et ass munches an der Maach. A mir wäerten eis derfir asetzen, dass mer déi Saachen alleguerten op d'Schinn kréien. Ech soe Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Tempels, merci fir déi Erklärungen. Elo géif ech d'Wuert un den Här Scheuren Michel ginn.

---

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

Moien Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäfferot, Dir Dammen an Häre Conseilleren. Fir mech ass dat hei Neiland, dofir sinn ech nach e bëssen niewent mer.

Mäin Numm ass Scheuren Michel, 1964 zu Déifferdeng gebuer, hu mäi ganzt Liewen, mat klengen Episoden, wou ech am Ausland studéiert hunn, hei gelieft. Ech si selbststännege Kiné um Fousbann, op d'mannst scho 25 Joer, weess et net genau.

Mäin Hobby ass den Handball. Zënter 1976 sinn ech an de Red Boys täteg, fir d'éischt als Spiller, dunn als Kiné a säit engem Dose Joren als Trainer. Do hunn ech mech fir d'éischt vun der Jugend, elo op de Fraesport spezialiséiert. Fir déi Leit vun der grénger Partei ze berouegen: Et sinn och Männer, déi sech asetzen, dass d'Fraen d'selwecht behandelt gi wéi d'Männer. Dat ass e

bësse mäin Dada, ech muss et soen, wéi et ass. Dat heescht, ech wäert mech och dofir asetzen, dass d'Frae méi am Sport geféiert ginn, wéi dat bei de Männer de Fall ass.

Doniewent interesséieren ech mech vill fir d'Ëmwelt, dat interesséiert mech tatsächlech och. An de Verkéier an Déifferdeng. Do erwaarden ech mer Verbesserungen déi nächst Joren, well de Moment ass et eng Katastroph, wat am Zentrum lass ass.

Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Scheuren. Ech ginn de Mikro virun un d'Zenia Charlé, wannech gelift.

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Här Buergermeeschter, léif Schäffen, Conseilleren an all déi Leit, déi dobaussen nolauschteren, léif Press, mäin Numm ass Zenia Charlé, hunn 28 Joer, wunne säit ëmmer zu Uewerkuer, schaffe säit 2019 als Kiné an hunn zu Uewerkuer op der LU:NEX studéiert.

Während mengem Studium hunn ech meng eege Societéit gegrënnt. Et huet ugefaange mat engem Foodtruck, derno engem zweete Foodtruck. Während Corona hu mer eis missen eppes Besseres afale loosse an hunn eng Societéit mat geckege Lëtzebuergesche Strëmp, Dirty Socks, gegrënnt.

Mäi Mann ass Uewerkuerer, zesumme mat him hunn ech e klengt Meedchen, wat d'Joer zwee Joer kritt. Merci hinnen, fir hir ganz Ënnerstëtzung déi lescht Zäit, déi lescht Joren.

Vu Kand u sinn ech am Déifferdenger Karate-Veräin aktiv: Juge, Arbitter, Athleet, Trainer, Kommitteesmember a Vizepresidentin.

Wéi een aus menger Presentatioun vläicht eraushéiere kann, huet sech mäi ganzt Liewen zu Déifferdeng respektiv Uewerkuer ofgespillt. Viru genau 20 Joer, mat néng Joer, souz ech déi éischte Kéier an dësem Sall. Et war och e Gemengerot, mee de Kannergemenge-



## 2. Premiers discours

rot. Dorophon ass de Jugendgemeng-rot erfollegt.

Schonn deemools hu mir eis als Ekipp fir e bessert Déifferdeng agesat. Et sollt méi propper ginn, Hondsdreck ewech, d’Kanner sollte sech wueffillen zu Déifferdeng, jiddwereen, ob jonk oder al, sollt sech kënnen zu Déifferdeng fortbeweegen. Verschiddenes gouf ëmgesat, et koum en Diffbus, Agent-municipalle solle sech fir d’Propretéit asetzen. Themen, déi mer haut nach um Häerze leien.

Ech setze mech a fir eng propper Stad, an dat an allen Hisiichten: Propper Trottoiren, propper Parken, propper Bëscher an eng propper Loft.

Wichtig ass mir awer och, datt mer an enger Gemeng wunnen, wou Jonk wéi Al, verschidde Kulturen, verschidde Geschlechter sech wueffillen. Jiddereen, egal wéi ee sozialen Hannergrond een huet, soll an eiser Gesellschaft respektéiert an toleréiert ginn. Intergenerationell wéi och interkulturell Projete solle vun eiser Gemeng organiséiert a gefuerdert ginn.

Och an eistem leeschtungsorientéierte Schoulsystem soll et keng Grënn ginn, benodelegt Kanner hänken ze loossen. Déi Kanner muss een a jonkem Alter opfänken a mat Programmer, wéi zum Beispill gratis Nohëllef, ënnerstëtzen. Wichtig heibäi ass, d’Eltere matanzebannen.

Och ass et mer wichtig, de Kanner an der Jugend d’Politik méi no ze bréngen. Politik muss net langweilig sinn. D’Politiker sinn och net all d’selwecht, „déi déi dach souwisou just hir eegen Ziler verfollegen“. Nee, Politik ass a ka vill méi sinn, mee huet no baussen net ëmmer dee beschten Numm.

Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt mat politescher Opklärung vu Jonkem un nach vill méi an eiser Gesellschaft kann erreicht ginn. Aus deem einfache Grond, well net ëmmer all Generatioun an der Politik vertrueden ass. Déi verschidde Generatiounen hunn halt hir verschidde Problemer.

Hei schwätzen ech elo e konkreete Problem an eiser Gesellschaft un: de Logement. Mir liewe grad voll an enger Logementskris, wou Jonker sech net

emol méi annähernd en eegent Haus/ Appartement kënnen kafen, wa se net onbedéngt aus räichem Haus kommen. Oder se ierwe mussen, fir hiert Liewen onofhängeg gestalten ze kënnen. Dat ass e landeswäite Problem oder souguer nach doriwwer eraus, e Problem, dee mer alleguerte kennen. Mee mir, déi vun deenen Defien direkt betraff sinn, kënnen eis bei esou Themen einfach besser asetzen, well mir erliewe se.

Wat mäi politescht Engagement ugeet, hunn ech Aussoen héieren, wéi: „Du bass awer nach esou jonk, mungs de, dat wär eppes fir dech?“ Deene wëll ech alleguerten entgéinthalen: „D’Politik, haaptpolitesch a virun allem d’Gemeengepolitik, brauch jonk Leit.“

All deene Leit, déi mech den 11. Juni gewielt hunn, soen ech e ganz, ganz grouse Merci. Merci, fir hiert Vertrauen. Ech wäert alles maachen, fir Är Meenung hei ze verrieden. Un Erfahrung soll et jo am Fong net mangelen, schliisslech war ech jo scho virun zwanzeg Joer am Gemengerot.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi léif Wieder. Ech ginn de Mikro un den Erny Muller.

---

### **ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, fir d’éischt a mengem perséinlechen Numm, an och an deem vu menger Partei, wëll ech dem ganze Schäfferot felicitéiere fir hiert neit Amt. Ech wënschen hinne selbstverständlech och eng glécklech Hand, mee ech sinn iwwerzeegt, dass si alleguer, a wéi ech si perséinlech kennen, mat vollem Engagement a Kompetenz un déi Tâche eruginn. Ech hunn do absolutt keng Bedenken.

Iech alleguerten, Mandatairen aus dem Gemengerot, och meng Felicitatiounen, dass Der elo hei an der Ekipp mat dobäi sidd. Ech soen dat Positiivt emol: Et si vill Jonker hei, jo. Mee et sinn och vill Fraen hei. Ech weess net, ob mer schonn eng Kéier esou vill Fraen ...

(Ënnerbriechung)

*membre du conseil communal des enfants. Plus tard, elle a fait partie du conseil communal des jeunes, qui s’engageait pour plus de propreté à Differdange, une meilleure qualité de vie pour tous les enfants et une mobilité plus efficace. Aujourd’hui, Differdange dispose du Diffbus et les agents municipaux vont voir leurs attributions renforcées. Zenia Charlé veut voir des trottoirs, des parcs et forêts propres. La qualité de l’air doit aussi s’améliorer.*

*À Differdange, toute la population doit se sentir à l’aise, peu importe son origine sociale. Zenia Charlé veut assurer la promotion de projets interculturels et intergénérationnels. Dans l’enseignement, les enfants défavorisés ne doivent pas être abandonnés. Il faut leur proposer des rattrapages gratuits en incluant les parents.*

*Zenia Charlé souligne ensuite l’importance de promouvoir la politique auprès des enfants et des jeunes. Il n’est pas vrai que tous les hommes politiques se ressemblent. La politique a mauvaise presse alors qu’elle a beaucoup à donner. C’est pourquoi il faut sensibiliser les jeunes à la politique. Malheureusement, toutes les catégories d’âge ne sont pas toujours représentées. Or les différentes générations n’ont pas les mêmes doléances. Les jeunes sont notamment frappés durement par la crise du logement. Ils sont directement concernés et auraient donc toutes les raisons de s’engager.*

*On a souvent dit à Zenia Charlé qu’elle était trop jeune pour faire de la politique. Mais la politique communale a besoin de jeunes. Elle remercie ceux qui ont voté pour elle le 11 juin. Elle s’engagera pour eux. Quant à l’expérience, elle fait partie du conseil communal depuis vingt ans.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** félicite le collègue échevinal. Il lui souhaite bonne chance et se dit convaincu qu’il accomplira sa mission avec engagement et compétence.

Erny Muller félicite ensuite les conseillers communaux. Il y a beaucoup de jeunes et beaucoup de femmes.

(Interruption)

## 2. Premiers discours

*Erny Muller ne pense pas qu'il y ait déjà eu un conseil communal à Diferdange comprenant six femmes. Un bon collègue échevinal doit être efficace et représenter la population. Si une femme en fait partie, tant mieux. Mais le conseil communal prend des décisions pour Diferdange ensemble.*

*Erny Muller a fait partie du conseil communal pendant 25 ans: une première fois pendant 7 ans, puis 18 ans depuis 2005. Il a été élu pour la première fois en 1993. Il n'est donc pas le conseiller communal le plus jeune.*

*Erny Muller est retraité. Avant, il travaillait comme ingénieur à l'Arbed, puis chez ArcelorMittal. Parallèlement, il s'occupait aussi de l'apprentissage d'artisans à l'École professionnelle. Aujourd'hui, le bâtiment de la Léierbud accueille le Science Center.*

*Erny Muller n'est pas natif de Diferdange, mais il y a passé pratiquement toute sa vie. Il a fait partie d'associations et a notamment travaillé avec Asca Rampini au sein de l'Harmonie municipale pendant 16 ans. Il a aussi été président des Red Boys et du FC Déifferdeng 03. Les gens ne savent pas forcément tout ce que les hommes politiques ont fait auparavant. Un des rôles des hommes politiques est de se rapprocher des gens.*

*Erny Muller s'intéresse surtout à l'urbanisme et aux constructions, et donc à la qualité de vie des Diferdangeois. Il va s'engager pour les thèmes qui seront abordés dans le programme de coalition, mais le développement de la ville et du centre lui tient particulièrement à cœur.*

*Erny Muller remercie ceux qui ont voté pour lui. Il les représentera en tant que conseiller communal.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** fait de la politique communale depuis vingt ans. Le temps passe vite. Il prévient les jeunes conseillers communaux que bientôt ce sera leur tour.

*Fred Bertinelli a presque tout fait: conseiller communal, échevin, président de commissions; il a fait partie de la majorité et de l'opposition... Il est content d'avoir réalisé certains projets fonctionnant en-*

Am Gemengerot hu mer sechs Fraen. Ech mengen, dat war awer elo scho laang net méi de Fall! Wann dat iwwerhaapt schonn eng Kéier de Fall war. Ech mengen net. Ech gesinn dat emol einfach esou, well: E gudde Schäfferot ass gutt a kann och representativ sinn, wann et eng Fra dann ass, tant mieux, mee mir gestalte jo awer alleguer zesummen eis Gemeng. A mir hu jo awer och eng ganz Partie Fraen, déi kënnen hir Interessen hei abréngeen.

Zu menger Persoun selwer: Mäin Numm ass Erny Muller. De kommen den 10. Oktober kann ech op 25 Joer Zougéhieregkeet am Gemengerot zrëckblécken, dat an zwou Etappen. Eng éischte Kéier siwe Joer an duerno noenee vun 2005 un, dat heescht 18 Joer. Den 10. Oktober 1993 sinn ech déi éischte Kéier gewielt ginn, dat ass scho laang hier. Doraus resultéiert dann och, dass ech sécherlech net méi dee Jéngsten am Gemengerot sinn.

Ech si pensionéiert, war vu Beruff Elektrotechnicien bei der ARBED, spéider ArcelorMittal. Ech hu mech laang, nieft mengem normale Beruff an der Stolindustrie, och ëm d'Ausbildung gekëmmert. Et si jo nach méi där Leit heibannen. Ech war an der professioneller Ausbildung tätég vun den Handwierkerbildungen, déi Zäit an der sougenannter Léierbud, wéi se nach haut heescht. Do hate mer eng flott Schoul, wou haut e berüümten Institut dran ass.

Wat meng Fräizäitaktivitéiten oder mäi Liewen hei zu Déifferdeng ubelaangt: Ech sinn zwar net hei gebuer, mee hunn awer praktesch mäi ganzt Liewen hei zu Déifferdeng verbruecht. War a ville Veräiner, notament meng lescht Erinnerung hunn ech un d'Harmonie Municipale, wou ech ron 16 Joer mam Asca Rampini zesummeschaffen dierft. War laang Jore President vun de Red Boys an duerno vum FC Déifferdeng 03.

Dir sot, dat wësse se alleguer. Mee ech mengen, et si vill Leit hei, mir hu vill nei Awunner bäikritt, an déi wëssen net, wat mer virdrun alles gestiicht hunn oder wou mer iwwerall tätég waren. Dat stellt een ëmmer méi fest, dass een, leider, de Leit ëmmer méi friem gëtt. A si sinn eis vläicht och e bësse friem an dofir si mer hei, fir dorun ze schaffen,

dass mer erëm alleguer zesummeréckelen.

Wa mäi Kärberäich an der Politik d'Bauten an d'Stadentwécklung sinn, wou ech véier Joer als Bauteschäffen tätég war, sou läit d'Liewensqualität an d'Wuelbefanne vun den Déifferdenger Biergerinnen a Bierger mer besonnesch um Häerz.

Selbstverständlech wäert ech mech och a setze fir déi Theemen, déi de Schäfferot hei vertritt an déi mer wäerten am Koalitiounsprogramm nach kenneléeieren, mee awer och besonnesch fir d'Entwécklung vun eiser Stad, dat heescht eisem Zentrum. Do wëll ech mech voll engagéieren, dass mer en neit Beliewe kréie fir eisen Déifferdenger Zentrum.

Als Spriecher vun der LSAP-Fraktioun, wou ech mech och driwwer freeën, wëll ech mat alle politesche Vertrieeder a Vertrieederinnen heibannen e gutt a konstruktivt Verhältnis hunn.

Ofschléissend wëll ech de Wielerinnen an de Wieler e grouse Merci soen, déi mer hiert Vertraue geschenkt hunn, fir si weiderhin am Gemengerot ze verrieden. Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Ech géif d'Wuert dem Här Bertinelli Fred ginn, fir sech virzestellen.

---

### **SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

20 Joer maachen ech elo schonn hei Gemengepolitik. O vreck, et geet esou schnell. Un all déi Jonk: Dat geet méi séier eriwwer, wéi ee mengt, datt een 20 Joer hei sëtzt a Politik mécht.

Ech hu praktesch, vun der Oppositioun an d'Majoritéit, als Schäffen, als Gemengeconseiller, als President vu Kommissioun bal alles scho gemaach, wat et hei an dëser Gemeng gëtt. Hunn och verschidde Saachen ëngesat, déi haut nach funktionéieren, wat mech freet, well et ass jo och dofir, wou ee Politik mécht.

## 2. Premiers discours

Ech hu mech an der Zäit ëmmer iwwer Saachen hei an eiser Stad geiergert, wéi vill Leit dat maachen, bis ech op eemol gesot hunn, wann ee wierklech eppes ännere wëll, da muss ee sech an der Politik engagéieren a sech wile loos-sen. A wann een dann op dee Punkt kënnt, datt ee vu ville Leit gewielt gëtt, dat heescht, datt een dann och e bësse richtig louch mat deem, wouriwwer ee sech geiergert huet.

Mäi Privatliwen: Ech si Papp vun dräi Kanner. Meng Hobbyen: Fësch geen. Ech hu mech ganz, ganz vill agesat hei an dëser Gemeng fir de Sport, war laang Joren, siwen- oder aachtmol, ech weess et net méi genau, Landesmeesch-ter am Karate, war President vun der Lëtzebuerger Federatioun vum Karate an hunn och do vill ëmgesat.

Mäin Haaptuleies ass mech anzesetzen. Een, dee mech kennt weess, datt ech mat 200 ufänke fir eis Stad. Ech hunn ëmmer ni ganz einfach Saache realiséiert. Wann ech drun denken, datt mer et fäerdegbruecht hunn, hei aus eiser Stad d'Camionnetten erauszekréien an d'Ëmgéigend vun eiser Stad. An esou Challenge wëll ech och ugoen.

Dofir sinn ech frou, datt ech Schäfte fir déi Punkte sinn, déi ech elo hei soll ver-trieiden. An ech wäert mäi Bescht maachen. Ech weess, datt hei grouss Spezialisten an engem Secteur sinn, wou ech net esou doheem sinn. Mee esou wéi ech mech déi éischte Kéier enorm age-schafft hunn an de Verkéier an den Transport, esou wëll ech mech och an deen zweete Ressort, wat Klima an Naturschutz ugeet, aschaffen. Et si scho ganz vill Saachen, déi hei lafen, mee alles kann ee verbesseren. An dofir wäert ech mech asetzen déi nächst Joren, fir eis Stad dohinner ze kréien, wou mer se gär alleguerten hätten.

Des Weidere wäert ech mech nach asetzen, well ech och ëmmer kritiséiert hunn, datt eis Geschäftswelt e bëssen um Buedem läit. An dofir wäert ech mech vill asetzen, datt mer erëm déi Stad ginn, déi mer eng Kéier waren. Ech soen Iech Merci.

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Ech sinn elo vun zwou Säiten hei, vu menger rietser a menger lénker Flank, drop opmierksam gemaach ginn, dass ech e Prozedurfeeler gemaach hunn. Mee et ass esou, wéi ech Iech et erkläert hu vun Ufank un: Ech sinn nei an deem Job an dofir sinn déi Bemierkunge richtig, déi meng Kol-leege mer gemaach hunn. Ech sinn am Fong geholl elo direkt op de Punkt 3 iwvergaangen ouni de Punkt 2 ofge-schloss gehat ze hunn.

Soudass ech dann elo d'Wuert géif zrëckhuelen, wann Der domadder d'ac-cord sidd, dass mer kënne fléissend op de Punkt 3 iwvergoen, ouni nach eng Kéier brauche vu vir unzefänken. Ent-schëllegt mech. Et wäert net dee leschte Feeler sinn haut, mee nach ass näischt Schlëmme geschitt. Dat ass, mengen ech, nach an der Toleranzgrenz.

Dat gesot, wëll ech ...

### **FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Stellt Dir Iech net vir?

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, ech wollt dat elo maachen, Här Meisch. Mir maachen dat elo am Punkt 3. Dat ass dann e bëssen elo méi e fléissenden Iwwergang, mee Fin mot ass et dee selwechte wéi deen, wa mer den Tour maachen.

Och mir profitéieren dervun, fir eis vir-zustellen. Ier ech op meng Persoun kommen, wëll ech e bëssen eng Analys maache vun deem Tour de table, dee mer gemaach hunn. Ech fannen déi Iddien, déi ech héieren hunn, ech fan-nen dat ganz konstruktiv. An ech sinn och iwverzeegt dovun, dass mer déi vill Beruffer, déi hei zesummesetzen, dass eis net vill ka geschéien. Op där enger Säit hu mer Paramedezinner, mir hu Kinéen ënner eis, Agronomen, Educa-teuren, Leit aus der Educatioun. Et ass mer net baang fir eis Zukunft. Mir hunn Dokteren ënner eis.

Wann ech eng Beruffsspart vergiess hunn, dann entschëllegt mech, mee ech

*core aujourd'hui. C'est pour cela aussi que l'on fait de la politique. Avant, il avait tendance à s'énerver comme beaucoup de gens aujourd'hui. Puis, il a compris que pour changer les choses, il devait entrer dans la politique. Les gens l'ont élu. Cela montre qu'il avait raison de s'énerver.*

*Fred Bertinelli a trois enfants. Il aime la pêche. Il s'est toujours engagé en faveur du sport et a été champion national de karaté sept ou huit fois. Il a aussi été président de la Fédération luxembourgeoise de karaté.*

*Fred Bertinelli se donne à fond pour sa ville. Il est par exemple fier d'avoir réussi à sortir les camionnettes des localités.*

*Il se rend compte qu'il est échevin dans un secteur qui lui est moins familier et qu'il y a des spécialistes au sein du conseil communal. Mais tout comme il s'est familiarisé avec la circulation et le transport, il s'engagera pour le climat et l'environnement et fera en sorte d'atteindre les objectifs fixés.*

*Fred Bertinelli a souvent critiqué la politique relative au commerce. Il compte donc s'investir pour les commerçants.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *vient de se rendre compte qu'il a commis une erreur de procédure. Mais il est nouveau et il prendra en compte les remarques de ses collègues.*

*Il est passé au point 3 sans avoir bouclé le point 2. Il craint que ce ne soit pas sa dernière erreur aujourd'hui, mais il espère que cela restera tolérable.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande au bourgmestre s'il n'a pas l'intention de se présenter.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'il va le faire sous le point 3. Mais avant de se présenter, il souhaite analyser ce qui vient d'être dit. Les propos des conseillers communaux sont constructifs. En plus, des métiers intéressants sont représentés comme des aides-soignants, des éducateurs, des enseignants, des docteurs... Guy Altmeisch espère ne pas en avoir oublié. En tout cas, il pense que la collaboration devrait bien se passer. Il se réjouit du fait*



# 3. Déclaration du collège échevinal

*qu'il y ait de nombreuses femmes au sein du conseil communal.*

*Il se rend compte que les conseillers communaux ont des avis divergents, mais ils agissent tous en faveur des citoyens et non par égoïsme. C'est d'ailleurs ce qui motive le bourgmestre. Le climat de travail est agréable. Et les hommes politiques passent beaucoup de temps ensemble pour collaborer.*

*Pour Guy Altmeisch, le climat professionnel est essentiel. Il a fait partie d'un syndicat pendant vingt ans et il s'est toujours engagé pour le bien-être des travailleurs. C'est nécessaire pour obtenir des résultats et c'est important pour la santé. Car aller au travail chaque matin sans en avoir envie, cela n'a rien de positif. Les problèmes doivent être réglés à travers une attitude positive.*

*Guy Altmeisch va se présenter. Comme il a un âge avancé, il ne le mentionnera pas. Il est marié et a deux garçons.*

*À 17 ans, il est entré dans l'armée et à 20 ans dans la police. Il a toujours pensé que le métier de policier était varié, mais il constate aujourd'hui que la fonction de bourgmestre l'est tout autant. C'est un métier que l'on n'apprend pas à l'école, mais en le pratiquant. Il est confronté à de nombreuses questions et il est content d'être soutenu par des gens compétents. Autrement, il aurait du mal à faire son travail.*

*Guy Altmeisch est membre du Parti socialiste depuis quarante ans, mais il n'est actif dans la politique que depuis dix ans. Il a été élu lors de sa première participation aux élections et a été membre de l'opposition pendant six ans. Il a appris beaucoup de choses.*

*Parmi ses passe-temps favoris figurent le football et le football. Et parfois, il lui reste un peu de temps pour le football et la politique. Il ne va pas mentionner d'autres passe-temps, car il préfère être transparent et dire la vérité. Il s'est investi dans le football pour les jeunes et a encadré jusqu'à 650 enfants par semaine. Il aime voir les yeux des enfants briller quand le gros président leur raconte une histoire. Il regrette d'avoir dû arrêter, mais d'autres défis l'attendent.*

mengen, wat dat ubelaangt, kann eis net vill geschéie fir d'Zukunft an eise Gemengerot.

Och flott fannen ech, dass mer sou vill Dammen am Gemengerot hunn, an dass mer déi verschidden Iddie kënnen awer, mengen ech, an e gemeinsamen Dossier kréien. Jiddweree schafft zum Wuel vun de Bierger, jiddwereen huet seng Virstellung vum der Zukunft, mee am Allgemenge kann een awer zur Konklusioun kommen, dass dat Ganzt ëm dat Schaffen, dat Iwwerleeën, dat Zesummesetzen, dat Diskutéieren ëmmer nëmme zum Wuel vun eise Bierger ass an net egoistesches bezunn ass. Dat ass dat, wat mer Freed mécht.

An dat ass och eng Motivatioun fir mech selwer. Ech géif souguer soen, eng Motivatioun fir jiddwereen heibannen, wann ee gesäit, wéi léif, wéi kollegial, wéi konstruktiv dat Ganzt ass a wéi een Aarbechtsklima herrscht. Mir si jo eng Gesellschaft, déi hei zesummesetzt, stonnelaang an deeglaang, fir zesummeschaffen.

Wichtig ass mir hei am Haus an iwwerall an de Betriber vun der Gemeng, d'Aarbechtsklima. Dat ass mer ganz wichtig. D'Aarbechtsklima läit mer einfach um Mo. Ech war zwanzeg Joer laang aktiv an engem Syndikat, hu mech zwanzeg Joer laang agesat fir e gesond Aarbechtsklima, eng gesond Infrastruktur, eng gesond Logistik, wou d'Leit mussen schaffen. Dat ass den A an den O, fir positiv Resultater ze erreechen.

An et dréit och ganz vill bäi zur Gesondheet. Wann ee moies op seng Aarbecht kënnt, et ass een 200 m ewech an et huet ee schon de Soud an esou virun, oder d'Flemm, wann een dohinner kënnt, dann ass jo näischt Positives méiglech. Dofir ass et mir wichtig, dass mer eng positiv Ausstrahlung hei hunn an dass mer positiv un déi ganz Problemer eruginn.

Zu menger Persoun: Mäin Alter wësst Der. Wann een e gewëssenen Alter huet, da schwätzt een net méi iwwer den Alter, ech sinn an engem fortgeschrittenen Alter, si bestuet a gléckleche Papp vun zwee Bouwen. Mat 17 Joer sinn ech an d'Arméi gaangen, mat 20 an d'Police gaangen, wou ech d'Chance

hat, déi verschidde Facettë vun deem Beruff kennenzelieren.

Ech hat de Mueren e Gespréich mat deem engen oder anere Kolleg a Kolleegin heibannen, wou ech gesot hunn: „Ech hunn ëmmer geduecht, de Beruff vum Polizist, dee wier ganz villsäiteg. Ech muss awer soen, déi 14 Deeg, wou ech elo d'Chance hunn, Buergermeeschter vun der Stad Déifferdeng ze sinn, muss ech awer feststellen, dass de Beruff vum Buergermeeschter, deen ee jo net léiert an enger Schoul, mee deen ee léiert, andeem ee mat Leit zesummeschafft, deen ee léiert, während een de Beruff ausüübt, dass dee grad esou villsäiteg ass.“

Vill Froe kommen op mech duer. Ech si frou, dass ech encadréiert si vu Leit, déi kollegial mat mer schaffen, déi en immensen Knowhow hu vun deem Beruff. An en Knowhow vun deem ganzen Haus, deem ganze Wiesen an der ganzer Stad Déifferdeng, déi mech ënnerstëtzen. Ouni déi wier et ganz schwéier fir mech. Dat wëll ech direkt vu virera betounen. Ech sinn iwwerzeugt, dass mer dat gutt wäerte schauken.

Säit 40 Joer sinn ech Member an der LSAP. Bedéngt duerch mäi Beruff konnt ech awer eréischt säit zéng Joer aktiv an der Politik sinn. Déi éischte Kéier, wou ech mat an d'Gemengewale gaange sinn, sinn ech gewielt ginn als ee vun deene véier Vetrieder vun der Partei. Sechs Joer an der Opposition, wat och eng ganz léierräich an instruktiv Zäit war. Et war eng aner Zäit. Elo geet en neie Moment un. Ech freeë mech drop.

Zu mengen Hobbyen, Dir kennt meng Hobbyen, déi meescht kenne se, dat ass Fussball an dann hunn ech nach als Hobby de Fussball. An da bleift mer nach, zum Schluss, wann ech e bëssen Zäit hunn, de Fussball an d'Politik. Dat ass meng Begeescherung.

Et huet kee Wäert, dass ech Iech zielen, dass ech aner Hobbyen hätt, ech si fir d'Wourecht an d'Transparenz, dat ass esou. Mee dat huet mer an der Vergaangenheet vill Spaass gemaach. Ech hu vill Zäit an de Jugendfussball investéiert. Ech kann Iech soen, dass ech mat Momenter 650 Kanner d'Woch betreit hunn. Dat war flott. Et gëtt näischt méi Schéines, wéi Kanneraen

# 3. Déclaration du collège échevinal

op engem Terrain ze gesinn, déi glénne-  
re vu Begeeschterung a vu Satisfaktioun  
vun deem, wat deen décke President  
hinnen zielt. Dat ass ganz flott an et  
deet mer och net leed, dass ech dat  
gemaach hunn. Et deet mer elo e bësse  
leed, dass ech dee Posten hu musse  
renoncéieren. Mee fir en neien Defi  
unzagoen, ass et mer awer derwäert.

Iech wëll ech Merci soe fir déi flott  
Erklärungen. An ech wëll nach eng  
Erklärung ofginn zum Koalitiounspro-  
gramm. Mir sinn ee Mount no de  
Walen. Et ass eis net méiglech, bis  
dato – mir hunn doru geschafft, dat ass  
och fäerdeg, dat ass och an der Maach,  
mee fir déi fäerdeg geschriwwe Ver-  
sion duerno, dass se bei de Grafiker  
duerch ass an iwverall duerch ass, Iech  
haut ze presentéieren, dat ass leider  
logistesesch an technesch net méiglech.  
Deen Zäitraum ass einfach ze kuerz, ee  
Mount no de Walen.

Dofir probéiere mer Iech, ee klengen  
Iwwerbléck ze ginn iwver dat, wat eis  
virschwieft. Dee schrëftlechen Deel  
kritt Der an de Sitzungen no der  
Vakanz, wa mer frësch ausgerout sinn  
a schéi brong am Gesiicht sinn a frësch  
motivéiert, nach méi motivéiert wéi  
haut, géif et mer eng Freed maachen,  
Iech deen ze iwverreechen, respektiv  
ze iwverreechen ier mer en an de Grand  
public ginn, fir doriwwer och kënnen  
ze schwätzen.

Mir hunn eis awer virgeholl, eis Ressor-  
ten eis Zoustännekeetsberäicher kuerz  
virzestellen, iwwerschrëftsméisseg,  
ouni grouss an d'Detailer ze goen. Mee  
dass Der wësst, wat fir eng Ressorte  
mer hunn a fir wat mer eis asetzen a fir  
wat jiddereen zoustänneg ass.

Mäin Haaptressort, oder eng vu menge  
groussen Erausforderungen, ass  
d'Ressources humaines. Ressources  
humaines, Dir hutt et héieren, ech kom-  
men aus dem Syndikatsberäich, et ass  
mer wichteg, en anstännegt Aarbechts-  
klima ze hunn.

Ech ginn net méi am Detail drop an,  
mee ech wäert mech do voll investéie-  
ren, dass mer kleng Bierger e bësse méi  
flaach gestalten an dass mer zesumme  
mat eisen Aarbechter an eisen  
Employéen an all Karriär, déi mer  
begéinen an deem Haus hei, an deenen

Haiser wou d'Aarbechter sinn, en  
anstännegt Klima hunn.

Meng Dier steet ëmmer op fir all  
Employé, fir all Mënsch, fir all Bierger,  
fir all Employé vun der Gemeng. Wa  
Problemer do sinn, sinn ech frou, wa  
mer kënnen doriwwer schwätzen. A  
mer probéieren, driwwer ze schwätzen,  
ier d'Feier lodert. Wat soe wëll: Ier e  
Groussbrand entsteet, probéiere mer  
déi kleng Äsche kuerz ze halen, dann  
ass dat vill méi einfach, fir hei zesum-  
men an enger Gesellschaft ënner engem  
Daach ze liewen.

Dann hunn ech d'Finanzen. E ganz  
wichtige Ressort, wou ëmmer erëm  
muss vill iwverluecht ginn, vill dis-  
kutéiert ginn, net ze vill ausginn, raso-  
nabel geréiert ginn. An ech soen, wann  
ee probéiert als Politiker d'Steiergelder  
vun der Allgemengheet esou ze geréie-  
ren, wéi wann et engem seng selwer  
wieren, ech mengen, dann ass een um  
richtege Wee. Dann ass een op deem  
Wee, wat all Mënsch dobausse versteet.

Wierder wéi: „Jo, et sinn deng Sue jo  
net, du gëss déi vill méi einfach aus, wéi  
wann et deng wieren“, dat gëtt et bei  
mir net. Ech si mer där riseger Verant-  
wortung vun deem Budgetsposte  
bewosst, an ech wäert mäi Bescht maa-  
chen, fir dat esou ze geréieren, dass  
keen ze kuerz kënnt, jiddwereen zu sen-  
gem kënnt, an dass mer dee brisanten  
Dossier Finanzen en bon père de famil-  
le, zesumme mat de Kollegen aus dem  
Schäfferot, geréieren.

Ech gi viru bei d'Kommunikatioun,  
wat och ee vu menge Ressourcen ass, och  
wichtig. Wichtig ass, dass de Bierger  
dobausse weess, wat mir als Politiker  
schaffen, dass de Bierger net déi Virur-  
teeler huet: „Si maache jo nëmme fir  
sech an et sinn nëmme Fotoe vun hin-  
nen an esou virun“. Dass mer dovunner  
eweckkommen. Dat ass mer wichteg.

Mir sinn d'Vertreieder vun de Bierger. A  
mir solle Politiker sinn, déi d'Leit kë-  
nnen upaken. Mir sollen op d'Leit due-  
goen, mir sollen de Leit weisen, wat  
mer schaffen, net fäerte fir ze weisen,  
wat mer schaffen. Mir si jo hei, fir fir si  
ze schaffen. Dat soll och no bausse  
siichtbar sinn. Dat probéieren ech, mat  
all deene Moyenen, déi mer hunn, an de  
Kommunikatiounen, neutral – wierke-  
lech net parteipolitesch bezunn, mee

*Guy Altmeisch passe au pro-  
gramme de coalition. La majorité a  
commencé son travail, mais n'a pas  
encore réussi à le terminer. Techni-  
quement, il était impossible de le  
présenter aujourd'hui — un mois  
après les élections.*

*Le bourgmestre va malgré tout of-  
frir un aperçu du programme. La  
partie écrite suivra après les va-  
cances quand les conseillers com-  
munaux seront bronzés et motivés.  
Le collège échevinal présentera le  
programme aux conseillers com-  
munaux avant de le rendre public.  
Sans entrer dans les détails, les  
échevins vont présenter leurs res-  
sorts. Pour Guy Altmeisch, le res-  
sort le plus important est celui des  
ressources humaines. Il répète qu'il  
a fait partie d'un syndicat et que le  
climat au travail compte pour lui. Il  
souhaite que tous les salariés de la  
commune bénéficient de bonnes  
conditions. Sa porte sera toujours  
ouverte pour les citoyens et les em-  
ployés. Les problèmes doivent être  
résolus avant que l'incendie  
n'éclate. Cela facilitera la coexis-  
tence sous un même toit.*

*Les finances sont un des autres res-  
sorts de Guy Altmeisch. Il estime  
que l'argent du contribuable doit  
être géré en bon père de famille. Il  
est hors de question de pratiquer  
des dépenses inutiles parce que l'ar-  
gent appartient à quelqu'un  
d'autre. Guy Altmeisch est  
conscient de sa responsabilité et  
veillera à gérer l'argent comme il  
faut.*

*En ce qui concerne la communica-  
tion, le bourgmestre voudrait que  
les citoyens arrêtent de penser que  
les hommes politiques ne cherchent  
qu'à être sur les photos. Les  
hommes politiques sont les repré-  
sentants des citoyens. Ils doivent  
leur montrer le travail qu'ils ac-  
complissent. C'est ce que Guy Alt-  
meisch veut communiquer à la po-  
pulation à travers tous les moyens  
possibles. Le tout, de manière  
neutre, sans faire de la politique de  
parti. C'est l'objectif qu'il se fixe  
pour les six prochaines années et il  
se dit convaincu qu'il y arrivera.*

*Le 1535° est un site chouette et po-  
pulaire. Beaucoup de gens y tra-  
vaillent. Le rôle du collège échevi-  
nal est de résoudre les problèmes.  
Differdange peut être fière de dis-*

# 3. Déclaration du collège échevinal

*poser d'une telle structure, qui peut encore être développée. Mais il est important de conserver ou d'améliorer le niveau de qualité atteint. Dans les communes voisines, tout le monde connaît le 1535° et envie Differdange.*

*La commune va essayer d'améliorer les locaux, car il n'est pas évident de travailler dans une bâtisse ancienne. Il s'agit d'améliorer les conditions de travail.*

*Le ressort des agents municipaux tient particulièrement à cœur à Guy Altmeisch. Hier, il a eu une entrevue avec deux nouveaux agents. Pour lui, il est important que les agents municipaux aient des compétences humaines. Il leur a expliqué que quelqu'un qui s'est mal garé n'est pas un criminel. C'est quelqu'un qui a commis une petite erreur. Au lieu de l'agresser, il vaut mieux lui expliquer calmement ce qu'il a fait. Un agent municipal doit être en mesure de dialoguer avec les habitants. Bien entendu, les agents municipaux ne sont pas les seuls à intervenir en cas d'infraction. Il y a aussi le garde champêtre par exemple. Guy Altmeisch espère qu'ils sauront écouter ses conseils. La sécurité est un thème qui tient à cœur à Guy Altmeisch. En tant que membre de l'opposition, il s'est montré critique et a fait des propositions, qui n'ont pas été appliquées. C'était le rôle de l'opposition et le droit de la majorité. Ce qui importe, c'est de se montrer constructifs. Guy Altmeisch est déjà entré en contact avec les responsables de la police locale et régionale, qu'il connaît d'ailleurs bien. Il sait comment ces personnes réagissent et de quels moyens elles disposent.*

*Il s'agit de donner une autre image de Differdange que celle parue dans la presse. Le collège échevinal ne pourra pas résoudre tous les problèmes, mais il essayera d'améliorer la qualité de vie des habitants.*

*Pour ce qui est du ressort de l'informatique, Guy Altmeisch a beau coup à apprendre.*

*En ce qui concerne le patrimoine, le bourgmestre entend dresser une liste de tous les biens communaux. Dernièrement, la commune a acquis des maisons, des forêts et des*

neutral –eriwwerzebréngen eise Bierger. An eng Integratioun vun de Bierger an déi Politik hei. Wa mer dat fäerdegbréngen an deenen nächste sechs Joer, dann hu mer ee grouse Schratt gemaach fir eis Populatioun. An ech sinn iwwerzeegt, datt eis dat gelénge wäert.

1535°, e grouse Site, e flotte Site, e populäre Site. Natierlech, wat e Site méi grouss ass, wat méi Leit do sinn, déi do schaffen. E Site, deen och Problemer mat sech bréngt. Dofir si mer do, fir d'Problemer ze léisen. Mee en ass awer derwäert, et ass e Site, deen derwäert ass fir eis vun der Politik aus ennerstëtzt ze ginn. Et ass e Site, wou mer kënne stolz drop sinn. Et ass e Site, deen nach ausbaufäeg ass. Wéi vill Saachen. Mee mir kënne stolz drop sinn.

A mer musse kucken, dass mer dee Level, dee mer erreecht hunn an deem 1535°, dass mer deen halen. An dass mer dee verbesseren. Dat ass mir wichtig. Et ass en Aushängeschëld vun Déifferdeng. Et brauch een net wäit ze goen, et geet een iwwert d'Grenz vun der Gemeng an et schwätzt ee vum 1535°, si vill Leit, déi kënne engem eng Erklärung driwwer ginn oder déi schwätzen dovun. D'Nopeschgemenge si jalous drop. Ech mengen, dat ass eis wichtig.

Mir wäerten alles maachen, fir déi logistesche Situatioun e bëssen ze verbessere fir déi Leit, déi do schaffen. Et ass net ëmmer flott an engem Gebai, wat méi al ass, mat sengen No- a Virdeeler, ze schaffen. Mee mir wäerten alles drusetzen, fir och do d'Aarbechtsklima, den Entourage an dat Ganzt ze verbesseren.

Dann eppes, wat mer um Häerz och läit – am Fong läit mer all Ressort um Häerz –, mee besonnesch um Häerz leie mer d'Agents municipaux. Net méi spéit wéi gëschter hat ech Kontakt mat zwee neie Leit, déi mer Iech herno an der Non-publique virstellen, nominativ, fir e Gespréich ze féiere mat deenen. Mir ass et wichtig, dass déi Leit en Knowhow hunn, wéi se mat eise Bierger sollen ëmgoen.

Ech hunn deene Leit gëschter erkläert: Een, dee falsch parkt, een, dee vergësst eng Tax ze bezuelen, dat ass kee Schwéierverbriecher. Dat ass een, deen einfach e klengen Oubli gemaach huet.

Dee muss een net mat haarde Wieder, dee muss een net mam décken Hummer begéinen. Dee muss en anstännegt Wuert begéinen, opmierksam gemaach ginn op säi Feelverhalten. Awer dann ass déi Saach an der Rei.

Et muss ee bereet sinn, als Agent municipal – do wäert ech vill Wäert drop leeën –, nach e Wuert kënne mat de Bierger ze schwätzen, en Dialog ze féieren. Oppen ze si fir déi Leit, fir deene Leit hir Problemer. Well et ass jo net nëmmen den Agent municipal, deen ze dinn huet mam Verkéier, mam rouende Verkéier oder mat deem anere Verkéier, et ass och de Garde champêtre deelweis, deen eis Leit begéint an hirer Fräizäitbeschäftegung, wa se do uewen um Bierg grillen, heiansdo duerno d'Plaz net esou hannerloossen, wéi et soll sinn.

Mee ech sinn iwwerzeegt, dass mer do eens ginn, an dass och déi Leit vun eis, déi Agents municipaux, en oppent Ouer hu fir meng Iddien a meng Rot-schléi.

D'Sécherheet am Allgemengen, d'Sécurité publique, President vum Comité de prévention. Natierlech läit dat mer um Mo. Ech hunn ëmmer vill kritiséiert an der Oppositioun an ech hat oft Virschléi, déi da Gehéier fonnt hunn, awer net ëmgesat gi sinn. Dat ass jo och d'Recht vun enger Majoritéit. An dat ass och de Rôle vun der Oppositioun, dat ass mer ganz kloer bewosst. Mee soulaang dat Ganzt konstruktiv ass, stinn ech derhanner.

Ech hunn och scho Kontakt mat deene Responsabele vun de Verwaltungen, mat de Responsabele vun der regionaler/lokaler Police, déi ech jo och kennen aus mengem Job, deen ech virdu gemaach hunn. A gleeft mer eent: Dat ass keen Nodeel, wann een déi Leit kennt, wann ee weess, wéi se reagieren a wann ee weess, wat fir Moyene si hunn.

Ech wäert mech staark maachen, fir do en anert Bild vun der Sécherheet hei iwwer eis Gemeng ze hänken. An dass mer déi schlecht Biller vun Déifferdeng, déi an der Press sinn, sief et geschriwwen, sief et an där anerer Press, dass mer déi minimiséiert kréien. Ech kann net soen, dass mer se ecartéiert kréien, mee dass mer alles drusetze wäerten, fir



# 3. Déclaration du collège échevinal

en anstännegt Klima an eise Bierger eng besser Liewensqualität ze bidden.

Da kënnt den Informatik-Beräich. Do hunn ech nach vill Sputt fir ze léieren. Et ass net, dass wann een e Ressort kritte, dass een dann op eemol Informatiker ass. Mee gleeft mer eppes: Ech sinn oppe fir all Formatioun, och fir déi Formatioun da vum deelweis Responsabele vun der Informatik. Mee ech wäert mech och do beméien, fir do méi Fachmann ze ginn.

Eppes, wat mer elo nach bäigesat hunn, dat ass eng Gerance vun eisem Patrimoine. E ganz wichtegen Dossier. Fir dass mer mol eng Kéier ënner engem Hutt alleguer eng Opzielung hunn, e Listing hu mat all deene Bienen, déi mer hunn. Et gëtt der ëmmer méi. Et sinn Haiser kaaft ginn, et si Bëscher kaaft ginn, et sinn Auslandsdomäne kaaft ginn. An et ass mer wichtig, oder eis als Schäfferot ass et wichtig, dass mer eng Gerance doriwwer hunn.

Wat soe wëll, dass mer wëssen: de Käschtepunkt, de Bilan vun all Unitéit, de Bilan vun all Haus, de Bilan vun – net all Bam muss gezielt ginn, mee Dir verstitt wat ech mengen. Dass mer wëssen: de Prix de revient, den Ënnerhalt vun deem Haus. Dass mer e Bilan hunn, wat mer vun Invest maachen. A wat mer och wichtig ass, wa mer eppes kafen, dass mer wëssen, wéi d'Zukunft gestalt gëtt vun deem Haus oder vun deem Mobilier oder vun deem Bësch. Dass mer net kafe fir ze kafen, mee kafe fir zukunftsweisend ze wëssen, wat mer dermat maachen.

Elo soen ech emol Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt. Dat do war jo scho meng Zäit e bëssen iwverschrott. Mee et ware jo awer Leit heibannen, déi e bësse méi kuerz geschwat hunn, dofir hunn ech profitiert vun deem Bonus, deen ech hat.

Ech géif dann d'Wuert viruginn u mäin Noper, den Här Ulveling.

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech menger Partei Merci soen, awer och eise Wieler Merci soen, déi eis an dese Wale gestärkt hunn. Mir hunn ee Sätz bäigewonnen. An ech mengen,

mir hunn och déi Aarbecht honoréiert, déi mer am virege Schäfferot mat eise grénge Frënn do geleescht hunn.

Ech brauch mech net ganz vill virzustellen. Ech sinn zu Nidderkuer an d'Schoul gaangen, si bestuet a Papp vu véier erwuessene Kanner. Vu Beruff sinn ech Zännokter. Ech sinn Doyen hei am Gemengerot, si 26 Joer hei am Gemengerot, dovunner 14 Joer Schäffen. Hunn also praktesch ënner véier Buergermeeschtere gedéngt.

A fréiere Jore war ech sportlech e bësse méi aktiv, do war ech emol am Komitee vun de Red Boys an ech war och zéng Joer laang President vum Tennisclub. Ech war och zéng Joer Vizepräsident vum Collège Médical a sinn och nach weider an deemem Gremium gewielt.

Zu menge Ressorten. Dat sinn der eng Hellewull. Et si relativ grousser. Ech fänken u mat de Bauten/Urbanismus. D'Prioritéit wäerten do gesat ginn no de finanzielle Moyenen, dat huet de Buergermeeschter scho gesot. Et ass wichtig, dass mer ëmmer d'finanziell Situatioun am A behalen.

Et ass decidéiert ginn: den Ausbau vum Stadhaus, dräi Schoule bauen, de Parking Nelson Mandela wéi de Parking Contournement bauen, d'Neigestaltung vun der Place Jehan Steichen, d'Parkhaus Plateau du Funiculaire respektiv Parking Contournement bauen, d'Spillplazen erneieren an iwwerdenke mat Beem, fir Schiet ze hunn, eng grouss iwwerdeckte Spillplaz ass geplangt, eng grouss Grillplaz soll entstoen, Parkhaiser sollen eventuell kënne mat private Promoteuren opericht ginn.

Et ass rieds vum Schafe vun enger Maison sociale. De Liichtathletikstadion soll zesumme mat dräi Nopeschgemengen, wann dat finanziell méiglech ass, entstoen.

Am Urbanismus wëlle mer versichen, de Wuesstem ze bremsen an de Perimeter an enger éischer Phas emol net ze erweideren. D'Devis ass, d'Baulücken éischters zouzebauen, da soll e Stadentwécklungsplang entstoen, mat natierlech Biergerbedeelegung. Dat ass eis wichtig, dass mer an Zukunft d'Bierger méi abanne wëllen, dass si hir Meenung

*domaines à l'étranger. Il faut une gérance, c'est-à-dire connaître la valeur et les frais engendrés par chaque unité. Il est aussi important de décider à l'avance la future affectation d'une bâtisse. En d'autres termes, la commune ne doit pas acheter pour acheter.*

*Guy Altmeisch a dépassé le temps qui lui était imparti. Mais étant donné que d'autres ont parlé moins que lui, il a profité du bonus.*

**TOM ULVELING (CSV)** remercie son parti et ses électeurs. Ceux-ci ont honoré le travail réalisé avec les écologistes lors de la législature précédente.

*Tom Ulveling est allé à l'école à Niederkorn. Il est marié et père de quatre enfants. Il travaille comme dentiste et fait partie du conseil communal depuis 26 ans, dont 14 comme échevin.*

*Quand il était plus jeune, il faisait partie du comité des Red Boys et a été président du club de tennis. Depuis dix ans, il est le vice-président du collège médical.*

*Parmi ses ressorts figurent les bâtisses et l'urbanisme. Les priorités seront fixées en fonction de la situation financière. Tom Ulveling mentionne l'agrandissement de l'hôtel de ville, trois écoles, le parking Nelson-Mandela, le parking du Contournement, le réaménagement de la place Jehan-Steichen, le parking du Plateau-Funiculaire, des aires de jeux... Il est aussi question d'une maison sociale et d'un stade d'athlétisme si c'est financièrement possible.*

*Le collège échevinal n'élargira pas le périmètre de construction, mais réalisera un plan de développement urbain en partenariat avec la population.*

*Les quartiers seront reliés par une trame verte. La commune aménagera des espaces conviviaux dans les quartiers, avec des fontaines, des arbres et des forêts miniatures.*

*L'urbanisme impacte la mobilité. Il faudra voir s'il sera possible de réaménager le parking du plateau du Funiculaire.*

*Le collège échevinal prévoit de construire des pistes cyclables et d'optimiser l'éclairage. La nature sera protégée. Un espace de détente sera aménagé sur le carreau du*

# 3. Déclaration du collège échevinal

*Thillebiërg. Le collège échevinal entend promouvoir la végétalisation des façades et les installations photovoltaïques. Le site des hauts fourneaux sera refait en partenariat avec ArcelorMittal.*

*En ce qui concerne la santé publique, il faudra revoir les plans d'urgence en partenariat avec le CGDIS. Tom Ulveling espère qu'il n'y aura ni une nouvelle pandémie ni un nouvel accident à Cattenom. Mais il faut être préparé.*

*Pour ce qui est du tourisme, le premier échevin mentionne les attractions de Lasauvage et du Fond-de-Gras: l'école Nature, le Minett Park, le Train1900, la Minièresbunn, l'église... Parmi les projets figurent un centre d'accueil au Fond-de-Gras, la promotion du tourisme de weekend et un forfait comprenant l'hôtel ou le gîte.*

*Tom Ulveling mentionne ensuite une auberge de jeunesse, un enclos avec des animaux, une Accrobranche...*

*Le CID emménagera dans ses nouveaux locaux l'année prochaine. Les ateliers auront besoin d'un parc automobile moderne.*

*En matière de propreté, Tom Ulveling annonce une lutte contre les mégots de cigarette et les crottes de chien.*

*Le collège échevinal souhaite renforcer les synergies avec les villes jumelées. La Commission culturelle s'occupera des jumelages dans un premier temps. Ensuite, la commune réfléchira à la fondation d'une association comme avec Ahlen.*

*En ce qui concerne la culture, les organisations actuelles seront reconduites. Tom Ulveling propose aussi un questionnaire pour savoir ce à quoi les gens s'attendent. Il faut chercher le dialogue avec les citoyens.*

*Tom Ulveling mentionne ensuite l'Urban Art et le Blues Express, qui fêtera ses vingt ans. Le Plan de la culture sera revu. Differdange proposera plus de films et de pièces de théâtre.*

*Tom Ulveling partage les ressorts de NetZeroCities et du développement économique avec monsieur Bertinelli. Il s'agira de promouvoir Differdange et de dynamiser le centre. Il faudra occuper les locaux*

soe kënnen. An da muss d'Politik natierlech duerno d'Decisioun huelen.

Mir wëllen d'Quartiere mat Trame-vertë verbannen an an de Quartiere sollen och konvivial Flächen entstoën, wou d'Leit sech kënnen begéinen, mat eventuell Waasserspiller, e bësse Gréngs, e bësse Schiet, vill Beem an och där Miyawaki-Parke wëlle mer weider uleeën, wann dat méiglech ass.

Den Urbanismus impaktéiert natierlech och d'Mobilitéit souwéi de Verkéier. Dat muss alles zesumme gekuckt ginn. Et muss och iwwert d'Neigestaltung vum Parking du Funiculaire, wat ArcelorMittal-Gebitt ass, gekuckt ginn, dass mer dat an Zukunft kënnen do nei uerdnen.

Vëlosweeër solle geplangt ginn, d'Natur soll geschützt ginn, d'Stroossebeleuchtung soll optimiséiert ginn. Am Carreau du Thillebiërg soll en Noerhuelungsgebitt entstoën. Mir wäerten d'Daach- an d'Fassadabegréngung fërdere. Effentlech Parkingen a Photovoltaikanlage wäerte mer uleeën. An den Areal vun den Héichwien, wéi gesot, dat soll zesumme mat ArcelorMittal neigestalt ginn.

En anere Ressort vu mir ass d'Santé publique. Ech mengen, do muss een elo kucken, dass een d'Noutfallpläng revidéiert, eventuell nei opstellt an dat zesumme mam CGDIS. Mir hoffe jo, dass mer keng weider Pandemie wäerte kréien. Mer hoffen och net, dass iergendwellech Incidenten, weeder am Wierk nach zu Cattenom wäerten entstoën, mee et muss een awer op all Eventualitéit gefaasst sinn. Dofir musse mer déi Noutfallpläng eng Kéier iwwerkucken.

Dat anert ass den Tourismus. Mir wäerten den duussen Tourismus promovéieren. Mir hunn e ganze Koup attraktiv Saachen hei zu Lasauvage, am Fond-de-Gras: eng Naturschoul, de Minett Park, den Train 1900, d'Minièresbunn, d'Kierch Lasauvage, fir nëmmen déi ze nennen.

Mir versichen, e Besucherzenter am Fond-de-Gras ze etabléieren, den Tourismus vun engem Weekend wëlle mer promovéieren. Do kucke mer, e Package ze erstellen, zesumme mat den Hotellen an de Gite d'étapes, wou

d'Leit kënnen e ganze Package buchen, fir e Weekend hei zu Déifferdeng respektiv an der Natur zu Lasauvage oder am Fond-de-Gras ze verbréngen.

Nei Wander- a Vëlosweeër sinn an der Etüd. Mir kucken eventuell och, ob mer kënnen eng Jugendherberg hei zu Déifferdeng niddleossen. Et gétt un e klengen Déieregehege, e Kletterpark respektiv en Héichseelgaart geduecht. Mir kucken, wou mer dat kënnen oplichten. Dat ass alles Zukunftsmusek.

Dann hunn ech als anere Ressort nach de CID. Do wësst Der all, dass mer d'nächst Joer dohinner plënnere wäerten. Eis Ekippe mussen esou ausgebild sinn, dass se schnell reagéieren kënnen. Wichtig ass mir d'Propretéit. Do wäerte mer de Kampf géint Zigaretten an Hondsdreck weider féieren mussen, leider. Mir wëllen awer och fir de CID modern Ekipementer, e moderne Fierpark. Den Efcò versiche mer, nach esou laang ze lounen, bis deen neie CID operationell ass. An da musse mer kucken, wat mer effektiv nach u Stockage-Fläch brauchen.

Da kommen ech zu mengem Ressort Jumelage. Dat wëlle mer intensivéieren a beliewen, méi mat Sportsveräiner a Kulturveräiner kucken, ob do keng Synergië méiglech si mat eise Partnerschied. D'Commission culturelle, déi wäert och de Jumelage an enger éischer Phas beinhalten. Duerno wäert iwwerluecht ginn, ob een net e Partnerschaftsveräi ka grënnen, e bëssen nom Modell vun Ahlen. Mee do muss een nach kucken, wéi een dat mécht. Ech mengen, da muss déi Kommissioun ee Projet ausüben.

E ganz anere wichtige Ressort, deen ech dann nach hunn, dat ass d'Kultur. Kultur gesinn ech an Zukunft weiderhi participativ an immersiv. All déi besteënd Organisatioune ginn natierlech bäibehalen. Et soll méi proaktiv mat der Bevëlkerung organiséiert ginn.

Mir sollten och vläicht e Questionnaire maachen, wat d'Leit sech wënsche vu kulturellen Evenementer, wat si interesséiert. Dass een op déi Sparten ageet, wat d'Leit effektiv gären hätten, dass mer hinnen net einfach eppes opdrängen an der Hoffnung, dass se dat unhuelen. Och do den Dialog mat de Bierger sichen.

# 3. Déclaration du collège échevinal

Mir wäerten d'Foire des sculptures weiderféieren, den Urban Art och. De Blues Express kritt d'nächst Joer 20 Joer, dat wäerte mer e bësse méi grouss opzéien. De Kulturplang, dee mer viru Joren ausgeschafft hunn, muss iwwerschafft ginn. A mir wäerten an Zukunft méi Filmer a méi Theater an eise Programm am Culturel abréngen.

Dann hunn ech zwee Ressorten nach, déi ech zesumme mam Här Bertinelli wäert hunn. Dat ass den Développement économique an den NetZeroCities. Den Développement économique, wou den Här Bertinelli dann éischter wäert federführend sinn, wäert ech ganz kuerz nëmme soen, mir versichen aktiv Déifferdeng ze vermaarten. Den Zentrum muss mer beliewen. Däers si mer eis bewosst. Mir müssen nei Commerçanten an déi Lokaler kréien, déi elo eidel stinn. A mir müssen Nische-produite sichen, fir de Leit hei eppes unzebidden.

Mir sinn och der Meenung, dass vis-à-vis vum CID den Développement vun engem klengen Akafszenter mat engem grouse Baumaart sech kéint niddleossen. Mee doriwwer wäerte mer nach eng Kéier schwätzen.

Eng aner Saach, déi mir awer och wichtig schéngt a wat ech dann och zesumme mam Här Bertinelli wäert maachen, dat ass den NetZeroCities. Do wäert ech dann éischter federführend sinn. Fir déi Nei, déi et net wëssen, wäert ech ganz kuerz en Exkurs maachen, wat dat ass. Dat ass eng super Saach, wann een dat esou kuckt, well mer do an engem Reseau sinn. Et ass en EU-Projet vun 112 Stied, déi d'Klimaneutralitéit uviséiere bis 2030.

An do hu mir eis engagéiert op fénnef Punkten. An der Energie wëlle mer honnert Prozent autark ginn. Dofir brauche mer – et muss ee sech bewosst sinn, fir dat iwwerhaapt ze realiséieren, brauche mer e Wandpark.

Mir hu gesot, mir wélten d'Renovatioun vu 50 % vun de Gebaier errechen. Dat heescht, dat wäeren 8 % pro Joer. Aktuell si mer bei 4 %. Dat heescht 25 % vun de Menagé solle bis 2025 eng Renovatioun vun hire Gebaier maachen, fir eeben Energie ze spueren. Dass déi Gebaier dann optimal

sinn. D'Gemengegebaier gehéieren natierlech och dozou.

An der Mobilitéit wëlle mer errechen: 20 % mander Déplacement, innerstädesch, mat Autoen. Dat Zil muss mer natierlech zesumme mat eise Bierger beschwätzen, fir ze versichen, déi op aner Moyenen ze kréie wéi Bus, Vëlo, Zuch, fir net alles mat Autoe voll ze parken.

D'Déchete wëlle mer ëm 40 % reduzéieren. Dat sinn déi schwaarz Poubellen. An déi recycléiert Quot op 65 % erhéijen. Do si mer de Moment op 40 %.

De leschte Punkt ass d'Kompensatioun vum CO<sub>2</sub>-Ausstouss. Dat wëlle mer och reduzéieren. Dat sinn europäesch Projeten, wou déi 112 Stied gekuckt ginn. NetZeroCities ass – wéi soll ech soen –, dat ass eng grouss Famill, wou ee kann op den Knowhow vun deene verschiddene Stied zréckgräifen. Do si Fuerschungsinstituter drun ugebonnen, wou mer eis kënnen aklinken an déi ëm Rot froen, wat dann och näischt kascht.

Wéi gesot, dat ass eng super Saach. Wa mer dat géifen errechen – an dat ass eist Zil –, dann hätte mer wierklech vill errecht punkto Klima.

Dat heiten ass eng éischt Phas. Do kënt nach eng zweet Phas, et kommen nach Aktiounspläng hannendrun, dann eng drëtt Phas d'Finanzéierungsplanung.

Dat ass en Challenge, dee mir als Gemeng Déifferdeng nëmme packe kënnen, wann eis Bierger matschaffen. Dofir ass et wichteg, dat zesumme mat hinnen unzegoen a si ze informéieren.

Dat am ganz klengen a schnellen Duerchgang. Alles dat, wat ech soll maachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci dem Här Ulveling fir déi intensiv Erklärungen. Ech géif d'Wuert dann dem Här Wagner Thierry ginn.

*de commerce vides et proposer des produits de niche. Un centre commercial avec un magasin d'outillage devait ouvrir en face du CID.*

*En ce qui concerne NetZeroCities, Tom Ulveling rappelle que Differdange fait partie d'un réseau de 112 villes visant la neutralité carbone pour 2030. Pour y parvenir, Differdange aura besoin d'un parc éolien. Il faudra aussi rénover 50 % des bâtisses, c'est-à-dire 8 % par an. Actuellement, le taux est de 4 %. En d'autres termes, 25 % des ménages devront rénover leur habitation jusqu'en 2025.*

*En matière de mobilité, l'objectif est de réduire de 20 % le trafic dans le centre des localités. Il faudra voir comment convaincre les gens à recourir au bus, au vélo et au train. Les déchets seront réduits de 40 % et la part de recyclage passera de 40 % à 65 %.*

*Pour ce qui est des émissions de CO<sub>2</sub>, les 112 villes de NetZeroCities sont comme une famille où chacun peut profiter des connaissances et des expériences des autres. Des instituts de recherche participent d'ailleurs au projet et les communes peuvent leur demander conseil. Si Differdange parvient à atteindre son objectif, elle aura fait un grand pas en matière de climat. Il faudra mettre en place des plans d'action et des plans de financement.*

*Tom Ulveling est conscient que la commune aura besoin de l'aide de ses citoyens. Il est donc important de les informer.*



# 3. Déclaration du collège échevinal

**THIERRY WAGNER (LSAP)** remercie à son tour les électeurs pour la confiance qu'ils lui ont accordée.

Il félicite les conseillers communaux pour leurs mandats.

Thierry Wagner est né en 1973. Il est marié et a deux garçons. Il est fonctionnaire au ministère des Sports. Avant, il était chef du service des Sports à Differdange. Il fait partie du LSAP depuis qu'il a 16 ans.

Lorsqu'il a commencé à travailler à l'État civil de la commune, le collège échevinal et le conseil communal étaient quelque chose de mystique. Il se souvient de l'anxiété quand il fallait tenir une présentation au collège échevinal. Il n'y avait pas d'horaire mobile et il fallait être à l'heure.

Aujourd'hui, Thierry Wagner sait que tous les conseillers communaux, le secrétaire communal et son équipe s'investissent pour les Differdangeois. Il est content de faire à nouveau partie de l'équipe communale. Il veut que les Differdangeois soient fiers de leur ville.

Pour ce qui est de ses ressorts, il n'entrera pas dans les détails, mais explique qu'il souhaite revoir le Règlement des subsides ensemble avec la Commission du sport. Il s'investira pour l'encadrement qualitatif des sportifs, le bénévolat et le sport-loisirs. Les enfants doivent pouvoir faire du sport gratuitement. Le projet Spodi est important, mais il faut que les enfants se rendent dans les associations et non le contraire. Un coordinateur devra trouver les synergies adéquates.

Le sport associatif est essentiel à la cohésion sociale. Il faudra donc le soutenir tant pour ce qui est de la logistique, que des finances ou de la simplification administrative.

Les infrastructures sportives doivent croître avec la population. Thierry Wagner mentionne le stade d'athlétisme, le Thillebiert, les deux terrains synthétiques... L'échevin est en négociation avec la FLF.

Differdange a besoin d'un deuxième bassin d'apprentissage. La ville doit accueillir des compétitions sportives nationales et internationales comme le Tour de Luxembourg.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Och vu mir e schéine gudde Moien un dee ganze Gemengen- a Schäfferot. Direkt och en décke Merci un d'Wieler fir hiert Vertrauen. Ech versichen, deem natierlech gerecht ze ginn. Ech felicitéieren Iech alleguerten heibanne fir Äert neit Mandat. Ech hoffen, dass keen en cours de route de Soud kritt, Här Buergermeeschter.

Mäin Numm ass Thierry Wagner, Baujoer 1973, bestuet, zwee Bouwen, Beamten am Sportsministère, virdu Responsabel am Service des sports vun der Gemeng.

Politesch war ech praktesch ëmmer nëmmen am Hannergrond, awer an der LSAP respektiv an de Jusoe scho vu 16 Joer un, also am Lycée.

Wéi ech 1995 op der Gemeng e Stack méi déif, am État civil, beim Kubaj Gilbert ugefaangen hunn ze schaffen, war fir mech deemools e Schäffen- a Gemengerot eppes Grousses, scho bal Mystesches. De Bols ass an d'Onendlecht geschoss, wann s de hues missen am Schäfferot untrieden. Deemools gouf et nach keen Horaire mobile a wann s de wouss, dass de Meder op d'Gemeng kéim, da war et kloer, dass een net dierft ze spéit kommen.

Haut ass et net méi mystesch. Mëttlerweil weess ech, dass hei Leit sëtzen, tous partis confondus, déi sech fir d'Interessie vun den Déifferdenger Leit asetzen. Sief dat déi 19 Gewielten, wéi de Gemengesekretär a säi Staff an déi ganz Gemengeverwaltung.

Ech sinn immens houfreg, elo nees en Deel dovunner ze sinn. Quitte, dass ech iwwer eng aner Dier nees erakomm sinn. Meng Positioun ass vläicht elo eng aner, mee déi global Vue ass déi selwecht: sech asetze fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng. Et soll een houfreg sinn op eis Stad. Mir hunn eng Aufgab heibannen, fir déi néideg Akzenter ze setzen, fir dass den Zuch och op der Schinn bleift.

Ech géif Iech gären déi Punkte presentéieren, déi ech als Headliner a menge Ressorte gesinn. Ech wäert net op all Thematik agoen, dat kënnt mam ganzen explizitte Koalitiounspro-

gramm. Et gëtt do keng Prioritéit bei mir. Ech fänke ganz sportlech un, grad mat deem Ressort. Mir wéilten d'Subsidereglement, zum Beispill, zesumme mat der neier Sportskommissioun iwwert de Leescht huelen. Dat awer esou, dass et sécherlech net zu Ongonschte vun de Veräiner soll sinn, grad de Contraire soll de Fall sinn.

D'Haaptpunkte wäeren: d'qualitatiivt Encadrement vun eiser Jugend bis zum Elittesport, de Benevolat an de Sportloisir. D'Richtung soll kloer sinn, dass mer de Sport an Etappe fir eis Kanner zum Beispill gratis ubidde kënnen. De Projet Spodi spillt do eng wichteg Roll. Mee do hu mer leider d'Päerd dee falsche Wee gesuedelt, well mir musse mat de Kanner an d'Veräiner goen an net ëmgedrëit.

Dohier soll de Coordinateur d'Acteure verbannen a Synergië fannen.

De Veräinssport ass elementar fir d'Cohésion sociale, dowéinst musse mer dee konkreet ënnerstëtzen, sief dat logisteschem oder finanziell. Mee och mat enger gewässer Simplification administrative, well eist Benevolat ass d'Achillesseen an och d'Waasser am Mouvement sportif.

Mir mussen an d'Infrastrukturen investéieren, well och déi musse mat der Populatioun wuessen. Ech denken do un de regionale Liichtathletikstadion, wéi den Här Ulveling scho gesot huet, d'Renovatioun vum Thillebiert, zwee synthetesche Fussballterrene si vun der FLF op der roudere Lëscht, dass se musse renovéiert ginn. Ech sinn do schonn amgaangen, mat de Verantwortleche vun der FLF ze verhandelen.

En zweet Lernschwimmbecken ass eng Necessitéit ginn. Sportlech Aushängeschëlter mussen ënnerstëtzt ginn. Ech denken do zum Beispill un national an international Organisatioune wéi den Tour du Luxembourg, mussen nees op Déifferdeng kommen. Fir 2024 sinn d'Diskussioune wéinst dem Tour schonn amgaangen.

Am Beräich Jugend ass et wichteg, virun allem op si ze lauschteren. Net nëmme solle si vun eis léieren, mir sollen och vun hinne léieren. Dowéinst soll de Jugendkommunalplang konstant evaluéiert an ugepasst ginn.

# 3. Déclaration du collège échevinal

D'Ëmsetzung dovunner ass dann och eng absolutt Prioritéit.

D'Schafung vun den Treffpunkte fir eis Jugend ass elementar. An deem Kader sollen eis Outreach Youthworker konsequent verstärkt ginn. Mir wëlle speziell Packagé fir Kultur a Sportofferte schafen an dann awer och schmackhaft maachen.

Och am Beräich Schoul a Kanner ass et wichtig, am selwechte Rhythmus ze plange wéi d'Awunnerzuel wüsst. Méi kleng dezentral Schoule plangen, gekoppelt un déi nei néideg Betreuungsstrukturen. D'Zesummenaarbecht mat deene verschiddenen Acteuren op de Campusse verstärken. D'Eltere mussen méi sensibiliséiert ginn, fir sech konkret matanzebanen. Den Appui an d'Hausaufgabenhëllef ausbauen an d'Realitéit um Terrain ëmmer am A behalen. D'Alphabetiséierung op Franséisch ass zum Beispill ee gudden Outil.

Den Ausbau an d'Verstärkung vu periscolairen Aktivitéiten. All Schoulkand muss op d'mannst – dat ass eis Meenung – während senger Schoulzäit eng Kéier an enger Kolonie gewiescht sinn. D'Enseignantinnen an d'Educatrice mussen bei deenen Ausflüch als Team matgoen an zesummeschaffen.

D'Digitaliséierung an de Kllassesäll ausbauen, d'Kanner deemno fit maache fir d'Zukunft.

De séchere Schoulwee iwwerdenken, mat méi Pedibus, zum Beispill, an d'Elteren och mat an d'Boot huelen an d'Diskussiounen.

Zu de Festivitéite wëll ech ënnersträichen, dass mer duerch en neien Dynamismus am Zentrum mat flotte Manifestatiounen genau dat kënnen erreechen, wat wichtig ass: méi Leit, méi attraktiv, méi interessant, méi Potential, nei Geschäftsleit. Esou leeft eisen alen Zentrum nees op a ka sech verbanne mat deem neie Quartier Opkorn/Gravitiy.

Nopeschfester eng nei Nues ginn an ënnerstëtzen. Well grad do wëll jo eng Gemeng, dass sech d'Noperschaft ënnerenee versteet a manner Konflikter lassgetrëppelt gi wéinst Streidereien.

Mat deem positive Punkt wëll ech ophalen, da sinn ech esou just nach an der Zäit. Abee, ech hoffen, dass mir allen 19 heibannen eng gutt a konstruktiv Aarbecht kënnen maache fir eis Biergerinnen a Bierger. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir déi Erklärungen. Ech géif d'Wuert dem Här Hartung ginn.

---

## **SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter a Schäffen, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, Verrieder vun der Press, léif alleguer, mäin Numm: Jerry Hartung, 43 Joer jonk, Sozialpedagog, laang politesch interesséiert an engagéiert. 2011 gouf ech President vun der Déifferdenger CSV, wat ech bis 2017 war, wou ech fir d'éischt an de Gemengerot gewielt gouf a wou ech déi lescht sechs Joer d'Funktoun als Fraktiounssprecher fir d'CSV ausgeübt hunn. An elo déi nächst grouss Eier, fir d'ëst Amt als Schäffen an der Stad, wou ech opgewuess sinn a wunnen, d'äerfen auszeüben.

Berufflech sinn ech ab 2004 an den Déifferdenger Schoulen ënnerwee gewiescht, notament zu Nidderkuer, wou ech och am Schoulkomitee engagéiert war.

Wéinst dem Mandat als Gemengerotsmember 2017 hunn ech meng Aarbecht leider misse wiesselen. Eng schwéier Entscheedung, mee en vue vun där interessanter Aarbecht fir d'Gemeng, eng Entscheedung, déi ech ni bedauert hunn.

Zu den Hobbyen, ech mengen, dat weess jiddwereen, ech sinn aktiv am Déifferdenger Schachclub, zënter zwielef Joer President. Soss spillen ech awer och mol Tennis a sinn awer gare bei all Sportsaktivitéit dobäi.

Da wéilt ech e puer Mercien ausdrécken. Virop alle Biergerinnen a Bierger fir den Zousproch an d'Vertrauen, dat si menger Partei a mir geschenkt hunn. Et ass mer eng grouss Eier an ech wäert

*En ce qui concerne la jeunesse, le Plan communal de la jeunesse devra évoluer constamment. Il est nécessaire de créer des points de rencontre pour les jeunes. Le projet Outreach Youthwork sera renforcé. Pour ce qui est de l'enseignement, la planification doit suivre l'évolution de la population. Thierry Wagner préconise des structures décentralisées couplées aux infrastructures d'accueil. La collaboration entre les différents acteurs des campus sera renforcée et l'aide aux devoirs améliorée. L'alphabétisation en français est un bon outil. Il faudra renforcer les activités périscolaires. Chaque enfant devra participer à une colonie pendant sa scolarisation. La numérisation des salles de classe sera développée. Le chemin vers l'école sera repensé en tenant compte du pédibus.*

*Pour ce qui est des festivités, Thierry Wagner pense que l'on pourra dynamiser le centre avec des manifestations chouettes attirant du monde et des commerçants. La commune compte soutenir la Fête des voisins.*

*Pour conclure, Thierry Wagner espère que les conseillers communaux réaliseront du bon travail ensemble.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** a 43 ans, il est pédagogue social et fait de la politique depuis longtemps. Il a été président du CSV Differdange de 2011 à 2017. Il fait partie du conseil communal depuis 2017. Désormais, il est échevin de la ville où il a grandi.

*Jerry Hartung travaillait dans les écoles de Differdange depuis 2004 et a fait partie du comité scolaire à Niederkorn. Quand il est devenu conseiller communal en 2017, il a dû changer de métier, mais il n'a jamais regretté ce choix.*

*Tout le monde sait que Jerry Hartung est actif dans le club d'échecs, dont il est le président depuis 12 ans. Il joue aussi au tennis.*

*Il remercie les électeurs qui lui ont accordé leur confiance. Il en est honoré et fera tout pour que Differdange aille de l'avant. Il remercie aussi l'équipe du CSV pour la chouette collaboration et la bonne ambiance ainsi que les autres partis, car la campagne électorale a été*

# 3. Déclaration du collège échevinal

*propre. Enfin un grand merci à sa famille pour son soutien.*

*Pour ce qui est de ses ressorts, il va commencer par le volet social et mentionne le service Senior Plus, le service de l'Égalité des Chances, l'intégration, le handicap, le Job-center... L'objectif est de développer ces services et de mettre en place des synergies internes et externes. Jerry Hartung cite notamment l'APEMH et la Fondation autisme. Le collège échevinal entend valoriser le comité participatif des personnes aux besoins spécifiques. Pour les séniors, il faut mettre en place une multitude d'offres pour les maintenir actifs. Parallèlement, il faut aider ceux qui sont isolés. Des ressources sont nécessaires.*

*En ce qui concerne les personnes ayant quelqu'un à charge, un prestataire professionnel pourrait les remplacer ponctuellement — par exemple quand elles sont au travail. Les volets de l'intégration, de la cohésion sociale et du vivre ensemble seront mis en avant grâce à la participation citoyenne et des actions concrètes.*

*Le collège échevinal entend promouvoir la coopération dans les quartiers. Du budget est prévu pour un appel à projets.*

*Pour ce qui est de l'emploi, la commune veut promouvoir le recrutement local auprès de l'industrie et du commerce tout en donnant le bon exemple dans ce domaine. Il faudra aussi mettre en place des mesures pour les chômeurs. Toujours dans le contexte de l'emploi, il ne faut pas oublier les gens handicapés.*

*Dans le domaine social, Jerry Hartung annonce par ailleurs des soirées thématiques et des activités participatives, par exemple pour promouvoir l'entraide.*

*En ce qui concerne le logement, il faudra continuer à investir dans les habitations abordables et agrandir le parc immobilier de la commune. Comme l'a dit monsieur Ulveling, le périmètre de construction ne sera pas élargi. Il faudra donc promouvoir une bonne mixité dans le périmètre existant. Parallèlement, il sera nécessaire de détecter les logements inhabités et de les mettre à disposition de la population le cas*

alles drusetzen, dëst Amt beschmeiglech ëmzesetzen, fir Déifferdeng no vir ze bréngen.

Och der ganzer Ekipp vun der CSV e grouse Merci fir déi flott Zesummenaarbecht, gutt Ambiente an Ënnerstëtzung.

Deenen anere Parteie merci fir dee proppere Walkampf, wou d'Theeme fir d'Stad an d'Bewunner am Vierdergrond stoungen.

Ofschléissend wëll ech menger Famill e grouse Merci ausdrécken, datt si mech ëmmer ënnerstëtzt, datt ech mäin Engagement fir Déifferdeng esou ëmsetze kann.

Elo kommen ech zum Koalitiounsprogramm, wou ech mech, bedéngt duerch d'Ressorte fir déi ech zoustänneg sinn, op de soziale Volet fokusséieren.

Mir kënnen houfreg sinn op villes, wat mer schonn hei zu Déifferdeng hunn: de Service Senior Plus, de Service égalité, d'Integratioun, den Handicap, den Jobcenter, wou schonn an de leschte Jore vill en place gesat gouf. D'Zil vun der neier Koalitioun ass et zum engen, dëst weider auszubauen, méi ze vernetzen a weider Synergien ze schafen, souwuel intern wéi extern. Zum aneren, am Beräich Handicap nei Träger, zum Beispill d'APEMH, d'Fondation Autisme an esou weider, bäizezéien, fir nei Offeren a Strukturen hei zu Déifferdeng fir eis Bewunner ëmzesetzen.

An dësem Kontext sief erwäant, datt mer de Comité participatif des personnes aux besoins spécifiques méi valoriséiere wëllen. Oder am Beräich vun de Senioren, wou een zum engen eng Multitud un Offere muss hunn, déi d'Leit uspriechen an aktiv halen, wa se dann net souwisou nach selwer ganz aktiv sinn, och ouni eng Offer vun der Gemeng. A virun allem muss mer do si fir déi Leit, déi net méi esou kënnen deelhuelen oder isoléiert sinn. Do muss mer Mesuren en place setzen, wéi een hinnen hëllef kann. Dat brauch méi Ressourcen, ass awer immens wichteg.

Och vill Leit, déi eng Persoun doheem versueren, datt mer hei mat engem professionellen Träger zesummeschaffen, fir an esou Fäll d'Prise en charge

zäitweileg ze iwwerhuelen, ze assuréieren an esou dës Leit ze entlaaschten, wa se zum Beispill daagsiwwer schaffe mussen goen.

Mat Biergerparticipatioun a konkreten Aktiounen wëlle mer dee ganze Volet vun der Integratioun, der Cohésion sociale, de Vivre ensemble méi an de Vierdergrond stellen an an eise Servicer verankeren.

Nieft Projete vu Sport a Kultur ginn d'Noperschaftsfester oder d'Zesummenaarbecht an de Quartiere gepuscht. Do freeën ech mech op eng gutt Zesummenaarbecht mat eisem zoustänneg Schäfte vun de Festivitéiten, dem Här Wagner.

Et ass e Budget fir en Appel à projets fir d'Awunner vu Quartiere virgesinn, wou se zum Beispill zesummen hir Iddien oder Projete kënnen areecheen.

Zum Emploi, hei muss mer zum enge selwer mam gudden Beispill virgoen, op där anerer Säit am Dialog mat eise lokale Geschäftsleit an Industrie, déi do si respektiv déi eng Ufro maachen, d'Approche promovéieren, wa méiglech fir d'éischt lokal ze rekrutéieren.

Natierlech brauch et och e Suivi, Hëllef respektiv Mesur fir d'Leit zu Déifferdeng, déi am Chômage sinn, fit ze maachen oder fit ze hale fir den Aarbechtsmarché.

Am Kontext vum Emploi gëtt natierlech och déi berufflech Inklusioun vu Mënsche mat Beanträchtegen oder enger Behënnerung matgeduecht.

Iwwergräifend iwwer all déi sozial Beräicher wäerte mer spezifesche Themenwenter oder participativ Aktivitéiten virgesinn, déi zum enge solle sensibiliséieren, zum aneren awer och d'Leit beieneen zum Austausch oder géigesäiteger Hëllefstellung bréngen.

Da kommen ech op de Logement. Do si mer ons eens, datt mir weider an den abordabele Wunnengsbau investéieren müssen, divers Projeten ëmsetzen an den aktuelle Pool u Gemengewunnen, déi mer zu abordabele Präisser verlounen, kontinuéierlech vergréisseren.



# 3. Déclaration du collège échevinal

Eens si mer ons och driwwer – et gouf scho vum Här Ulveling gesot –, datt de Bauperimeter net erweidert gëtt an innerhalb vum besteeënde Bauperimeter eng gesond Mëschung muss gëllen tëscht Wunnraum schafen an d'Erhale vu genuch Natur fir Spill- a Roupplazen, wou all Awunner sech ressourcéiere kann.

Dofir ass fir nieft dem méi traditionelle Wee vum Bauen, dee mer natierlech ginn, als zweet Pist virgesinn, den eidelstoende Wunnraum an der Gemeng ze detektéieren, wa méiglech nees wunn- tauglech ze maachen an iwwer eng sech ubiddend Méiglechkeet zum Beispill iwwert d'AIS Kordall oder ons Gemeengewinnungen, nees fir d'Leit als Wunnraum verfügbar ze maachen. Dat wär sécher e gutt Bild vun Déifferdeng. Natierlech muss de Proprietär do mat-spillen. Dat ass vläicht net iwwerall de Fall, mee all Logement, wat mer esou nees op de Marché kréien, ass e Gewinn.

Punkto Wunnofferen, do wäerte mer weiderhi souwuel oppe fir jiddereen, wéi fir Senioren, Personnes à mobilité réduite a Studente Méiglechkeete virgesinn.

Punkto Wunnforme wëlle mer nieft der classescher abordabler Lokatioun alternativ Konzepter wéi beispillsweis intergenerationellt a kooperatiivt Wunnen, Wungemeinschaften, Mietkauf fir jonk Familien oder nach Tiny Houses ausloten.

Am Beräich vun de Chambres meublées setze mer ons, wéi schonn de virege Gemengerot, fir méi vivabel Konditiounen fir d'Bewunner an.

Logement de transition respektiv d'urgence ass natierlech och e wichtegt Thema, wat mer konkret an dese sechs Joer wëllen ëmsetzen. Hei wier et vu Virdeel, zesumme mat de Kordall-Gemengen eng gemeinsam Léisung ze fanen. Ech soen Iech Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Vill Informatiounen, vill Iwwerschrëfte vum Koalitiounsprogramm, wëssend, dass Der

deen herno nogereecht kritt mat den Detailer.

Här Bertinelli, Dir waart bal en Opfer gi vu mengem Formfeeler, deen ech gemaach hunn. Ech géif dem Här Bertinelli dann nach eng Kéier d'Wuert ginn, fir de Rescht vu senger Presentatioun, vu sengem Zoustännegkeetsberäich ze maachen.

---

## **SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll Iech kuerz zu menge Projete schwätzen, woufir ech responsabel sinn.

Do wëll ech éischtens emol op de Klima an Naturschutz agoen. Den Här Ulveling huet schonn a senger Ried e Koup Saache gesot, déi do dra stinn. Ech wëll soen, datt mer vill Saache weiderfueren, datt mir awer d'Polver net nei erfanne wäerten, wat meng Virgänger ugeet. Do hunn ech vill fonnt, wat um Lafen ass oder wat gelaf war, un dat mer eis halen an och wäerte weiderfueren.

Ech wëll just soen, datt keng politesch Partei hei sëtze kéint, egal wat fir eng Fuerf, a sech net méi ëm d'Ëmwelt an déi Saache këmmere wéilt, well dat haut einfach eng Mussesaach ass. An et muss ee sech ëm d'Ëmwelt bekëmmern an ëm Naturschutz an ëm déi aner Saachen och.

Den Här Ulveling huet iwwert NetZeroCities geschwat, soudatt ech dat kann ewechloossen. Wéi gesot, mir hunn e ganze Koup Saachen, déi mer wëlle maachen, wat Naturschutz ugeet. Eis Koalitioun huet uitgemaach, datt mer wäerten an deenen nächste sechs Joer dausend Beem planzen. Dat probéiere mer dann och hinze kréien. Zemoos mëtten an eiser Stad, wou mer wéinst der Hëtzt an der Astralung vun de Makadamstroossen, da probéieren, Bamalleeën ze maachen. An effektiv Plazen ze begréngen, déi et de Moment net sinn.

Wat eis Parkhaiser ugeet, hu mer e ganze Koup um Leescht. Dann, fir iwwerall Parken ze maachen an de Stadkären, an den Ecken, fir méi Gréngs dranzekréien, hu mer e ganzen Deel op eiser Lëscht stoen.

*échéant. Cela implique évidemment que les propriétaires jouent le jeu.*

*Il faut des offres pour tout le monde: les séniors, les personnes à mobilité réduite, les étudiants... En plus de la location abordable, le collège échevinal fera aussi la promotion des logements coopératifs, des communautés, de la location-vente et des tiny houses.*

*Les chambres meublées doivent proposer des conditions de vie acceptables.*

*En ce qui concerne les logements d'urgence, il serait important de trouver une solution régionale avec les communes du bassin de la Chiers.*

*(Interruption de M. Bertinelli)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que monsieur Bertinelli a été victime de sa faute de forme. Il lui cède la parole pour qu'il continue sa présentation.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *va présenter ses ressorts en commençant par l'environnement. Monsieur Ulveling a mentionné le climat tout à l'heure. Fred Bertinelli ne va pas réinventer la roue. De nombreux projets sont en cours que ce collège échevinal va poursuivre. De toute façon, aucun parti politique ne peut faire partie de la majorité sans se soucier de l'environnement. On n'a plus le choix.*

*Fred Bertinelli ne va pas revenir sur NetZeroCities.*

*Pour le reste, le collège échevinal va planter mille arbres au cours des six prochaines années. Cela est important notamment dans le centre-ville quand il fait chaud. L'idée consiste par exemple à créer des allées bordées d'arbres. Le collège échevinal veut aussi aménager des parcs dans les centres des localités et d'une manière générale partout où cela est possible.*

# 3. Déclaration du collège échevinal

*Il faudra aussi modérer le trafic pour parvenir à réduire les émissions de CO<sub>2</sub> et mettre en place un système pour canaliser la chaleur produite par l'industrie. Les bâtiments communaux devront être aménagés de façon à préserver la chaleur.*

*L'eau devra aussi être thématifiée, car cette ressource est de plus en plus rare. Ces dernières semaines, Fred Bertinelli s'est promené dans les forêts, à des endroits où il y avait de l'eau, mais où il n'y en a plus. Les animaux ne trouvent plus d'eau et doivent aller boire dans les auges des agriculteurs. L'échevin se souvient avoir dressé une liste des sources avec monsieur Liesch. La ville dispose d'eau, mais elle n'en profite pas. Il est temps de changer les choses et d'arrêter notamment d'arroser les plantes à l'eau du robinet. Les animaux doivent pouvoir trouver de l'eau de juillet à septembre aux endroits où ils ont l'habitude de s'abreuver.*

*Fred Bertinelli entend aussi sensibiliser les gens à l'importance de l'eau. Et leur expliquer que l'eau du robinet est de bonne qualité et qu'elle peut être bue sans problème. Les gens doivent en profiter. Fred Bertinelli essaiera de réaliser le programme de coalition petit à petit avec l'aide du conseil communal. Ces dernières semaines, il a recueilli de nombreuses informations et il sait qu'il reste énormément à faire. Il s'attèlera à la tâche tout en accordant la priorité à certaines mesures.*

*Le ressort de la circulation est complexe. Le collège échevinal a fixé des priorités — notamment pour tranquilliser la situation sur les routes. Le passage à niveau 15 joue un rôle important. Si le trafic peut le contourner, il y aura moins de voitures dans le centre-ville et l'on pourra introduire des limitations à vingt kilomètres à l'heure autour des écoles.*

*La connexion des pistes cyclables sera améliorée. Les projets lancés seront poursuivis.*

An da gi mer bei der Mobilitéit op de Wee vun Aspuerung vum Verkéier, wat den CO<sub>2</sub> ugeet. An endlech dann déi Hëtzt, déi all Dag aus eiser gréisster Industrie einfach an d'Luucht geblose gëtt, déi ze kanaliséieren an domadder d'Quartieren ze hëtzen.

Dat ass ee groussen Deel. Och wat d'Bebauung ugeet, vun eise Gebaier, déi mer bauen, déi esou ze gestalten, datt se energiespuerend sinn, an datt se esou gestalt ginn, datt se e Minimum un Hëtzt erausginn. Soudatt mer dohinner kommen, wou mer wëllen hikommen. Et ass e ganze Koup.

Eppes Spezielles huet dese Schäfferot op d'Lëscht geschriwwen: Dat ass d'Waasser. Waasser ass eppes, wat ëmmer méi rar gëtt. Ech hu mech déi lescht Wochen enorm vill domadder beschäftegt, sinn emol kucke gaangen duerch eis Bëscher, duerch eis Stad, wou iwverall soss fréier natierlech Waasser gelaf ass, wou näischt méi ass.

Wa mer gesinn, datt d'Déieren an der Woch bei de Bauer an den Trach an d'Wisen drénke ginn, well se am Bësch selwer kee Waasser méi fannen, fannen ech, datt et héich Zäit gëtt, datt mer – a wien Déifferdeng kennt, ech hat hei mam Här Georges Liesch, wou ech schonn eng Kéier Schäffe war, e Quelle-regëster gemaach. Ganz vill Waasser hu mer an eiser Stad, wat an de Kanal leeft. Wat einfach esou ofgefouert gëtt a wou mer näischt dovunner hunn als Stad.

Ech mengen, et ass elo batter néideg, datt mer dat Waasser probéieren opzefänken a mat deem Waasser eppes ze maachen, wou ee sech ganz, ganz vill virstelle kann. Noerhuelungsgebidder. An och, datt mer net méi netze mat Krunnewaasser, mee datt et mat deem Waasser genat gëtt. An och zemools fir eis Natur an eis Déieren, datt se mol erëm op deene Plazen, wann esou Summer sinn, wéi der elo anscheinend ëmmer kommen, datt se dann awer och am Juli, August, September nach Waasser op deene Plaze fannen, wou se gewinnt sinn, Waasser ze fannen.

Dat wäert eng vu menge Prioritéite ginn, fir do ze kucken, fir dat Waasser och duerch eis Stad kënne lafen ze loossen, soudatt mer do kënne Waasser aspueren. An natierlech de Wäert nach

eng Kéier eriwwer ginn de Leit, wat d'Waasser eigentlech ass. Datt mer d'Leit och dozou kréien, Krunnewaasser ze drénken, wéi wäertvoll dat ass, wat mer mat vill Méi esou propper hierstellen, datt jiddwereen dat kann anstandslos drénken. Do gi mer dann och Messagen un d'Leit, fir dovunner ze profitéieren.

Wéi gesot, dee ganze Koalitiounsprogramm ass e ganze Koup Saachen. Lues a lues wäert ech mech do eraschaffen. Ech sinn op Är Hëllef ugewisen. Ech freeë mech dann, wa Saachen, wou ech net esou gutt dra sinn, fir dat ze fannen. Ech hu mech elo déi puer Wochen, wou ech do sinn, sou gutt wéi méiglech informéiert. A wéi gesot, et ass immens vill ze maachen. An dat wäert ech och da maachen.

Mee wéi gesot, mir hu verschidde Prioritéiten, wat mer wëlle maachen, wat Natur- an Ëmweltschutz ugeet. An do wäerte mer och den Akzent drop setzen. De Rescht wäert Der nach kréien, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet.

An da ginn ech op eppes an, wat ech schonn eng Kéier gemaach hunn hei, dat ass de Verkéier. Deen och keen einfachen Job an eiser Stad ass. Do hu mer och verschidde Prioritéiten, déi mer wëlle setzen, wat eise Verkéier ugeet.

Mir hunn eis och schonn do de Kapp zerbrach, wat mer eis virstellen, wéi mer de Verkéier an eiser Stad berouegt kréien. Den Iwwergang vun der PN15 spillt eng ganz, ganz wichteg Roll. Fir eis ass déi um Ordre du jour, fir déi ewechzehuelen, fir de Verkéier een anere Wee ze leede wéi mëtten an d'Stad. Soudatt eis Stad ka verkéiersberouegt ginn. Datt mer do Zentere kënne bauen. Wou den Auto nach just mat 20 km/h fiert virun eise Schoulen, wou mer eng ganz aner Liewensqualität an eiser Stad wäerte kréien.

De Vëlo wäert ech weider promouvéieren. Do war ech mat deem Éischtchen hei, deem deemools, och mam Schäffe Georges Liesch, op de Wee Gaangen ass. Mir wäerten deem ausbauen, fir eis iwverall unzeschleissen, wou et nëmme geet op den nationale Vëlosweeër. An et sinn nach Saachen, déi entaméiert sinn, uge-

# 3. Déclaration du collège échevinal

faange sinn, déi fuere mer weider a probéieren do och weiderzekommen.

Natierlech si mer a verschiddene Saachen och anerer Meenung. Soss wiere mer jo all an där selwechter Partei. Zum Beispill, wat eis Parkplazen ugeet, eis Parkhaiser ugeet. Do hu mer e ganze Koup op der To-Do-List stoen, dat wësst Der: dee grouse Parking am Zentrum. Mir wëllen e klenge Parking um 1535°. Mir hunn e Parking virgesinn zu Nidderkuer an der Zone industrielle. A mir wëllen och de Quartier résidentiel erëm e bësse méi opwäerten.

Dat heescht de Quartier résidentiel, déi Leit, déi eng gewëssen Zomm bezuelen, fir an engem Quartier Rou ze hunn, fir virun hiner Dier och emol eng Kéier ee bei sech op Besuch kënne kommen ze loossen, fir dann och eng Parkplaz ze fannen. Dat war jo a leschter Zäit ganz, ganz schwéier. Och well mer Alternativen hu misse sichen zu deem ville Gebauts, wat geschitt ass.

Dat gött jo lues a lues fäerdeg, an da probéiere mer, erëm de Residenzparking dat ze maachen, wat en ass. Dat heescht, wou d'Leit wunnen, datt d'Leit och erëm Parkplaze fannen. Do gi mer eis ganz vill Méi. Natierlech huele mer dat op de Leescht. An do wäerte mer och nach déi nächst Jore vill mussen dru schaffen.

Eppes, wat mer ganz wëlle reforméieren, dat ass den Diffbus. Säit den Transport gratis ginn ass, mengt een, do fueren dräi Busser hannereneen: den Diffbus, den T.I.C.E. an nach een déi selwecht Streck an déi selwecht Meteren. Also do kann ee wierklech Aspuerung maachen, wat eenzel Bussen ugeet. An och probéieren, dat besser ze koordinéieren. An da vläicht op en anere Wee goen, mat vläicht méi klenge Bussen dohinner ze fueren, wou elo de Moment de Besoin ass.

Natierlech wëlle mer den nationalen Tram. Op deem hu mer eis ageschoss. An et ass nach guer net sécher, wéi mer elo scho gesot kritt hunn, datt den Tram net op Déifferdeng kënnt. Dee kéint op Déifferdeng kommen. Op jiddwer Fall wäert ech mech voll asetzen, datt den Tram op Déifferdeng kënnt. Et ka jo net sinn, datt den Tram net op Déifferdeng – an déi dröttgréisst Stad – kënnt. Duerfir wäert ech mech

asetzen. An d'Chancë sti guer net esou schlecht, datt dat och méiglech ass.

Des Weidere wäerte mer probéieren eis Zuchlinnen esou direkt ze schafen, fir datt och déi Déifferdenger Leit schnell an d'Stad kommen. Mee de Moment ass dat nach net machbar, soudatt mer wäerte mat engem Bus op Bascharage fueren. Datt déi Leit vun Déifferdeng zu Bascharage schnell an d'Stad kommen, datt déi op deem Wee kënne profitéieren.

An déi eenzel Quartieren an eiser Gemeng kucke mer och nach, datt mer déi kënne ufueren. Mee mir ginn eis net, bis mer erëm mat der CFL geschwat hunn. An adequat och probéieren, eis Garen ze renovéieren, nei Haltestellen ze kréien. An do de Maximum probéieren, datt Déifferdeng, déi dröttgréisst Stad, och ausgesäit wéi déi dröttgréisst Stad aus dem Land, déi da besser vernetzt ass.

Wéi gesot, de Bus ass e groussen Dénge. Ech wëll awer och hei soen am Numm vum Schäfferot, datt mir hei am Schäfferot – ech weess net, wéi et am Gemengerot ass – voll hanner dem T.I.C.E. stinn. E Südbus, dat ass den Tram, deem hei duerch dee ganze Süde gefuer ass. Mir sti voll dohanner. Mir wäerten eis och asetzen, bis zum Schluss, datt dee Betrib bestoe bleift. Och wann en elo net méi dat sollt kréien iwwert de Ministère. Mee op jiddwer Fall si mir eng vun deene Südmengen, déi sech wäerten asetzen.

Mir wëssen, wat den T.I.C.E. hei bedeit. De fréieren Tram, deem, mengen ech, vun 1900 u gefuer ass hei duerch eis Gemengen, duerch dee ganze Süde gefuer ass. Wäerte mer och do eis asetzen. An ee Mann, keen anere wéi eise Buergermeeschter, huet sech do ageschriwwen an den T.I.C.E., fir do de Maximum ze maachen, datt den T.I.C.E. dat bleift, wat en ëmmer hei war, en ëffentlechen Transportmëttel fir eis Awunner. An duerfir wäerte mer eis och hei an deem Schäfferot ganz, ganz staark maachen.

Nach eppes, mir wäerten erëm op de Wee goen, fir eisen ëffentleche Gaart, dee mer hei hunn, erëm funktionéieren ze dinn. Do uewen, wou mer Geméis wäerte planzen en gros. E bësse méi grouss, wéi mer dat elo gemaach hunn.

*Les avis divergent concernant les places de stationnement. Le nouveau collège échevinal entend prendre de nombreuses mesures et pense notamment à un grand parking dans le centre, un petit parking au 1535° et un parc de stationnement dans la zone industrielle à Niederkorn.*

*Le stationnement résidentiel sera revu. Les gens doivent, au besoin, pouvoir trouver une place de stationnement près de chez eux. Dernièrement, c'était difficile à cause des nombreux chantiers. Mais le stationnement résidentiel doit avoir pour objectif de permettre aux résidents de trouver une place là où ils habitent.*

*Il faudra réformer le Diffbus, car on a l'impression que le Diffbus, le TICE et Dinola circulent au même moment à quelques mètres d'écart. Il faut coordonner les moyens de transport et les adapter aux besoins.*

*Il n'est pas exclu que le futur tram desserve Differdange. Fred Bertinelli fera tout son possible pour que ce soit le cas, car Differdange est la troisième ville du pays.*

*Pour ce qui est du train, Differdange a besoin d'une ligne la reliant à Luxembourg-ville rapidement. Comme ce n'est pas possible dans l'immédiat, il faudra un bus conduisant les usagers à Bascharage-Gare. En tout cas, le collège échevinal discutera avec les CFL, et essayera de rénover les gares et d'aménager d'autres arrêts.*

*Le collège échevinal va aussi soutenir le TICE, même si le ministère a d'autres idées. Le TICE est important pour le sud du pays. Et le bourgmestre s'est d'ailleurs engagé à faire son possible pour que le TICE reste ce qu'il est. C'est-à-dire un moyen de transport public pour les habitants.*



## 4. Tableau de préséance

*Fred Bertinelli annonce vouloir relancer le potager communal et le développer pour y produire plus de légumes. Un partenariat est aussi prévu avec le CIGL pour produire des légumes et planter des arbres. Les gens pourront ensuite profiter de ce potager et des fruits. Les légumes et les fruits seront aussi servis dans les cantines. Le collègue échevinal entend donner une certaine ampleur à ce projet.*

*S'engager pour la protection des animaux est devenu une nécessité à Differdange. Dans les jardins ouvriers, les animaux vivent dans de mauvaises conditions — parfois dans des conteneurs en acier quand il fait 35°. D'une manière générale, Fred Bertinelli entend réorganiser les cités jardinières de sorte que l'on puisse parler d'animaux sans avoir honte. La Constitution précise que les animaux ont une valeur et qu'ils doivent être traités comme il faut.*

*Fred Bertinelli vient de donner un aperçu du programme. Le conseil communal prendra connaissance des détails en lisant le contrat de coalition.*

*Fred Bertinelli ajoute que sa porte est toujours ouverte pour les gens apportant de bonnes idées.*

*Ensemble avec monsieur Altmeisch, monsieur Ulveling et monsieur Muller, Fred Bertinelli va multiplier les contacts avec l'industrie et les commerçants. Bientôt, le collègue échevinal pourra donner de bonnes nouvelles aux conseillers communaux.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** constate que le conseil communal vient de recevoir quelques informations concernant le programme de la majorité. Une version écrite suivra. Le bourgmestre propose de répéter la procédure du budget. Une fois que les conseillers auront reçu le programme écrit, ils pourront prendre position lors de la séance suivante. Ensuite, le collègue échevinal réagira aux réflexions et propositions faites.

Guy Altmeisch passe au point 4 de l'ordre du jour, le tableau de préséance. Ensuite, le conseil communal fera une pause de 15 minutes. Pour Guy Altmeisch, le tableau de préséance est une nouveauté. On

Hunn och nach e puer Leit, wou mer mam CIGL oder mat TUCe schaffen, datt mer erëm Geméis wäerte planzen a Beem dohinnersetzen. Wou mer Uebst planze pour tout le monde, wou mer de Leit dat Uebst an dat Geméis wäerte weiderginn an eis Kantine mat deem Uebst a Geméis wäerte weider beliwieren. Dat wäert e gréissere Projet ginn.

Da wäerte mer weider den Déierschutz fleegen, dee momentan an enger ganz, ganz schlechter Phas an eiser Gemeng ass. Wann ee sech déi Gäert emol alleguerten ukucke geet, wéi vill Déieren, déi ënner ganz schlechten Zoustänn musse liewen, a Containeren aus Eise bei 35 Grad agespaart sinn. Also, do musse mer onbedéngt eppes maachen.

Dat wäert dëse Schäfferot an de Grapp huelen an och kucken, wéi eng Strukturen ee ka maachen, fir déi ganz Cité-Jardinière e bëssen ze veränneren, dat e bësse méi zäitgeméiss hinze kréien, soudatt och kee Wildwuchs méi ass. An datt déi Leit, déi mat hiren Déieren do sinn, och hir Gäert adequat sinn, an datt mer och kënnen eis an d'Gesicht kucken, wa mer iwwer Déiere schwätzen. Well et steet jo och elo an der Constitutioun, datt d'Déieren e Wäert hunn an datt een d'Déiere soll esou behandelen, wéi sech dat gehéiert.

Wéi gesot, dat ass nëmmen e bësse vun deem, wat alles do dran ass. Et ass enorm vill. Wéi gesot, mir waarden op de Koalitiounsvertrag. Wann Der dee gelies hutt, wann zu deem engen oder deem anere Froe sinn, meng Dier ass ëmmer op. Een, dee mat Projete kënnt, déi gutt sinn – wat scho geschitt ass, mat Leit, déi a mäi Büro komm sinn, fir Saachen, wou ech mech da mol aschaffen an da kucken, wéi de Projet ass, ob e finanziell machbar ass. Mee, wéi gesot, probéiere mer, de Maximum ze maachen. An Avis aux amateurs: Meng Dier ass ëmmer op fir jiddwereen.

Mir hu ganz, ganz vill Pain sur la planche. Zesumme mam Här Ulveling, mam Här Buergermeeschter a mam Erny Muller wäerte mer probéieren, dës Stad, wat d'Geschäfte ugeet, d'Industrie – mir hu scho ganz, ganz gutt Kontakter. Ech si wierklech frou, mir hunn eis do scho vill investéiert, datt mer scho ganz vill Kontakter hunn.

Dir wäert gesinn, mir wäerten Iech kënnen net allze laang gutt Nouvellë gi vu Saachen, déi hei an eiser Stad erëm opginn. A wou mer erëm probéieren, déi Stad, déi esou liewenswäert ass, dohinner ze kréien, wou se muss sinn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. En vue vun deem Programm, dee mer haut hunn, an en vue vun deene villen Informatiounen, déi Der kritt hutt, an en vue vun där schrëftlecher Versioun, déi Der nogereecht kritt, géif ech proposéieren, dass Der déi Informatiounen, déi Der elo hutt, an déi Informatiounen, déi Der nogereecht kritt, dass mer et esou mache wéi beim Budget.

Dass mer dat do presentéiert hunn an Dir kritt dee schrëftlechen Deel no an da géift Der d'Méiglechkeet kréien, als Parteien eng Reaktioun ze bréngen an där éischter Seance, wou mer et da géifen op den Ordre du jour huelen. Fir ze reagéieren an Är Kommentaren, Är Verbesserungsvirschléi an Är Iwwerleeungen zu deene verschiddene Punkte matdeele kënn. Dann hätt Der all d'Informatiounen.

Ech mengen, et wier all Sait gedéngt, fir den anstännege Suivi dann och vum Programm a vum Koalitiounsgespréich. Ass dat okay? Mat Ärem allgemengen Averstännis géife mer dann op de Punkt 4 iwwergoe vum Ordre du jour. Duerno, nodeem Der dann den Tableau de préséance presentéiert kritt, deen Der an Ärem Dossier hutt, géif ech eis eng kleng Paus proposéiere vun enger Véierelstonn an da géife mer viru fuere mam Ordre du jour.

Den Tableau de préséance, wat ech mer selwer hu missen erkläre loossen – et war och Neiland fir mech, hunn dat nach ni gesi virdrun –, dat ass am Fong geholl eng Hierarchie.

(Ënnerbriechung)

Ech hunn e scho gestëmmt, jo, mee d'Erklärunge waren dunn nach anerer. Mee dat ass awer dee selwechte Plang. Et ass e Plang am Fong geholl vun der Nominatioun. Wat soe wëll, wéi laang

# 5. Guide et Charte de la Ville de Differdange

déi Leit ouni Paus, ouni Arrêt am Schäfferot respektiv am Gemengerot vertruuede sinn. Dat ass eng Informatioun an eng Dokumentatioun, déi mer brauchen, wa mer Ofstëmmungen hei am Gemengerot maachen, sief et vum Personal oder esou, do muss perséinlech ofgestëmmt ginn, wou dann déi Leit am Fong geholl en Deel si vum Oflaf vum Walbüro, als Zeien oder fir d'Kontroll ze maachen an hirer Funktioun als Zeien, fir eng Hierarchie dann ze hunn, wien do géif eng Hand matupaken.

Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Tablo, deen Der virun Iech leien hutt respektiv deen Der och op der Diffcloud consultéiere konnt? Wann et keng Wuertmeldunge gëtt, da géife mer zum Vott kommen.

---

## GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Just virun der Ofstëmmung: Mir huelen dat jo alles op, déi ganz Sitzung. Et ass ëmmer e wéineg kniwweleg. Jiddweree muss de Mikro drécken an da säi Jo, säin Nee, seng Enthaltung matdeelen. Dat ass elo bei all Punkt esou. Dass mer et kënne korrekt ophuelen, fir och d'Leit, déi dobausse lauschteren.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le tableau de préséance.*

---

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir déi flott Ofstëmmung. Ech géif da proposéieren, dass mer bis 10.10 Auer eng kleng Paus aleen, fir eis e bëssen ze erhuelen. Merci.

(Paus)

Ech hunn d'Confirmatioun, dass elo erëm opgeholl gëtt, da kënne mer virufueren. Am schlëmmste Fall misste mer de Mëtten nach eng Kéier zrëckkommen, fir eng nei Opnam ze maachen. Nee.

Merci deenen, déi eis elo aus där Pann hei erausgeholfen hunn. Da kéime mer

zum Punkt 5 vum Ordre du jour. Dat ass de Guide an d'Charte vun der Stad Déifferdeng.

Déi Charta, dee Guide ass eng Aarbecht, déi vun deem virege Schäfferot an Ugrëff geholl ginn ass. Zesumme mat 13 Leit aus dem Haus hei. Leit aus de verschiddene Karriären, aus de verschiddene Servicer, hu sech zesumme gesat a ville Reuniounen a viller Aarbecht, wou se eis dee schéinen Depliant, deen Der virun Iech leien hutt, zesumme mam Schäfferot ausgeschafft hunn.

Et ass eng Charta vu grousser Valeur. Si huet eng Valeur an dréit bäi zu – och wann ech mech elo vläicht widderhuelen, mee et ass mer awer wichteg – enger gewëssener Transparenz, zu engem gewëssene Respekt, zu enger gewëssener Responsabilitéit ënnereneen. Enger Transparenz ënnereneen, ënner all Service, ënner all Aarbechter an ënner de Fonctionnairen, Employéen, alle Servicer, wéi gesot.

An och d'Approche vun deene Leit, déi fir d'Gemeng däerfe schaffen, vis-à-vis vun de Bierger. Et ass wichteg, wann d'Bierger heihinnerkommen, dass se Leit begéine mat engem laachende Mond, dass se Leit begéinen, déi bereet sinn, de Bierger ze hëllefen. A Leit, déi fir eis schaffen, si musse sech och bewusst sinn, dass se déi grouss Chance hunn, fir däerfe fir eis Populatioun ze schaffen. Dat ass eng Chance. An dat ass eng Chance, déi se mussen notzen an och an hirer Ausstralung soll dat bemierkbar sinn.

Dofir dat Dokument hei. Eng schrëftlech Verfaassung vun alle Recommendatiounen, déi, wann een emol en – et huet ee jo gutt Deeg am Liewen an et huet ee besser Deeg –, wann een emol e gudden Dag huet a gutt granzeg ass, kann ee sech eng Kéier hei informéieren, eng Kéier hei erkrabbelen a sech nei orientéieren, fir zu méi enger positiver Ausstralung, zu méi enger positiver Aarbecht ze kommen.

Fir deem Ganzen e Poids ze ginn a fir deem Ganze méi Valeur ze gi vis-à-vis vun eis, vis-à-vis vun eisen Employéen a vis-à-vis vun all Mënsch, wier ech frou, wa mer dat géifen am Gemengerot haut ofstëmmen. Ech mengen, et ass derwäert, dass mer d'Dokument, duer-

lui a expliqué qu'il s'agit d'une sorte de hiérarchie.

(Interruption)

Guy Altmeisch parle d'un plan des nominations. Il reprend les conseillers communaux en fonction du temps qu'ils ont passé au conseil communal de manière ininterrompue. Ces informations sont nécessaires lors des votes du conseil communal par exemple.

Le tableau peut aussi être consulté sur le Diffcloud.

---

## HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

rappelle que les séances du conseil communal sont enregistrées. Il est important que chaque conseiller communal allume son micro avant de procéder au vote.

(Vote)

---

## GUY ALTMEISCH (LSAP) propose une pause jusqu'à 10 h 10.

(Pause)

Guy Altmeisch plaisante sur le fait que si jamais il y a un problème avec l'enregistrement de la séance, les conseillers communaux devront revenir cet après-midi pour un deuxième enregistrement.

Le bourgmestre passe au point 3, la Charte de la Ville de Differdange. Il s'agit d'un guide réalisé par le collège échevinal précédent ensemble avec 13 employés issus de toutes les carrières. Elle a pour objectif de renforcer la transparence et le respect entre les services, les fonctionnaires, les employés...

Elle fixe aussi l'approche de la commune vis-à-vis des citoyens. Il est important de leur sourire et de leur montrer qu'on veut les aider.

Pouvoir travailler au service de la population de Differdange est une chance. Il faut donc en profiter.

Le document dont il est question constitue un ensemble de recommandations. Guy Altmeisch plaisante sur le fait qu'il y a des jours où l'on est de bonne humeur et des jours où l'on est de meilleure humeur. Les mauvais jours seront une bonne occasion de se plonger dans le guide et retrouver une vision positive du travail.

# 5. Guide et Charte de la Ville de Differdange

*Guy Altmeisch demande au conseil communal d'approuver la Charte pour lui donner la valeur qu'elle mérite. Une fois approuvé, le document sera distribué aux services et mis à disposition de la population sous format papier et en ligne.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il s'agit d'un produit de la période législative précédente. Ce dossier tenait à cœur à l'ancienne bourgmestre. Elle s'est engagée dans ce projet avec enthousiasme, car elle se rendait compte de son importance.*

*Laura Pregno rappelle que madame Brassel-Rausch est devenue bourgmestre après l'affaire de l'abri de jardin et juste avant la pandémie. Il y avait trop de grains de sable dans le mécanisme. Les collaborateurs ne savaient plus à qui faire confiance et à qui ils pouvaient parler librement. La bourgmestre voulait trouver une solution même si d'autres membres du collège échevinal n'étaient pas convaincus.*

*Colleen Besch a organisé un coaching d'abord du collège échevinal et du secrétaire communal, puis des différents départements.*

*La commune a élaboré la vision d'une ville où il faut bon vivre. Ensuite, elle a clairement défini ses missions et ses valeurs.*

*Le travail du collège échevinal a finalement été peaufiné par un groupe des membres du personnel et la Charte a ainsi vu le jour. Le collège échevinal et le personnel s'engagent sur six points: la transparence, le respect, la responsabilité, la coopération, la satisfaction du personnel et l'estime. La Charte définit aussi la façon de communiquer entre le collège échevinal et le personnel, entre les employés entre eux, et avec la population.*

*Laura Pregno estime qu'il ne faut pas mettre le document dans le tiroir et l'oublier. Au contraire, il est important de le faire vivre, de le consulter, de le comprendre et de le mettre en pratique. Et si quelqu'un oublie ce qu'il y a écrit dedans, on pourra toujours le lui rappeler.*

*La préface a été signée par le collège échevinal. Si Laura Pregno en croit les mots de monsieur Altmeisch, la Charte sera soutenue par*

no, wa mer et ofgestëmmt hunn, dann och verdeelen un déi Servicer vun de Gemengen. An dass mer et ëffentlech dohinner leeën, dass jiddwereen hei an der Gemeng Zougang huet. Sief dat a Pabeierform, sief dat um Internetsite vun der Gemeng.

Dat gesot, géif ech d'Wuert ginn un déi Leit, déi e Kommentar oder eng Meinung oder eppes dozou matzedeelen hunn. Un déi Leit, déi sech mellen. Merci.

Madamm Pregno.

---

## LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert an anengems merci fir déi Presentatioun. Wéi bei esou ville Punkten haut um Ordre du jour, handelt et sech heibäi ëm en Ennprodukt aus der leschter Legislaturperiod an deemno vum leschte Schäfferrot.

Ech weess, dass et en Dossier ass, deen eiser ehemoleger Buergermeeschtesch immens um Häerze louch an dee si, wéi all hir Dossieren, mat immens vill Energie weidgedriwwen huet, well si wouss, wéi wichteg et wär.

Fir dëst ze verstoen, muss ee vläicht kuerz zrëckblécken: Am Hierscht 2019, wéi d'Christiane Brassel-Rausch hei Buergermeeschtesch ginn ass, no der bekannter Gaardenhaischen-Affär a kuerz drop de COVID komm ass, war viles hei op der Gemeng op der Kopp.

Et huet ee gemierkt, dass et net richtig gedréit huet. Et war ze vill Sand im Getriebe. Wiem kann ech wat zielen? Mat wiem kann ech propper zesummeschaffen? A wiem kann ech vertrauen? Souwuel tëscht dem Personal huet een dat gespuert wéi och vis-à-vis vun de Politiker. Et pour cause!

A wéi sou oft et mam Christiane war, huet hatt dat ugepaakt a gesot: Nee, esou kann dat net hei weidergoen. An och wann aner Membere vum Schäfferrot net esou waarm dofir waren, huet et sech op de Wee gemaach, fir e Coaching ze organisieren. Dëst huet vill Zäit an Usproch geholl, an déi hate verschidde Memberen am Schäfferrot net ëmmer.

Als Éischt ass dee ganze Schäfferrot gecoacht ginn, zesumme mam Gemeingesekretär. Dann déi verschidden Departementer. An awer och eenzel Leit.

Ënner der Leedung vum Colleen Besch an hirer Ekipp ass vill geschafft ginn. Eng Visioun huet sech erauskristalliséiert: Déifferdeng, eng Stad, an där et sech gutt liewen a schaffe léisst. Duerno sinn d'Missiounen an d'Valeure vun der Gemeng Déifferdeng kloer definéiert ginn.

Nodeems dunn an engem éischte Coup de Schäfferrot dës éischt Etappen definéiert huet, huet e Grupp vu Memberen aus dem Personal sech gemellt an dëst weider peaufinéiert. Doraus ass elo dësen Handout entstanden.

Ënner sechs Punkten: Transparenz, Respekt, Responsabilitéit, Diversitéit an Integratioun, Kooperatioun a Kollaboratioun, Satisfaktioun vum Personal a Wäertschätzung ass dann allkéiers d'Engagement vum Schäfferrot an och vun der Gemeng als Institutioun festgehale ginn.

An engem leschten Deel ass festgehale ginn, no wéi enge Leitlinne soll kommunizéiert ginn. Souwuel tëscht dem Schäfferrot an dem Personal, ënner dem Personal an awer och mam Bierger. Well zu gudder Lescht geet et jo dorëms an der Gemeng: am Déngscht vum Bierger.

Dëst Heft ass e liewegt Heft. Et kann een et zwar definitiv am Tirang leie loossen, mee et sollt u sech awer net do verstëbsen. Et kann een et an de Grapp huelen, dra bliederen an am beschte Fall liesen, verstoen an ëmsetzen.

Op der leschter Säit kann ee seng Notten dra festhalen an et soll een ëmmer erëm dra kucken. A wann ee sech net méi sécher ass, wat drasteet, kann een et, gegebenefalls, engem aneren et ënner d'Nues halen, wann deen net méi esou genau weess, wat do drasteet.

Zum Schluss wéilt ech Iech all drop hiweisen, dass d'Preface vum Collège échevinal de la Ville de Differdange ënnerschriwwen ass. An esou soll et dann och gemaach ginn. A wann ech dann hei de Wiederer vum Buergermeeschter gleewen, an dat maachen ech



# 5. Guide et Charte de la Ville de Differdange

dann och, soll et vum Schäfferot am Ganzen a vun all eenzele Member am Schäfferot eenzel ënnerstëzt ginn.

Oft gëtt jo gesot, et hätt een 100 Deeg Zäit, fir sech a senger neier Roll anzefannen. Ech denken, hei an dësem Dossier, dat Dokument ass esou komplett, dat misst direkt vum éischten Dag u klappen. A wann net, d'Personal vun der Gemeng Déifferdeng huet déi néideg Outilen, Iech drop hinzewiesen, wann Dir, Dir Hären, Iech net drun haalt. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno, fir deen Historique, déi Detailler an déi praktesch Rotschléi.

Ech mengen, mir hunn de Beweis geliwert, dass mer eis interesséieren, dass mer eis duerno riichten, dass mer eis Zukunft duerno orientéieren, andeem mer et hei presentéieren an deem Ganze wëllen eng Valeur ginn, andeem mer et hei stëmme loossen am Gemengerot. Merci fir d'Rotschléi! Da géif ech d'Wuert un den Här Gary Diderich ginn.

---

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, ech begrëssen dës Initiativ. Mir waren, en effet, an enger Situatioun hei an der Gemeng, déi souwuel d'Personal wéi d'Gemengerotsvertrieder an de Schäfferot nawell ellen un d'Wackele bruecht huet. A mer a villen Hisiichten net onbedéngt stolz konnte sinn op dat Bild, wat mer eise Bierger gebueden hunn.

Deemools, wéi mer an där Situatioun waren, an där Kris waren, hate mir als déi Lénk de Virschlag bruecht, eng Motioun ze stëmme fir e „Renouveau démocratique“ hei zu Déifferdeng an am Gemengerot.

D'Iddi, esou eng Charte ze maachen, war dunn nach net Deel dovunner, mee ass eng ganz gutt Reaktioun gewiescht, fir ze kucken, wéi ee vu ganz uewe bis

ganz ënnen am Gemengenapparat verschidde Saachen nei denkt a sech ee Kader gëtt, fir och aner Saachen, wéi zum Beispill den Netrespekt vun enger ganzer Rei Saachen, ze evitéieren.

Dat hei ass elo d'Resultat. Ech ginn e bëssen duerch d'Dokument. Ze begrëssen ass aus menger Siicht, dass de Logement als Missioun hei opgezielt gëtt. E bëssen erstaunlech ass, dass déi obligatoresch Missiounen elo net explizitt dra stinn. Ech menge Waasser, Poubellen, mee bon, vläicht brauch een dat schonn net méi ze erwänen. Op jidde Fall ass ze begrëssen, dass een déi verschidden Akzenter gesäit bei de Missiounen, wéi Logement, wéi dat Soziaalt, déi extra ervirgestrach ginn.

Wat d'Transparenz ugeet vun de Valeuren, do feelt mer de Volet vum Schäfferot a vum Gemengerot. Deemools hate mer an där Motioun gesot, dass mer eis e Code de déontologie ginn als Déifferdenger Gemeng vun de Gemengeréit. Dass d'Gemengeréit verschidde Saache public maachen, fir dass esou Interessekonflikter, wéi déi, déi mer deemools haten, kënnen evitéiert ginn.

Ech erënneren drun, dass den Ustouss vun där ganzer Affär, déi am mannste mat engem Gaardenhaischen ze dinn hat, eeben d'Fro war, ob de Schäfferotsmember, de Buergermeeschter an deem Fall, present war an deene Sëtzungen, wou iwwert de PAG diskutéiert ginn ass, fir eng Regioun, wou hien en Haus geierft hat. Dat war den Ustouss vun där ganzer Saach. An dorop koum keng kloer Äntwert.

Ee Code de déontologie soll am Fong sécherstellen, dass mer an Zukunft esou Saachen evitéieren, an dass eebe kloer ass, wie vu wéi engem Patrimoine betraff ass, wie wou Eegeninteressen huet, fir dass mer esou Saachen evitéieren. Dat ass eppes, wat mer hei feelt a wou ech frou wär, wa mer dee Prozess vun deem Code de déontologie och elo als neie Gemengerot direkt géifen ugoen, fir dass mer sechs Joer awer gutt ënnerwee sinn.

Wat mech e bësse stéiert punkto Responsabilitéit, dat ass d'Verständnis vun der – also ech verstinn, wat domadder gemengt ass: Do soe mer, d'Gemeng ass wéi e Prestataire de service. Jo, mir sollen e gudder Service

*chaque membre du collège échevinal. On dit souvent qu'il faut cent jours pour s'adapter à une nouvelle fonction. Mais ce document est tellement complet que cela devrait fonctionner du premier jour.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** remercie madame Pregno pour l'historique, les détails et les conseils. Le collège échevinal a prouvé qu'il tenait au document en le présentant aujourd'hui et en lui accordant de la valeur.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** rappelle que la situation à la commune avait fait trembler le personnel, les conseillers communaux et le collège échevinal. Les représentants politiques ne pouvaient pas être fiers de l'image qu'ils présentaient à la population.

*À l'époque, déi Lénk avait présenté une motion pour le renouveau démocratique. La Charte n'en faisait pas partie, mais c'était une bonne idée de donner un cadre au fonctionnement de l'appareil communal.*

*Gary Diderich salue le fait que le logement fasse partie des missions. Les missions obligatoires comme l'eau ou les poubelles ne sont pas mentionnées, mais ce n'est peut-être pas nécessaire.*

*En ce qui concerne la transparence, le conseil communal devait se doter d'un code de déontologie pour éviter notamment les conflits d'intérêts. Pour Gary Diderich, cela n'avait pas grand-chose à voir avec l'abri de jardin. La question était de savoir si le bourgmestre avait participé à une réunion sur le PAG où il était question d'une maison dont il avait hérité. La réponse n'est toujours pas claire. Un code de déontologie permettrait d'éviter ce genre de situations. Gary Diderich espère que le nouveau collège échevinal commencera à travailler immédiatement sur ce code.*

*La Charte compare la commune à un prestataire de services. Bien entendu, elle doit offrir un service de qualité aux citoyens. Mais elle n'est pas un prestataire de service comme les autres. Elle constitue un service des citoyens aux citoyens et est financée par les taxes. Les gens ne paient donc pas pour un service*

# 5. Guide et Charte de la Ville de Differdange

*au moment de la prestation. Chacun participe au service public en fonction de ses moyens. Les gens venant à la commune doivent être traités comme des citoyens et non comme des clients. Ils doivent pouvoir profiter d'un bon service public et être traités avec respect et estime.*

*En ce qui concerne la communication, les gens doivent recevoir une réponse endéans 48 heures. Le dernier collègue échevinal avait du mal à s'y tenir. Monsieur Weirich était intervenu plusieurs fois à ce sujet. Gary Diderich connaît le cas d'une femme dont le fils a failli mourir dans un accident de la circulation. Elle n'a jamais reçu de réponse de la commune. Le conseiller communal comprend que la commune reçoit beaucoup de courriels et qu'il n'est pas facile de savoir ce qui est important et ce qui l'est moins. Mais on peut toujours donner une réponse.*

*Madame Pregno a dit que ce document était vivant. Gary Diderich espère que c'est aussi la façon dont le collègue échevinal voit les choses. Il voudrait que la Charte soit mise à jour en fonction des propositions, etc.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** souhaite répondre avant de continuer le tour de table. Il donne raison à monsieur Diderich: quand un citoyen ressent le besoin de contacter la commune, celle-ci doit lui répondre rapidement. La personne en question s'adresse à la politique parce qu'elle a un problème.

*Le collègue échevinal fera son possible pour que la Charte reste vivante. D'ailleurs, la semaine prochaine, Guy Altmeisch a deux rendez-vous auxquels il compte apporter le document.*

ubidden als Gemeng. D'Gemeng ass awer net wéi een normale Prestataire de service, wéi e kommerzielle Prestataire de service. D'Gemeng ass vun de Bierger fir d'Bierger. Dat heescht, et ass eng ëffentlech Institutioun, déi gëtt finanzéiert vun de Steieren, déi déi schaffend Leit ofginn an engem solidarische Gedanken.

Et ass net e Service, deen ee bezilt a just wann een e bezilt, da kritt een en. Ech mengen, dass mer do e bësse mussen oppassen, mat wéi enger Astellung mer un déi Saach eruginn. Mir wëllen alleguer, dass jidderee gläich, jiddereen en fonction vu seng Mëttele bäidréit zu engem ëffentleche Service an awer jiddereen, egal wat seng Mëttele sinn, ka profitéiere vun engem ëffentleche Service. Dat ass déi Notioun vu Service public, déi muss am Vierdergrond stoen.

Och wann an der Organisatioun, an der Ëmsetzung ee soll déi Approche hunn: D'Leit kommen net als Bittsteller heihinner, d'Leit kommen heihinner als Bierger a gi behandelt wéi Bierger. An ech géif dann och net soen als Client, mee als Bierger. A sollen eeben och vun engem gudde Service public profitéieren, wou een mat deene Valeuren, déi hei drastinn, och begéint gëtt: Mat Respekt, mat Wäertschätzung.

Wichtig ass – an ech hoffen, dass dat sech ab elo applizéiert, well de virege Schäfferot hat seng Schwierigkeiten domadder, dat ze applizéieren –, dat ass ganz hannen, d'Kommunikatioun. Dass een de Bierger innerhalb vun 48 Stonnen am Reegelfall soll äntweren. Den Eric Weirich huet hei zwee- oder dräimol am Schäfferot missen intervenéieren, fir dass eng Biergerin eng Äntwert kritt huet op e Mail, dee si gemaach hat.

Mir kenne Fäll, wou engem säi Bouf bal leie bliwwen ass an engem Verkéiersaccident, an déi Madamm huet ni eng Äntwert kritt vun dëser Gemeng. Dat si just déi Fäll, déi mir kennen. An dat si Fäll, déi ee sollt evitéieren. An et freet mech, dass an dëser Charte dat elo och esou drasteet.

Et ass net ëmmer evident. Ech mengen, där Maile gëtt et ganz vill. Dofir hoffen ech, dass d'Moyenen och dofir wäerten do sinn, an dass een och kann aschät-

zen, wéini Saache wichteg sinn a wéini Saachen net esou wichteg sinn. Mee eng Äntwert kann een ëmmer ginn. Och wann ee mengt, et wär vläicht net wichteg, da kann ee soen: „Mir konnten eis elo net drëm këmmen“ oder „Mir kommen drop zrëck.“

Op alle Fall hoffen ech, dass dann dat, wat d'Madamm Pregno elo gesot huet, dass dat e liewegt Dokument ass, dass dat och esou ëmgesat gëtt. Dat heescht, dass een esou Ureegung vläicht nach ëmmer kann ophuelen, dass dat Dokument eeben net an engem Tirang verluergeet. Mee dass dat regelméisseg, och mam Personal, och am Schäfferot och am Gemengerot opgefrescht gëtt. Jiddedalls wäert ech heiansdo drop zrëckgräifen, wann et dann néideg ass. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. E puer Saachen, déi ech Iech direkt wéilt als Äntwert ginn, ier mer mat deenen anere Wuertmeldunge virufueren. Wat mer wichtig ass: Et ass ganz richtig wat Der sot. Eng Demande vun engem Bierger, déi un e Politiker geet, sief et een aus dem Gemengerot, sief et een aus dem Schäfferot, déi muss behandelt ginn. Wann de Bierger e Besoin huet, fir eng Demande ze stellen, sech hanner säi Clavier klemmt an eng Demande fortschéckt, sief dat elektronesch oder an engem schrëftleche Bréif, soll dat och esou spontan wéi méiglech behandelt gi vun deemjéinegen, deen den Adressat ass vun där Fro.

Dat ass e Bierger, dee Problemer huet, dee Froen huet a wou e sech un d'Politik wennt. Déi soll een esou séier wéi méiglech beäntweren.

Mir wäerten dat Bescht maachen a mir wäerten alles ginn, fir dat Dokument hei um Liewen ze halen. Gleeft mer eent: Dat wäert net a mengem Tirang verstëbsen, well d'nächst Woch hunn ech zwee Rendez-vousen, wou ech et scho mathuelen. Also dann och dat zum Liewen erhalen.

Zu där anerer Saach, wat Der gesot hutt. Ech mengen, dat war dem Redaktionskomitee – loosse mer et emol esou nennen, fir keen ze vergiessen –

# 5. Guide et Charte de la Ville de Differdange

vun där Charta hei ganz bewosst, dass den ugeschwatene Code de déontologie beim Legislatieur um Programm steet. Déi sinn amgaangen, dat gesetzlech festzeleeën, fir méi Transparenz an der Vie politique, an där ganzer politescher Landschaft ze schafen. Mer hu méi Poids, wa mer ee Gesetz hu wéi e Code de déontologie oder eng Charte, wat ganz wichtig ass, mee e Gesetz gëtt deem Ganze méi Valeur an assuméiert och, ...

---

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Priméiert!

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

... priméiert och, jo, vis-à-vis vun engem Code de déontologie. Merci Här Ulveling. Dat ass dat, wat mer wichtig ass. An dat ass eng Informatioun, déi och derwäert ass, fir public ze maachen. Dat dobusse bei de Leit ze publizéieren, wann dat dann net sollt bekannt sinn. Mee dat si wichtig Punkten, déi zu Transparenz an zum Bien-être vun der Politik an hire Bierger bäidroen.

Dat gesot, géif ech dem Här Tempels d'Wuert gi fir eng Stellungnam. Här Tempels.

---

## GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolllegen, dat hei ass e wichtegt Dokument, wat mer elo an den Hänn hunn. Wou mer genau virleien hunn, u wat mer eis sollen halen, wat aus menger Siicht praktesch normal schéngt ze sinn. Ech fannen et ëmmer traureg, dass mer alles müssen iergendwou festhalen oder festschreiwen, Saachen, déi aus menger Siicht eigentlech logesch oder normal wäeren.

Mir fannen et gutt, dass mer elo mol en Dokument hunn, wou mer drastoen hunn, wéi d'Leit, a mir zesumme mat de Leit, solle funktionéieren. Wéi d'Gemengeservicer ënnerenee solle funktionéieren. Dat hei ass eng gutt Saach. Et soll net am Tirang verschwannen, dass ëmmer jiddwereen e bësse sech heiansdo drun erënnert, wat hei an deem Dokument steet, u wat mer eis sollen

halen, wéi mer solle matenee funktionéieren.

Ech mengen, wa jiddwereen e bësse verschidde Saachen an deem Dokument hei fir sech mat op de Wee hëlt, kann dat do eng ganz flott an eng gutt Saach sinn. Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels, fir déi Stellungnam. Ech géif d'Wuert dem Här Muller Erny ginn.

---

## ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Och mir als LSAP begréissen dat Dokument. Ech schlësse mech dem Här Tempels un. Ech hunn dat och esou empfonnt, wéi ech dat gelies hunn. Mee et ass ëmmer gutt, wann eppes geschriwwen ass. Da ka jiddweree sech a Fro stellen, ob en dann och seng Aufgab esou mécht, wéi mer eis dat virstellen.

Wat ech awer muss soen, dat ass, dass de Schäfferot hei wuel eng richtig Initiativ ergraff huet no all deene Virfäll, mat allem, wat mer do erlieft hunn, an där leschter Legislaturperiod.

Ech hu keng Sitzung gefeelt am Gemengerot, ech muss awer soen, dass d'Kommunikatioun, dass esou en Dossier ausgeschafft ginn ass – zesumme mam Personal, wat och ganz wichtig war –, hei un de politesche Partner, déi elo hei am Gemengerot sëtzen, komplett erlaanscht gaangen ass. Dat bedauern ech haut. Well ech mengen, och déi hätte vläicht kënnen deen een oder deen aneren Input direkt mat an d'Dokument bréngen.

Dofir wëll ech elo net hei grouss Kriticken ausüben an dat grouss jugéieren, well ech mengen, dass dee Moment einfach verpasst ginn ass, dass mer dat dee Moment gesot hätten, wou et néideg war, dat heescht, ier d'Dokument fäerdeg war.

Duerfir mengen ech och, dass dat nach verbesserungsfäeg ass. Dat soll awer elo keng Kritik sinn um Dokument selwer. Well dat fannen ech, oder mir als

*En ce qui concerne le code de déontologie, le comité de rédaction de la Charte savait qu'une loi était censée voir le jour. L'objectif est de rendre la vie politique plus transparente. Or une loi a plus de poids qu'un code de déontologie.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** ajoute que la loi prime sur un code.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** estime que ce type d'informations doit être communiqué aux citoyens pour contribuer à la transparence de la politique.

---

**GUY TEMPELS (CSV)** trouve que de nombreuses remarques reprises dans la Charte devraient être normales. Il trouve triste qu'il soit nécessaire de retenir par écrit des choses aussi logiques.

*D'un autre côté, il salue ce document qui fixe comment les services et les employés doivent fonctionner entre eux. Il serait dommage de le faire disparaître dans un tiroir. Si chacun fait un effort, cela pourrait devenir chouette.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** salue à son tour le document. Il a eu le même sentiment que monsieur Tempels en le lisant. Mais un document écrit permettra peut-être à chacun de se remettre en question.

*Avec ce qui s'est passé lors de la dernière législature, le collège échevinal a bien fait de rédiger ce document. Mais Erny Muller a été présent à toutes les séances du conseil communal. Il est content d'apprendre que la Charte a été élaborée avec le personnel. Mais il regrette que les conseillers communaux n'aient pas du tout été informés jusqu'à aujourd'hui. Ils auraient pu faire des propositions.*

*Cependant, Erny Muller ne veut pas faire de grosses critiques. Il suppose que le collège échevinal a raté l'occasion de présenter le document avant qu'il ne soit terminé. Il trouve cependant qu'il y a matière à l'améliorer.*



## 6. Enseignement fondamental

*Pour ce qui est du code de déontologie, Erny Muller partage l'avis du bourgmestre. Il vaut mieux attendre le document du ministère de l'Intérieur. Il regrette cependant que cela prenne autant de temps.*

*Un code de déontologie n'est pas seulement important pour Differdange, mais pour toutes les communes du pays. De ce fait, il est bon qu'il y ait une ligne commune. C'est pourquoi Erny Muller trouve opportun d'attendre les idées du législateur.*

(Vote)

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passé au point 6, l'enseignement fondamental — et plus précisément l'organisation scolaire 2023-2024.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique qu'avant de se lancer dans ses explications, il tient à remercier la bourgmestre sortante, madame Brassel-Rausch, le service scolaire et madame Schmit.*

*Thierry Wagner n'est que le rapporteur. Il demande aux conseillers communaux de se montrer indulgents, car il n'a pris connaissance du dossier que récemment.*

*Le dossier est complexe, mais il est bien fait. L'année dernière, monsieur Meisch s'était réjoui de sa clarté et demandait qu'ils soient tous ainsi. Thierry Wagner est d'accord avec monsieur Meisch sur ce point.*

*En tant qu'ancien responsable du service des Sports, Thierry Wagner connaît bien le service scolaire et sait qu'on y réalise du bon travail.*

*L'école fait face à des défis. Ils devront être relevés dans le dialogue avec les enseignants, le personnel des maisons relais et la direction scolaire. Bien entendu, il faut aussi se montrer à l'écoute des parents. Le dialogue doit être au cœur d'une bonne coopération dans les infrastructures scolaires.*

*L'enfant, c'est le client. Thierry Wagner est conscient du fait que certains ont des difficultés. Il ne faut ni dramatiser ni sous-estimer la situation.*

LSAP, och gutt, dass et effektiv elo bes-teet.

Wat de Code de déontologie ubelaangt, do hätt ech déi selwecht Iwwerleeunge wéi eise Buergermeeschter. Och dat hu mer scho gesot sengerzäit. Ier mer dat erstellen, sollte mer ofwaarden, wat am Interieur amgaangen ass ausgeschafft ze ginn. Ech fannen awer, dass dat e bässe laang op sech waarde léisst. Dat muss een awer mol vläicht soen, trotz-deem. Do gött et och bestëmmt Grënn derfir. Mee soubal dat dann eng gemeinsam Linn ass – well esou een Dokument, esou ee Code de déontologie ass jo net nëmme fir Déifferdeng wichteg, deen ass fir eist ganzt Land, fir all Gemengeréit an all d'politesch Acteuren, déi iergendwéi eng Aufgab hunn a gewielt sinn an och vereedeegt sinn, wichteg.

Dofir wär et gutt, wann et eng Linn wär um Niveau vun alle Gemengen an net mir elo géifen eisen eegene Code hei entwéckelen. Duerfir begréissen ech, dass mer weiderhi solle waarden, bis de Legislatuer mat enger konkreter Vir-stellung kënnt an eis dann doru ralliieren.

Domadder hätt ech alles gesot, Ech soen Iech Merci.

---

### **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi interessant Stellungnamen. Da kéime mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le document Guide et Charte de la Ville de Differdange.*

---

Merci. Da kéime mer zum Punkt 6, dem Enseignement fondamental. Fir de Punkt a, Organisation scolaire vum Exercice 2023/2024 géif ech dem Thierry Wagner, dem zoustännege Res-sortschäffen, d'Wuert ginn.

---

### **SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ier mer méi genau an deen décken

Dossier sprangen, dee virun Iech läit, iwwert d'Schoulorganisatioun, wollt ech am Virfeld direkt e puer Mercie lassginn. Fir d'Alleréischt eiser Buergermeeschtesch sortante, der Madamm Christiane Brassel-Rausch, déi de Res-sort Schoul an SEA déi lescht Jore begleet huet. Zesumme mam Service scolaire an hirer Responsabeler Monique Schmit huet si um Dossier vun der Schoulorganisatioun fir 2023/2024 geschafft.

Ech si Rapporteur vun deem Punkt um Ordre du jour. Ech bieden Iech, mer direkt e puer Jokeren ze ginn, well ech mech an de leschten Deeg elo erage-schafft hunn. Ech muss soen, dass et schonns e ganz komplexen Dossier ass, mee en Dossier, dee ganz gutt opgestallt ass. Ech zitieren do den Här Meisch, deen d'lescht Joer gesot huet, dass et e flotten a verständlechen Dossier ass, an an der Hoffnung, dass se all esou misste sinn.

Här Meisch, ech hunn nach keen anere gesinn, mee ech denken, dass et sécher-lech net falsch wär, wann esou Dossi-eren d'Reegel wäeren.

Et ass och esou, dass ech awer trotzde-em de Service kennen, well ech als fréiere Responsabele vum Service des sports vill Kontakt mat hinnen hat. Dowéinst weess ech genau, dass do iwwert d'Jo-ren eng gutt Aarbecht gelescht gött.

D'Schoul vun haut muss sech gutt opstellen, fir sech den Defie vu muer ze stellen. Zesummen a virun allem am Dialog mat den Enseignanten an dem Personal aus de Maisons relais respek-tiv der Schouldirektioun.

Een anere wichtegen Acteur sinn d'El-teren. Do musse mer ëmmer à l'écoute sinn. Den Dialog ass den A an O fir eng gesond Zesummenaarbecht an eise schouleschen Infrastrukturen.

Mer hunn ee Client, em dee mer eis musse këmmen: Dat ass d'Kand. Mir mussen eis bewusst sinn, dass mer Problemfäll an eise Schoulen hunn. Dat soll een net dramatisieren, mee och net klengrieden, dat op kee Fall.

D'Kanner, och schonns am jonken Alter, sinn zu 100 % en Deel vun eiser Gesellschaft a mussen op hire Liewens-wee preparéiert ginn. Do spillen d'Elte-

## 6. Enseignement fondamental

ren eng prioritär wichteg Roll, mee och d'Bezuchspersounen. All Kand huet e Recht op eng Bildung an och e Recht op säin eegene Bildungswee.

Ech wëll den Enseignanten an den Educateure Merci soe fir hiert Engagement. Jo, et ass en Engagement. Well wann een et net gäre mécht, da ginn d'Deeg laang an d'Onzefriddenheet steigert sech. Mir däerfen eist Personal net am Ree stoe loossen.

Ech consideréieren d'Enseignanten als eist Personal, well si sinn zoustänneg fir eis Kanner aus eiser Gemeng.

Dowéinst war ech e bëssen erstaunt, dass de Corps des enseignants net op d'Summerfest vum Personal invitéiert war, zemools wa mer der Meenung sinn, dass grad den Zesammenhalt an d'Zesummenaarbecht tëscht Enseignant an Educateur elementar wichteg ass.

Ech hat vill Gespréicher mat den Educateuren, a si hunn dat richteg bedauert. Mee wat net méi war, ka jo nees sinn.

An deem Sënn gesinn ech, dass mer do nach méi mussen aktiv ginn, fir dass déi zwou Entitéite gutt, an dëst zum Virdeel vum Kand, zesummeschaffen.

Ech wäert dann elo méi genau op d'Schoulorganisatioun 2023/2024 agoen.

Wéi schonns d'lescht Joer, sinn déi nei Donnéeën an Infoen am Dossier blo, well jo trotzdeem vu Joer zu Joer e puer Changementer sinn. Dës Organisatioun huet de Wee duerch d'Schoullkommissioun gemaach de 5. Juni. Plus minus kann ee soen, dass bal keng Ännerungen am neie Kaderplang sinn.

Mir hu weiderhin en héijen Taux d'encadrement, dee bei 2,0668 Enseignementsstonne pro Schoulkand läit. Deen Taux berécksiichtegt den Indice socio-économique vun eisen Awunner. Zesumme mat de supplementäre Stonnen, déi vum Ministère accordéiert ginn, kënnst een op en Total vu 6.360,5 Stonnen.

Am Precoce ass ze soen, dass mer 19 Klassen accordéiert kruten. Zwou dovunner stinn an Ärem Dossier als

ugefrot dran, déi sinn awer mëttlerweil accordéiert gi vum MENJE fir 2023/2024.

Och fir eis Flüchtlingskanner krute mer de Posten accordéiert hors contingent.

Nennenswäert ass zu Déifferdeng d'Schoul am Zentrum, d'Schafung vun engem Léierzenter, wou si dës supplementar Stonnen, déi hinnen zur Verfügung stinn, gebündelt benotze fir déi Kanner, déi Besoinen hunn. Dëst a Koordinatioun um Terrain mat de verschiddenen Acteuren, fir eng maximal Effikassitéit vun de Ressourcen ze errechen.

Wa mer vun Hëllefstellungen an der Educatioun schwätzen, muss een och an de Sproochen Akzenter setzen. De Ministère huet eis d'lescht Joer um Fousbann en Intervenant a portugiescher Sprooch accordéiert. Ech setze mech elo an nächster Zäit mat hinnen a Verbindung, fir eng Evaluatioun dovunner ze kréien.

2023 ass en interessante Pilotprojet vum MENJE zu Uewerkuer ugelaft, wou eis Gemeng, als eng vu véier Gemengen am Land, dru bedeelegt ass. Dëst an enker Zesummenaarbecht mat der Direktioun an den Enseignanten.

No der Viraarbecht dëst Joer ass du fir d'Rentrée de Lancement vun der Alphabetisatioun op Franséisch ugelaft. Ab nächst Schouljoer gi 14 Kanner an zwou Mix-Klassen am Cycle 2 op Franséisch alphabetiséiert, während parallel déi aner Kanner an hirer Klass dëst op Däitsch maachen. All déi aner Coursen hu se gemeinsam.

Och ginn am Cycle 1 déi nächst Kanner fir d'franséisch Alphabetisatioun ab 2024/2025 erausgeschielt.

Wat d'Sport- an d'Schwammstonnen ubelaangt ännert direkt näischt an der Organisatioun, ech wäert awer do e Bilan zéien, wat een do vun eventuelle Verbesserunge kéint maache säitens der Gemeng.

Kommen zu der Pédagogie équestre, wou ech schlecht Nouvelen hunn. Effektiv gouf dat fir d'Joer 2023/2024 annulléiert, ënner anerem, duerch Incompatibilitéite mat der Tâche als Enseignant a Kombinatioun mat thera-

*Les enfants font partie de la société et leur avenir doit être préparé. Chaque enfant a droit à une bonne éducation.*

*Thierry Wagner remercie les enseignants et les éducateurs pour leur engagement. La commune doit les soutenir. Thierry Wagner considère les enseignants comme le personnel de la commune, car ils s'occupent des enfants differdangeois. C'est pourquoi il a trouvé étonnant qu'ils ne soient pas invités à la Fête du personnel. La cohésion entre les enseignants et les éducateurs est essentielle. D'ailleurs, les éducateurs ont regretté cette décision. La commune doit s'investir davantage dans la collaboration entre ces deux entités.*

*Pour ce qui est de l'organisation scolaire 2023-2024, les changements figurent en bleu dans le dossier. Le 5 juin, le document a été présenté à la Commission.*

*Le taux d'encadrement se situe à 2,0668 heures d'enseignement par élève. Il est calculé sur la base de l'indice socioéconomique de Differdange. En y ajoutant les heures supplémentaires accordées par le ministère, on arrive à 6360,5 heures.*

*Le ministère de l'Éducation nationale a accordé 19 classes précoces. Un centre d'apprentissage va ouvrir à l'école de Differdange-Centre pour tenir les heures supplémentaires destinées aux enfants en difficulté.*

*En ce qui concerne les langues, l'année dernière, le ministère a accordé un intervenant en portugais au Fousbann. Thierry Wagner va demander une évaluation.*

*En 2023, l'école d'Oberkorn a été une des quatre écoles du pays à participer au projet d'alphabétisation en français. À partir de l'année prochaine, 14 enfants de 2 classes mixtes du cycle 2 seront alphabétisés en français et les autres en allemand. Dans le cycle 1, l'alphabétisation en français sera lancée en 2024-2025.*

*Thierry Wagner va entreprendre une évaluation des cours de sport et de natation.*

*La pédagogie équestre est annulée pour 2023-2024. La commune doit se tenir au cadre fourni par la loi. Elle perd un outil utile aux enfants rencontrant des problèmes rela-*

# 6. Enseignement fondamental

*tionnels et psychiques. Thierry Wagner en discutera avec les enseignants après les vacances. Madame Pregno peut en informer sa sœur.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'il peut le faire lui-même.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *concorde.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'elle aime séparer vie privée et vie politique.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *constate que Differdange peut être fière des activités de l'École nature, de l'École technique et de l'École créative. Ces écoles contribuent à aider les enfants à trouver leur voie.*

*Le projet d'une école du sport en est encore à ses balbutiements.*

*L'équipe de l'École nature est rodée et son offre est exemplaire. L'École créative a organisé une semaine de la création à Lasauvage l'année dernière. L'École technique a participé à la Lego League et a remporté le Robot Design Award. Thierry Wagner attend avec impatience le premier prix Nobel.*

*La Journée du sport scolaire ne figure plus au dossier. Thierry Wagner en est déçu, car les enfants sont les grands perdants. Ce n'est pas juste.*

*Differdange a remporté la Fête sportive de la jeunesse européenne à Cranendonk aux Pays-Bas. L'équipe differdangeoise sera présente au prochain Gala sportif. La Fête aura lieu à Differdange en 2025.*

*Thierry Wagner mentionne un projet portant sur le cyclisme dans les écoles et maisons relais.*

*L'année dernière, il était question d'une coopération avec l'École de musique. Cette année, elle va prendre la forme d'un projet entre le titulaire d'une classe et l'École de musique.*

*Thierry Wagner souhaite terminer sur une note positive: les vacances scolaires commenceront officiellement demain.*

peuteschen Aktivitéiten. Wat ee muss bedauern, well do d'Gesetz e Kader setzt, an do sinn eis aktuell d'Hänn gebonnen. Leider hu mer domat en Outil verluer, dee virun allem de Kanner mat relationalen a psychesche Problemer viles bruecht huet an hätt. Méi kann ech elo net dozou soen, well ech mech nach mat den Enseignanten no der Vakanz ënnerhale wäert, ob mer keng aner Léisung kënne fannen.

Madamm Pregno, Dir kënnt Ärer Schwëster dëst dann direkt soen.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir dierft dat gäre selwer maachen.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Maachen ech.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech partagéiere gären d'politesch an d'privat Missiounen. Merci.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech wäert dat maachen.

Eppes, op dat Déifferdeng kann houfreg sinn, sinn eis Aktivitéiten an der Naturschoul, der Technicschoul an der Kreativschoul. Och dat eng pedagogesch Offer, déi eise Kanner vill bréngt. Ech hat jo am Ufank gesot, dass ech der Meenung sinn, dass all Kand e Recht op e Bildungswee huet, dëst ass ee Moyer, dass si hire Wee kenneléieren a fannen.

Ee weidere Projet wär eng Sport- a Bewegungsschoul, mee do si mer à ce stade nach an de Kannerschong. Een, dee mech kënnt, weess, dass ech dat am A behale wäert.

Komme mer zréck op den Ist-Zoustand. D'Naturschoul ass schonn eng arodéiert Ekipp an hir Offer ass exemplaresch. D'Kreativschoul huet d'lescht Joer eng Kreativwoch gehat zu Lasauvage. De Succès ass net ausbliwwen, soudass mer och d'nächst Joer esou eng Woch wäerten hunn, mat Atelier a Kol-

laboratioun mat verschiddene Kënschtleer.

D'Technicschoul um Woiwer huet d'lescht Joer fir d'éischt mat Kanner un der LEGO League deelgeholl, wou et ëm d'Recherche am Beräich Energie geet an huet och direkt deen 1. Präis kritt am Robot Design Award.

Gespaant kann een deemno sinn, wéini mer den éischten Nobelpräis op Déifferdeng wäerte kréien.

Komme mer zu engem manner gudde Punkt, de Schoulsportdag. Dat steet elo net am Dossier, mee ech war e bëssen erstaunt, fir net ze soen enttäuscht, dass deen net stattfonnt huet. Ech wëll elo hei net virgräifen, mee eng gréisser Evaluatioun misst gemaach ginn, fir erauszefannen, wéi een dat an Zukunft evitéiere kéint. Leider waren hei dee gréisste Verlëierer d'Kanner. Dat ass net fair.

Elo eppes Flottes aus dem Schoulsport: Déifferdeng ass 1. ginn zu Cranendonk an Holland op der Fête sportive de la jeunesse européenne. Ech konnt hinnen d'lescht Woch bei engem Iesse gratuléieren. Beim nächste Gala sportif si si als Laureate mat dobäi. D'nächst Joer ass et zu Blankenberg an d'Édition 2025 ass nees bei eis zu Déifferdeng.

Wa mer beim Sport sinn, muss een och eise gemeinsame Projet Schoul a Maison relais iwwert de Cyclissem an der École fondamentale erwänen. Do wëlle mer eis mat den Acteuren un den Dësch setzen an d'Offer ausbauen.

Diskussiounen hate mer d'lescht Joer iwwert d'Kooperatioun mat der Museksschoul. Abee, ab dësem Joer besteet elo eng Méiglechkeet, e fakultative Projet auszeschaffen tëschent dem Titulaire vun enger Klass an der Museksschoul selwer.

Um Schluss vun der Schoulorganisatioun steet nach eppes Wichteges, an dat fänkt muer offiziell un: d'Vakanzen. Mat där Nott wëll ech d'Presentatioun vun der Schoulorganisatioun ofschléissen an ech bieden Iech, déi esou unzehuelen. Merci.



# 6. Enseignement fondamental

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi flott an interessant Erklärungen, Här Wagner. Ech géif dem Här Meisch d'Wuert ginn, deen et gefrot huet.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffena Gemengerot, d'Detailer goufe genannt. Just e puer kleng Remarken.

D'Schoul ännert sech, do muss eng Gemeng schratthalen. D'Offer muss permanent adaptéiert ginn, fir se un d'Besoin vum de Kanner unzepassen, soudass all d'Kanner sech entfale kënnen, kee Kand op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewen huet. Dofir muss mer eise Kanner eng beschtméiglech Offer, en ideale Kader an Encadrement bidden an d'Infrastrukturen net vernoléisseg.

Et muss een an deem Kontext déi demografesch Entwécklung vun eiser Stad am A behalen, fréi genuch erkennen, wou muss reagiert ginn. Deemno ass eng Schoulorganisatioun e ganz wichtegt Dokument.

Wann net erëm iergendeng nei Kris zouschléit, hoffe mer, dass d'Schoulorganisatioun, wéi se hei virläit, fir d'Rentrée kann ëmgésat ginn.

Mir kéimen op en Total vun 196 Klassen, Stand haut hu mer gelies, opgedeelt op de Précoce, Spillschoul, Bëschklass an den Cyclen 2 bis 4. Mir kommen op een Total vun 2.837 Schüler. Dat ass eng Klass méi wéi d'Joer virdrun, wann ech dat richteg gesinn hunn. Deemno net allze vill Ännerungen zu de Jore virdrun.

D'Klasseneffektiver si punktuell relativ héich, wuelwëssend, dass dat grad an eiser Gemeng schwierig ass. Dat muss mer am A behalen a beschtefalls dergéintsteieren.

Mir sti voll hanner Projete wéi Natur-, Technik- oder Kreativschoul, dem Schoulgaart, der Logopedie-Klass, dem Vélosprojet a sou weider an hoffen, dass weider intensiv an déi Richtung geschafft gëtt. Dat géllt och fir de Projet

Séchere Schoulwee an d'Kollaboratioun mat der Museksschoul, wou awer nach Loft no uewen ass.

D'Asetze säit enger Zäit vu Portiere fir eis Gebaier, ass positiv ze bewäerten a geet sécherlech an déi richteg Richtung.

De Ministère huet ee Pilotprojet an e puer Gemenge lanciert. Mir hunn et virdu schonn héieren. Laut Rapport national schwätzen nëmme 34 % vun de Kanner Lëtzebuergesch doheim. All déi aner hunn an der Schoul doduerch oft ee risegen Nodeel. Endlech gëtt elo eng Alphabetisatioun op Franséisch an d'Weeër geleet. Verschidde Kanner aus eiser Gemeng maachen, mam Accord vun den Elteren, bei dësem Pilotprojet mat. Dat an der Schoul um Bock mat 14 Kanner, wann ech dat richteg verhalen hunn. Lassgoe sollt et dann elo definitiv ab der nächster Rentrée.

Aner Stéchwierder wéi digitaalt Klansenzëmmer oder Rapprochement tëscht de Maison-relaisen an de Veräiner solle weider op der Agenda bleiwen.

Betreffend d'Schoulorganisatioun wëlle mir de concernéierte Leit Merci soen, fir hir Aarbecht: Dem Schäffen, dem Schoulservice, der Schoulkommissioun, de Kommiteen, dem ganze Personal an dem Ministère fir d'Ënnerstëtzung an den Accord vum Contingent.

D'Zesummesetzung vum Dossier gefält mer och dëst Joer ganz gutt, ass praktesch an et gesäit een och ganz gutt d'Ännerunge vis-à-vis vum Joer virdrun. Dat ass bei wäitem net an all Dossier esou, dee mer hei virgeluecht kréien, Här Wagner.

D'Demokratesch Partei stëmmt d'Schoulorganisatioun 2023/2024 gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Da wier et un der Madamm Schütz Manon, wannechge-lift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Wagner, fir Är Explikatiounen. E puer Saachen hutt Der scho

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** a quelques remarques. L'école évolue et l'offre doit donc être adaptée en permanence. Il faut s'assurer que chaque enfant commence sa vie dans les meilleures conditions possibles.

Les infrastructures ne peuvent pas être négligées. Il faut donc garder un œil sur l'évolution démographique de la ville et réagir rapidement le cas échéant. Dans ce contexte, l'organisation scolaire est un document important.

Differdange compte 196 classes dans le précoce, le préscolaire, la classe en forêt et les cycles 2 à 4. En tout, il est question de 2837 élèves. Il y a une classe de plus que l'année dernière.

Ponctuellement, les effectifs sont élevés, ce qui pose problème dans une commune comme Differdange. Les démocrates soutiennent des projets comme l'École nature, l'École technique, l'École créative, le jardin scolaire, la classe de logopédie...

Le recours à des portiers est une bonne décision.

D'après un rapport national, seuls 34 % des enfants parlent le luxembourgeois à la maison. Les autres sont désavantagés à l'école. C'est la raison d'être du projet d'alphabétisation en français.

François Meisch mentionne l'importance de la salle de classe numérisée et du rapprochement entre les maisons relais et les associations.

Le conseiller remercie l'échevin à l'enseignement, le service scolaire, la Commission scolaire, les comités, le personnel et le ministère.

La mise en page du dossier plaît à François Meisch. Le dossier est pratique et les différences par rapport à l'année dernière sont facilement reconnaissables.

Le Parti démocratique approuvera l'organisation scolaire 2023-2024.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** rappelle qu'il y a 19 classes dans le précoce. Dix-sept sont définitives et deux doivent encore être approuvées. L'école compte 43 nouvelles inscriptions. Il faut donc un nombre suffisant d'infrastructures et de classes.

# 6. Enseignement fondamental

*À Oberkorn, 14 élèves vont suivre une alphabétisation en français. Dans les deux classes en question, les élèves suivent des cours communs sauf pour l'allemand et le français. La mixité est donc préservée.*

*À Niederkorn, l'école investit une partie des heures pour l'enseignement à deux dans un projet de vélo. À Differdange, on connaît l'importance de la Coupe scolaire.*

*Depuis l'année dernière, le Fousbann propose une assistance en portugais. Dans le cadre de cette assistance, une personne vient faire des traductions en portugais, par exemple lorsque l'enseignant raconte une histoire.*

*Manon Schütz regrette l'abandon de la thérapie équestre. C'était important pour les enfants à besoins spécifiques. Le ministère a déclaré que des questions organisationnelles se posaient et qu'il allait analyser la situation. Pour les écologistes, il s'agit d'un projet chouette qu'il faut veiller à poursuivre.*

**ERNY MULLER (LSAP)** va prendre position au nom du Parti socialiste. Il remercie tout d'abord madame Monique Schmit, madame Katja Weinerth et monsieur Christopher Schmit, le directeur Marc Bodson, les présidents des écoles, les représentants des parents d'élèves, les enseignants, les éducateurs et les membres de la Commission scolaire.

*Deux-mille-huit-cent-trente-sept enfants sont inscrits à l'école en 2023-2024. Pour le calcul du contingent, on a appliqué les mêmes critères sociodémographiques que l'année dernière pour tenir compte de la diversité des nationalités.*

gesot, déi ech awer nach eng Kéier wéilt erwänen, well dat eis och wichtig ass.

Et gëtt 19 Klassen an der Éducation précoce. Dovunner sinn der 17 definitiv an zwou mussen ëmmer nogestëmmt ginn, well déi provisoresch sinn. Mir hunn hei an der Gemeng fir d'nächst Schouljoer 43 Neiinscriptiounen. Dorunner gesi mer, dass mer wuessen, an dass et immens wichtig ass, weider derhanner ze bleiwen, och beim Ministère, fir déi Klassen ze behalen an ze kréien.

Wéi schonn elo zweemol erwäant, Uewerkuer mat 14 Schüler, déi elo mat der Alphabétisatioun op Franséisch respektiv Däitsch ufänken. Wat immens wichtig ass, well dat sinn zwou Klassen, wou d'Schüler jo awer gemixt sinn a just fir Franséisch respektiv Däitsch ausernegeheoll ginn. Mee fir all déi aner Fächer wéi Mathé an d'Niewefächer bleiwe se beieneen. Dëst ass immens wichtig, well dann entsti keng zwou Gruppen an et kënn awer eng Mixitéit, déi och wichtig ass.

Nidderkuer, déi sinn op de Wee gaangen, fir e puer Stonne vun hirem Enseignement à deux an hire Projet Vélo ze investéieren. Déifferdeng huet gemierkt, dass se säit se dee Véloprojet hei lancéiert hunn, an der Coupe scolaire vill, vill méi Schüler hunn, déi dat besser bewältegen.

Fousbann war d'lescht Joer op de Wee gaangen, fir eng Assistance en langue portugaise ze hunn. Dat heescht, do ass zweemol zwou Stonnen, wou am Cycle 1 ee kënn, deen awer de Lëtzebuerger Schoulsystem kennt, de Kanner, zum Beispill wann eng Geschicht erzielt gëtt oder esou, Saachen iwwer setzt vum Lëtzebuergesch op Portugisesch an ëmgedréit. Fir d'Kanner, déi d'Geschicht net verstéi wéinst eenzele Wieder ass dat flott, dass si do ass.

Dir hutt et schonn ugeschwat, déi Reittherapie, déi dëst Joer net méi stattfënnt, dat bedauere mir immens. Déi war immens wichtig fir vill vun eise Kanner mat spezifesch Besoinen.

Op eng parlamentaresch Ufro vun der CSV am Kader vum Projet Asino, also vun der Reittherapie pédagogique, déi och an eiser Gemeng jo ugewannt ginn ass, an déi de Ministère fir dat nächst

Schouljoer ofgesat huet, koum dëst als Äntwert: „Et hu sech rezent verschidde Froen um organisatoreschen Niveau gestallt. Aus dësem Grond préift de Ministère elo d'Situatioun.“ Dat heescht, mir sinn net um Schluss vun der Saach.

Mir Gréng fannen et immens wichtig, well et ass e flotte Projet, wou laang a vill Zäit a Suen investéiert gi sinn hei zu Déifferdeng, dass mer um Ball bleiwen, dass dëse Projet net ausstierft.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir Är Stellungnam. Gëtt et nach eng Wuertmeldung? Den Här Muller.

---

## **ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP huelen ech Stellung zur Schoulorganisatioun 2023/2024. Wéi all Joer hu mer erëm en explizitten Dossier virleien.

Erlaabt mer agangs dem Schoulservice mat senger Responsabel Monique Schmit, dem Katja Weinerth a Christopher Schmitt, zoustänneg fir d'Maison-relaisen, der Schouldirektioun mam Här Marc Bodson, deene verschidde Presidentinne vun eise Schoulen, de Verriederinnen a Verrieder vun de Parents d'élèves, allen Enseignanten an dem Educationspersonal aus de Maison-relaisen an allen anere Membere vun der Schoulkommissioun e grouse Merci ze soe fir hir wäertvoll Aarbecht am Dénsgsch vun eise Kanner.

Laut eisen Ennerlage sinn 2.837 Schülerinnen a Schüler fir d'Schouljoer 2023/2024 ageschriwwen. Wat de Contingent ubelaangt, sou gouf de selwechte sozio-demografesche Krittere Rechnung gedroe wéi dat Joer virdrun, sou dass sech d'Villfältgkeet vun den Nationalitéiten am Klasseneffectif erëm spiegelt. Wou mir Klassen tëschent 14 bis 16 Schüler an der Reegel erëm fannen. Lo kann ee soen, dat wär vill oder net vill, doriwwer kann een diskutéieren. An och, wann et der méi sinn, da gëtt et jo aner Modeller, zum Beispill Enseig-

## 6. Enseignement fondamental

nement à deux oder aner Méiglechkeete kënnen ugewannt ginn, soudass ech mengen, dass dee Klasseneffectif net ze héich wär.

Och drop hiweisend, dass mer zum Beispill zu Nidderkuer eng komplett Schoul ausser Betrib hunn. Also ech schwätze vun den Infrastrukturen. An och zu Uewerkuer um Bock, wou mer jo eng provisoersch Schoul hunn, mee déi awer voll hiren Déngscht mécht, dass mer awer net an d'Laberente komm sinn duerch déi gréisser Aarbechten un eise Schoulgebaier.

Ech wëll net an d'Detailer vun der Schoulorganisatioun agoen, dat huet den zoustännege Schaffen, den Här Wagner, scho gemaach, wëll mech awer mat verschiddene Froe beschäftegen iwwert d'Objektiver, déi ee bei enger Schoulorganisatioun soll envisagéieren.

Dat Wichtigst ass a mengen Aen d'Chancëgläichheet fir all Kand. Zu dësem Thema fanne mer an der Schoulorganisatioun follgend Initiativen: d'Léiere vun de Begrëffer a lëtzebuergerescher Sprooch, speziell am Precoce; d'Assistants de la langue portugaise Cycle 1 – dat ass schonn hei e puermol ugeklongen – zum bessere Verständnis, fir dat Lëtzebuergeresch och kënnen bäizebréngen. An da wichtig, den Appui pédagogique an ergänzend och déi sougenannten Ateliers d'apprentissage, déi am Fong en Deel si vum Appui pédagogique, eis Léieratelieren an eng Aart Nohëllef während der Schoulzäit oder souguer no der Schoulzäit. An de Maison-relaise gëtt dat scho praktizéiert, awer dann nëmme vum Schoulpersonal. Dat ass hei wichtig, dass dat d'Personal, dat déi Kanner och direkt encadréiert, mécht.

Et ass wichtig, dass all d'Kanner heivu kënnen Gebrauch maachen. Ech hu gelies, dass dat sollt da während de Maison-relaise sinn, da ginn d'Eltere matgeschalt an esou virun an esou weider. Et muss ee sech bewusst sinn, dass mer müssen e Maximum maachen. A wie weess dat besser wéi déi Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi permanent mat de Kanner schaffen, wou do Handlungsbedarf ass.

Mäin nächste Sujet ass eng aktiv Hausaufgabenhëllef fir all Kand. Grad an dësem Beräich besteet sécher nach

groussen Handlungsbedarf. Well et schéngt mer, wéi wann do, dass dat e Begrëff ass, mee, dass deen net no klore Reegele verfollegt gëtt. Duerfir encouragéiere mer deen neien zoustännege Schaffen, zesumme mat alle Concernéierten aus Schoulservice a Maison-relaisen, schnellstméiglech eng akzeptabel Léisung ze fannen, well speziell bei den Hausaufgabe sinn eng ganz Partie Kanner, wou d'Elteren net direkt hëllef kënnen, ganz oft, well si d'Sprooch net beherrschen, immens benodelegt. Och dat ass Chancëgläichheet fir all Kand.

Da wëll ech nach e Sujet uschneiden, an zwar dee vun enger École des parents, wou d'Elteren zesumme mat hire Kanner a Workshops méi iwwert den Inhalt vum Fonctionnement vun der Schoul kënnen gewuer ginn a sech doduerch méi an der Responsabiliséiert géife fillen. Elo geschitt dat an der Haaptsaach iwwert de Wee vum Bilan pédagogique. Och hei kéinte mer an nei Richtunge goen. Mir hu verschidde Projet-piloten, dat kéint och ee Projet pilote gi fir Déifferdeng.

Déifferdeng ka scho säit Joren op interessant an innovativ Projete wéi d'Technischoul, d'Natureschoul, d'Kreativschoul, d'Schoulgäert, den Éveil musical a villes méi stolz sinn. Iwwert den Éveil musical sinn ech där selwechter Meenung wéi de Fränz Meisch. Mir sinn amgaangen, e bëssen do eng Ännerung ze kréien, dat schéngt net méi a Richtung vun engem Éveil musical, mee vun engem Enseignement musical ze goen. Mee mir wëssen awer nach net richtig, a wat fir eng Richtung sech dat apendelt.

Mir begrëissen de Projet Cyclisme à l'école fondamentale. Dat heescht, en ass am Fong um offizielle Programm, wat och mat de Maison-relaisen ergänzt gëtt. De séchere Schoulwee a Pedibus sinn Initiativen, déi et derwäert sinn, méi intensiv op de Leescht ze huelen.

Begrëissen och d'Portieren, dat war eng laangjäreg Fuerderung vun der LSAP, muss ech awer hei soen. Dat stëmmt jo, da kënnen mer dat och eng Kéier erwännen, dass mer elo a Richtung Portiere ginn, wann et dann och éischer pro Campus scolaire ass an net direkt pro Bâtiment. Mee kënnen awer soen, dat

*Chaque classe compte entre 14 et 16 élèves. On peut discuter sur ce chiffre. Erny Muller ne pense pas qu'il soit trop élevé. De toute façon, même si les effectifs étaient plus élevés, on pourrait toujours appliquer d'autres méthodes comme l'enseignement à deux.*

*Dans ce contexte, Erny Muller rappelle par ailleurs qu'une école à Niederkorn et une école à Oberkorn ne fonctionnent pas à plein régime actuellement en raison de travaux.*

*Erny Muller ne va pas entrer dans les détails de l'organisation scolaire, car monsieur Wagner l'a déjà fait. Mais il trouve que l'égalité des chances est ce qu'il y a de plus important. Il mentionne des mesures comme l'enseignement d'expressions en luxembourgeois, les assistants de langue portugaise, l'appui pédagogique ou les ateliers d'apprentissage. Ces ateliers constituent une sorte de rattrapage pendant les heures de cours ou après. L'encadrement est assuré par des enseignants.*

*Tous les enfants peuvent profiter de cette offre. Pour Erny Muller, il est essentiel de faire tout son possible. Les enseignants, qui travaillent en permanence avec les enfants, sont les mieux placés pour les aider.*

*Il reste du pain sur la planche en matière d'aide aux devoirs à domicile. Erny Muller a l'impression que les règles ne sont pas définies clairement. Il demande à l'échevin de trouver rapidement une solution avec les personnes concernées. Certains enfants ne peuvent en effet pas bénéficier de l'aide de leurs parents à la maison.*

*L'École des parents vise quant à elle à sensibiliser les parents au fonctionnement de l'enseignement à travers des ateliers. C'est une façon de les responsabiliser.*

*Erny Muller mentionne à son tour l'École technique, l'École nature et l'École créative. Comme monsieur Meisch, il pense que l'éveil musical doit être revu. Il a l'impression que l'on se dirige plutôt vers un enseignement musical, mais cela reste à voir.*

*Le projet du cyclisme est une bonne idée.*

*Le chemin sécurisé vers l'école et le pédibus sont de bonnes initiatives.*



# 6. Enseignement fondamental

*Erny Muller salue le recours à des portiers, une revendication socialiste de longue date. Même s'il s'agit d'un portier par campus et non par bâtiment, cela reste positif. Dans la relation entre les maisons relais et les associations, le transport joue un rôle essentiel. Il reste du pain sur la planche.*

*Dans le dossier, la Commission scolaire salue la bonne collaboration entre les écoles et les maisons relais. Cela réjouit monsieur Muller, car les relations n'ont pas toujours été bonnes. Or c'est essentiel pour le bon fonctionnement des campus scolaires. Mais il sera question des maisons relais tout à l'heure.*

*Les socialistes approuveront l'organisation scolaire 2023-2024.*

**GARY DIDERICH (DÉLI LÉNK)** remercie monsieur Wagner pour sa présentation.

*L'organisation scolaire définit la façon dont l'enseignement se déroule à Differdange. Monsieur Muller a abordé la question de l'égalité des chances. Malheureusement, on en est loin quand on regarde le résultat des différents rapports. Le Luxembourg ne progresse pas beaucoup. Le problème n'est pas spécifique à Differdange. Mais l'école luxembourgeoise reproduit les inégalités au lieu de les effacer. En d'autres termes, en fonction de la classe sociale dont on provient, le parcours scolaire sera différent.*

*Le système scolaire luxembourgeois ferme les portes en fonction de ce que les élèves ne savent pas faire. Cette approche est dévalorisante. Et Differdange ne pourra pas résoudre ce problème toute seule.*

*Parallèlement, à Differdange se pose aussi la question des langues, qui est liée à celle de la classe sociale. C'est pourquoi Gary Diderich salue les mesures prises dans l'organisation scolaire et notamment le projet d'alphabétisation en français et la valorisation de la langue maternelle de beaucoup d'enfants: le portugais. Depuis des décennies, l'alphabétisation se fait en allemand, mais l'allemand n'est pas la langue maternelle des enfants même s'il est similaire au luxembourgeois. Et pour ceux qui ne parlent pas l'allemand ou le luxembourgeois à la maison, c'est*

ass eng positiv Tendenz an eng gutt Initiativ.

Dat selwecht, dat ass schonn hei gesot ginn, och d'Relatioun Maisons relais mat de Veräiner, sief dat déi kulturell, sief dat déi Sportsveräiner: Do ass nach ganz vill Loft. A virun allem musse mer eis mam Transport beschäftegen. Ech mengen, dat hunn och verschidde Schaffen hei op hiner To-Do-Lëscht.

Ofschléissend wëll ech nach e Saz zitieren aus dem Rapport vun der Schoulkommissioun, dee mer besonnesch Freed gemaach huet. Dat ass: „Elle“ – d'Schoulkommissioun – „salue la bonne collaboration et la synergie qui s'est entretemps établie entre les écoles et les maisons relais.“ Fin de citation. Dat war leider net ëmmer esou. Dat wësse mer. Ass awer wichtig fir e gutt Fonctionnement vun deenen zwou Strukturen, déi ëmmer méi zesummewuessen.

Méi spët gi mir jo nach op d'Maison-relaisen, dat heescht déi aner Strukturen an. Do gesi mer, dass nach deen een an deen anere Problem usteet, wat d'Zesummewierken tëschen deenen zwou Strukturen ubelaangt.

D'LSAP stëmmt déi Schoulorganisatioun 2023/2024. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Da wier et um Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, merci, Här Wagner, fir d'Presentatioun vun der Schoulorganisatioun, wat ee vun deene wichtigste Momenter ass, géif ech soen, am Oflaf vum Gemengerot. Et ass do, wou mer decidieren, wéi eis Kanner hei zu Déifferdeng ënnerriicht ginn, ënner wéi enge Konditiounen a mat wéi enge Méiglechkeeten.

Den Här Muller huet et scho gesot, d'Schoul muss fir Chancgläichheet suergen. Dat ass hiren Opdrag. Dat ass

e fromme Wonsch, leider, wann ee kuckt, wat d'Resultater vun de verschiddene Bildungsberichter an Etüde weisen. Mir maachen do leider ganz wéineg Progrès hei zu Lëtzebuerg – elo net spezifesch Déifferdeng. Mee et ass en Uleies vu ganz villen, déi sech do ganz vill engagéieren. Mee d'Resultat ass leider nach ëmmer dat, wat mer net wëllen: D'Ongläichheete ginn zu Lëtzebuerg am Endeffekt nach ëmmer ganz staark reproduzéiert an der Schoul, amplaz dass se opgehewe ginn.

Wann ee vu sozialer Ongläichheet schwätzt, da schwätzt ee gläichzäitig vun der sozialer Klass. Fir ganz vill Leit, jee nodeem, aus wéi enger sozialer Klass se kommen, deementspriedend wäert hire Parcours scolaire herno ausgesinn. Mir hunn e Schoulsystem, dee ganz vill no ënnen orientéiert. Heescht: Okay, dat do kanns de elo net méi, dann ass déi Dier zou. Dat do kanns de elo net méi, dann ass déi Dier zou. Mir devalorisieren nach vill ze vill, och d'Handwierk, an där doter Approche. Do si mer leider nach net derduerch. An dat kréie mer och leider net eleng hei zu Déifferdeng geléist.

Zu Déifferdeng kënt zousätzlech – an dat vermëscht sech jo och oft mat der sozialer Klass – d'Situatioun vun de Sproochen. Oft, awer net ëmmer, mee zu Déifferdeng vläicht an engem besonnesche Mooss, kënt d'Sprooch nach als Facteur dobäi, wat et net méi einfach mécht.

Dofir begrëisse mir déi Mesuren, déi elo an dëser Schoulorganisatioun sinn. Virun allem de Pilotprojet vun der Alphabëtisierung op Franséisch, awer och d'Valorisierung, respektiv d'Assistance vun der Mammesprooch vu ganz ville vun eise Kanner, nämlech dem Portugiseschen.

Firwat ass déi Alphabëtisierung op Franséisch iwwerhaapt esou wichtig hei zu Lëtzebuerg? Well mer einfach zënter Joerzénge eng Alphabëtisierung op Däitsch maachen, wéi wann Däitsch d'Mammesprooch vu jidderengem wär, deen hei grouss gött. Dat ass jo gutt fir Lëtzebuerger, déi vläicht mat enger änlecher Sprooch wéi dem Däitsche grouss ginn.

Awer dat ass natierlech ganz, ganz schwierig fir déi, déi keng Mamme-

## 6. Enseignement fondamental

sprooch op Lëtzebuergesch oder op Däitsch doheem hunn. Dat heescht, wann d'Alphabetiséierung op Däitsch scho mol gemaach gi wär, wéi wann dat eng Friemsprooch wär, da wär dat eng aner Pedagogik gewiescht, da wär dat iergendwéi gaangen.

Dat ass awer keng einfach Saach fir ze léisen. Laang huet d'Alphabetiséierung op Franséisch dorunner gehaangen, dass een net wollt, dass déi eng Kanner näischt mat deenen aneren ze dinn hätten. Hei hu mer elo e Pilotprojet, dee probéiert, béides ënner een Hutt ze bréngen. Dat begréisst mer. Mir hoffen, dass dat eng gutt Erfahrung gëtt, op déi ee kann opbauen.

Eng Alternativ kéint natierlech och sinn, dass mer zu Lëtzebuerg op Lëtzebuergesch alphabetiséieren, dass et eng gemeinsam Sprooch gëtt, déi och am Alldag vun de Leit benotzt gëtt. Well een, deen net d'Mammesprooch op Lëtzebuergesch huet an och net op Däitsch, an dee léiert et just an der Schoul op Däitsch – ma wou kënnt de soss nach a Kontakt mat Däitsch hei a sengem Alldag? Dat weist e bësse wéi dat „à côté de la plaque“ ass, dass mer dat joerzengtelaang esou gemaach hunn. Dat wär jiddefalls eng Alternativ.

D'Mammesprooch valoriséieren ass allgemeng ganz wichteg, well et zur Festegung vun der Sprooch allgemeng fir d'Persoun, fir d'Kand bäidréit. An och zu enger gewëssener Unerkennung bäidréit, déi dann och wichteg ass fir den Apprentissage.

Fir awer vläicht eng Ureegung ze ginn, zu den Nouveaux arrivants zu Déifferdeng, a soss och, wär et wichteg, net ze negligéieren: Wann een hei an d'Land kënnt, kennt ee jo net onbedéngt de Schoulsystem vun hei, awéiwäit een do vläicht op Barrière stéisst als Nouveau arrivant an op Schwieregkeete stéisst, déi keen esou richteg um Schierm huet. Dass et vläicht gutt wär, wann een e Groupe de suivi géif ariichten, dee spezifesch déi Nouveaux arrivants während enger Zäitche begleet an deenen och eng spezifesch Ulafstell ubidde géif.

Wat mir wichteg ass ze soen zu dëser Schoulorganisatioun, an do geet ee ganz grouse Merci un all déi, déi dorunner bedeelegt sinn, dat ass, dass mer deen Opdrag, dee mer hunn als

ëffentlech Schoul ganz seriö huelen. A ganz engagéiert Léierpersonal hunn, déi schonn zënter Joerzénge innovativ Initiativen ergräifen, déi schonn an deem Sënn net méi esou innovativ sinn an awer nach un Aktualitéit behalen. Wéi eng Naturschoul, déi elo scho 35 Joer besteet – do war jo elo virun zwou Wochen den Anniversaire –, d'Technischoul, d'Kreativschoul an och d'Schoulsportdeeg.

All déi Saachen, déi si just méiglech, well do Leit sinn, déi méi maache wéi de Minimum vun deem, wat se misste maachen. An där hu mer der vill hei zu Déifferdeng. Déi Saache fale flaach, wa mer déi Leit net méi hunn. An ech si wierklech frou, dass mer, wéi bei enger Naturschoul zum Beispill, mee och de Schoulsportsdeeg, d'Relève awer nach assuréiert kréien. Ech ka mech nëmmen ze gutt drun erënneren, wéi schéin et war, bei deene Schoulsportdeeg dobäi gewiescht ze sinn oder an der Naturschoul.

Wichtig ass och d'Kommunikatioun ze verstärken tëschen den Elteren an dem Léierpersonal an och dem Maison-relais-Personal. Et ass scho gesot ginn, dass d'Kooperatioun scho besser leeft. Dat ass eppes, wou een ëmmer muss dru schaffen. Dat ass eppes, wat ëmmer nach besser ka ginn an eppes, wat ganz kruzial ass, well d'Kanner sinn ëmmer déi nammlecht, mat deenen déi Leit ze dinn hunn. Och wann déi eng op där enger Säit sëtzen, déi aner op där anerer Säit. Et geet ëm déi nammlecht Kanner, a mir mussen eis zesumme fir si asetzen.

Da wollt ech nach de Schoulwee uschwätzen. Et gëtt jo ganz vill an der Schoulorganisatioun gelueft, och am Avis vun der Schoulkommissioun, dass vill Progrësen ze gesi wäere bei de Kanner, wat d'Vëlofuere ugeet. Deen nächste Schrëtt muss sinn, dass ee Kand hei zu Déifferdeng mam Vëlo an d'Schoul ka fuere. Wann et bis Vëlo fuere kann, da muss et dat och kënne benotzen an net musse just mam Auto op eng Vëlospist gefouert ginn, fir do mam Vëlo fuere ze kënnen.

Mir hunn awer Mammen a Pappen hei zu Déifferdeng, déi hire Kanner mussen erklären: „Nee, ech kann dech net vun der Rue Roosevelt bis an d'International Schoul mam Vëlo bréngen“, well et ass einfach onméiglech. D'Trottoire

*dur. Il aurait peut-être fallu considérer l'allemand comme une langue étrangère.*

*Le projet actuel essaie de ne pas séparer les enfants en deux groupes. C'est une bonne chose.*

*Une autre solution consisterait à alphabétiser les enfants en luxembourgeois, la langue qui est utilisée au quotidien, ce qui n'est pas le cas de l'allemand. Tout cela démontre que le système scolaire luxembourgeois était à côté de la plaque pendant des décennies.*

*Valoriser la langue maternelle est important et facilite l'apprentissage.*

*Gary Diderich passe à la question des nouveaux arrivants. Les nouveaux arrivants ne connaissent pas le système scolaire luxembourgeois et rencontrent des difficultés auxquelles on ne pense pas forcément. C'est pourquoi le conseiller propose la création d'un groupe de suivi encadrant les nouveaux arrivants pendant un certain temps.*

*Gary Diderich remercie tous ceux qui ont participé à l'élaboration de l'organisation scolaire. Il constate que le personnel enseignant est particulièrement engagé et qu'il prend des initiatives innovantes depuis des décennies. Il mentionne à son tour l'École nature, l'École technique et l'École créative. Il se dit content du fait que la relève semble assurée pour l'École nature et les journées du sport scolaire, car il se souvient qu'il aimait participer à ces activités.*

*La communication entre les parents et le personnel doit être renforcée. La coopération entre enseignants et éducateurs fonctionne mieux. C'est bien, car ils s'occupent des mêmes enfants.*

*En ce qui concerne le chemin vers l'école, la Commission scolaire salue les progrès faits en matière d'apprentissage du vélo. Mais encore faut-il que les enfants puissent se rendre à l'école à vélo. Savoir faire du vélo si on ne peut pas l'utiliser en dehors d'une piste ne sert à rien. Or les parents doivent dire aux enfants qu'ils ne peuvent pas aller à l'école à vélo de la rue Roosevelt à l'école Internationale parce que c'est trop dangereux. C'est pourquoi des initiatives comme le*

# 6. Enseignement fondamental

*pédibus ou le vélobus sont nécessaires.*

*Le collègue échevinal a parlé de nouvelles structures décentralisées. C'est une bonne chose. Il faut juste éviter que les parents ne doivent conduire leurs enfants à différentes écoles. Les structures devront donc proposer tous les cycles scolaires.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** se dit content des bonnes idées que le conseil communal a lancées. Il en discutera avec les services communaux. Il doit également mener des discussions avec le Comité de gestion, la direction et les représentants des parents d'élèves. Il faut encore un peu de temps, car c'est les vacances.

*Pour ce qui est de la thérapie équestre, Thierry Wagner est au courant de la question parlementaire qui a été posée. En effet, il s'en est occupé au ministère dans le cadre de sa profession. Il a l'impression que la porte n'est pas fermée complètement. Autrement, il faudrait trouver des thérapies alternatives pour soutenir les enfants.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** propose de soumettre les points a et b concernant l'enseignement fondamental ensemble. Il cède la parole à monsieur Wagner pour la présentation du plan d'encadrement.

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** demande si monsieur Wagner doit présenter le plan d'encadrement maintenant.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** répond que oui.

**THIERRY WAGNER (LSAP)** passe aux plans d'encadrement périscolaire. Ils traitent de la relation entre l'enseignement formel et l'enseignement non formel, c'est-à-dire entre l'école et la maison relais. Parallèlement, il existe aussi l'enseignement informel, qui est celui que l'on reçoit à la maison. Ces trois formes ne doivent pas être séparées l'une des autres.

*On parle d'ailleurs de cinq campus: Woiwer, Fousbann et Lasauvage, Niederkorn, Differdange et Oberkorn. Pour le bien des enfants, l'école et la maison relais doivent*

sinn ze enk an d'Stroossen ze zou. D'Foussgängerpassagé ginn net respektéiert.

Dat heescht, e Vélosbus oder e Pedibus sinn Initiativen, déi musse kommen. Si si genannt ginn. Also de Pedibus ass emol genannt ginn. Et freet mech, wann dat soll kommen. Dat wär ganz wichtig. An dat géif ech plainement ennerstetzen.

Schlussendlech dann nach de Schoulraum. Deen ass och wichtig fir eng gutt Schoulorganisatioun. Et ass vun dezentrale Structure geschwat ginn. Dat begréisste mir. Dat hu mir ëmmer gefuerdert. Et ass just wichtig, dass déi dezentral Strukturen net dozou féieren, dass d'Elteren op x Plaze musse goen. All Struktur soll fir all Klasse e Raum bidden an net just bis deen ee Cycle an net bis bei deen anere Cycle. An deem Sënn misst genuch Schoulraum fir de Wuesstem, dee mer awer hunn, gesuergt ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Ech géif d'Wuert dann nach eng Kéier un den Här Wagner ginn, fir eng Stellungnam zu deene verschiddenen Interpretatiounen ze maachen.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech wëll soen, dass ech immens frou sinn iwwert dee positiven Input an déi gutt Iddien, déi hei am Raum stinn. Ech wäert mech mat de Servicer zesummesetzen. Ech war schonn eng Kéier mat hinnen zesummen, also mam Service soclaire selwer an de Maison-relaisen. Ech wäert awer och nach an de Comité de cogestion, de Coco, goe respektiv an d'Direktioun. Mee awer och mat den Elterevertrieder an esou weider sinn nach Gesprécher, déi wäerte kommen. Natierlech, elo ass Vakanz, da wäert dat e bësse méi spët ginn. Mee trotzdem wäerte mer dat upaken.

Zu der Reittherapie ass ze soen, dass ech effektiv déi Question parlementaire, gelies hunn, well ech dofir zustänneg war um Ministère. Duerfir ass mer déi och iwwert den Dësch komm.

Et ass effektiv esou, dass d'Dier vläicht nach net zou ass. Et wär interessant, do nach eng Kéier Diskussiounen ze féieren, dass mer op dee Wee kéinten zrëckkommen. Oder aner alternativ Therapien, egal wéi, dat ass ëmmer positiv fir eis Kanner, an dat sollt een dann och ennerstetzen.

Fir de Rescht, wéi gesot, huelen ech déi Iddie mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Ech géif proposéieren, wann et an Ärem Sënn wär, dass mer géifen den Enseignement fondamental, den a an de b mateneen ofstëmmen, dem Här Wagner nach eemol d'Wuert gi fir d'Presentatioun vum Plan d'encadrement, da kéinte mer dat zesummen ofstëmmen. Dann hätte mer e bësse Zäit gewonnen. Wann dat okay wär fir Iech, géife mer dat esou maachen.

Da wier et nach eng Kéier un Iech, Här Wagner, fir d'Presentatioun vum Plan d'encadrement.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, nach eng Kéier. Da leeë mer elo lass mam PEP. Ech si kee grouse Fan vun Ofkierzungen, dofir dee ganzen Numm: Plans d'encadrement périscolaire. Plans ass am Pluriel, well mer der direkt zwee hunn. Mee allebéid dréie sech ëm d'Relatioun tëschent der formaler an der non-formaler Bildung. Ganz einfach gesot tëschent Schoul a Maison relais.

Donieft – an dat fannen ech ganz gutt am Dokument – gëtt déi informell Educatioun erwäant, also d'Bildung, déi d'Kanner doheem kréien. Et ass wichtig, dass déi dräi Bildungsentitéiten aneneegräifen, an dass ëmmer nees e flotten oder ee gudden Austausch stattfënnt, respektiv flott Synergien.

Et ass och esou, dass et wichtig ass, eleng scho reng symbolesch, dass mer vu fënnf Campusse schwätzen: Woiwer, Fousbann zesumme mat Lasauvage, Nidderkuer, Déifferdeng an Uewerkuer, wou d'Schoulen an d'SEA-Strukturen, wéi bildlech am Dossier ze



# 6. Enseignement fondamental

gesinn, wéi Zännrieder aneneegräifen. Dat soll a muss och um Terrain esou ëmgemat ginn, zum Wuel vum Kand. Dowéinst ass eng gutt Entente tëschent Enseignanten an Educateuren eminent wichteg. An dofir ass et en No-Go, wa mer d'Enseignanten, wéi ech virdu scho sot, net op eis Personalfeier invitéieren.

Ech denken, dass mer, grosso modo, do trotzdeem um gudden Wee sinn. Mee et gëtt ëmmer nach Méiglechkeeten, un de Schrauwen ze dréien. Ee Volet wär d'Schoulfester, déi oft zweegleiseg op de Campussen organiséiert ginn. Ech war gëschter um Fousbann, wou e gemeinsaamt Schoulfest tëschent Schoul a Maison relais stattfoungt huet. Et kann een nëmme felicitéieren, wann ee weess, dass sech bal 1.200 Leit ugemellt hunn.

E puer Aktivitéiten aus dem PEP hunn ech am Punkt virdu schonns gesot. Ech erwänen dann nach e puer: Bibliothéiken, Art à l'école, Airtramp, Cuisine pédagogique. Och d'Lasep, wou trotzdeem nach Gespréichsbedarf besteet. Awer och den Austausch mat de Sports- a Kulturveräiner.

Do besteet de Spodi, wat eng gutt éischt Initiativ war, mee et misst een de Wee iwwerdenken. Aktuell ass et eng Aart Schnupperkurs, wat een och soll bäibehalen, mee d'Idée initiale war, wéi am Kader vum der European City of Sports gesot gi war an thematiséiert gouf, fir d'Kanner an d'Veräiner ze bréngen. Fir dass se am Kader vum Clubtraining integréiert ginn a sech do kënnen mat deenen anere Kanner an hirem Club identifizéieren.

Logistesches ass dat natierlech eng Erausforderung. Mee an deem Beräich wëlle mer jo och e Coordinateur sportif astellen am Sportsservice, dee grad déi Aufgaben kritt, fir déi verschidden Acteuren um lokale Plang ze verbannen.

Dat war et vu mir zu deem Punkt. Wichteg ass fir mech, dass d'Zesummeliewen tëschent Schoul a Maison relais nach méi gestärkt gëtt. An dat ass ee kloer Message. Ech bieden Iech, dese Punkt matzestëmmen. Merci.

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Prises de positions? Här Cillien.

## ERIC CILLIEN (DP):

Dir Dammen, Dir Hären aus dem Gemengerot, Här Wagner, villmools merci, fir dës Presentatioun. De Plan d'encadrement périscolaire, dee mer hei virleien hunn an deen ech och schonn an der Schoulkommissioun presentéiert krut, definéiert ganz kloer d'Kooperatioun tëschent der formaler an der non-formaler Bildung an eiser Gemeng. E gutt Zesummespill vun alle Partner vun der Educatioun, also tëschent der Schoul, der Maison relais an den Elteren, ass de Garant fir e qualitativ héichwäertegt Encadrement vun eise Kanner.

An dëser Gemeng gëllt dat fir déi fënnef Schoulcampussen Déifferdeng, Fousbann mat der Annex Lasauvage, Nidderkuer mam Mathendahl, Uewerkuer, Woiwer mat de jeeweilege Maison-relais. An net ze vergiessen och de Campus Kannerbongert.

Hei gëtt Kooperatioun gelieft, wouvun ee sech an de leschten Deeg, wéi Dir et och scho sot, konnt a verschiddene Campussen iwwerzeegen, wou e gemeinsaamt Schoulfest organiséiert gouf.

Déi Zesummenaarbecht funktionéiert am Alldag an der Reegel ganz gutt. Dat weisen déi sëllege gemeinsam Projeten. De PEP setzt de Kader fir eng optimal Betreuung, engem gelongen Zesummespill tëschent formaler an non-formaler Bildung: nieft sozioedukativen Aktivitéiten, Appui pédagogique, Spodi, awer sécherlech och der Lasep, wou nach Bedarf ass ze diskutéieren, dem Liesclub, Hörclub an esou weider – ouni exhaustiv wëllen ze sinn.

D'Abannung vun eise ville lokale Veräiner an der Museksschoul soll a muss weiderhin ee ganz wichtige Pilier sinn.

Ech géif gär op dëser Plaz nach eng Kéier dat ernimmen, wat ech och schonn an der Schoulkommissioun gesot hunn, vu datt elo en neie Schäfferot en place ass, an en neie Schoulschäfferot en charge ass: Et geet hei ëm de Projet Welt-Atelier an de Fait, datt d'Kanner aus dem C1 mat der Autonomie,

*travailler ensemble. La bonne entente entre les enseignants et les éducateurs est essentielle. C'est pourquoi il est inacceptable que les enseignants ne soient pas invités à la Fête du personnel.*

*Les deux structures sont sur la bonne voie, mais des améliorations restent possibles. Thierry Wagner pense notamment aux fêtes scolaires, qui sont souvent organisées de manière séparée. Hier, il a eu la chance d'assister à une fête commune au campus du Fousbann.*

*L'échevin mentionne des activités comme la bibliothèque, l'art à l'école, l'Airtramp, la cuisine pédagogique, la Lasep, les échanges avec les clubs et associations...*

*Le Spodi constitue une sorte d'éveil au sport, mais l'idée initiale consistait à emmener les enfants dans les clubs. D'un point de vue logistique, c'est un défi. C'est pourquoi le service des Sports recrutera un coordinateur sportif.*

**ERIC CILLIEN (DP)** remercie monsieur Wagner pour sa présentation. Le plan d'encadrement périscolaire définit la coopération entre l'éducation formelle et l'éducation non formelle. En d'autres termes, il est question des écoles, des maisons relais et des parents, qui doivent garantir un encadrement des enfants de bonne qualité.

*Differdange compte cinq campus scolaires: Differdange-Centre, Fousbann et Lasauvage, Niederborn et Woiwer, auxquels s'ajoute le campus Kannerbongert. La coopération entre les maisons relais et les écoles se voit notamment dans l'organisation de fêtes scolaires communes et la réalisation de projets communs. Eric Cillien mentionne les activités socioéducatives, l'appui pédagogique, le Spodi... Il souligne à son tour l'importance d'un partenariat avec les associations et l'École de musique.*

*Eric Cillien explique ensuite qu'après une discussion avec les pédagogues et la Commission scolaire, il est apparu que les enfants du cycle 1 ont du mal à s'adapter au projet Weltatelier et à l'autonomie qui leur est demandée. Sans entrer dans les détails, il demande*

# 6. Enseignement fondamental

*qu'une évaluation du Weltatelier dans le cycle 1 soit lancée.*

*Eric Cillien remercie les présidents des écoles, les responsables des maisons relais, les enseignants, les éducateurs, les services concernés et tous ceux qui ont contribué au PEP. Il s'agit d'offrir aux enfants le meilleur encadrement possible.*

*Le Parti démocratique approuvera le Plan d'encadrement périscolaire.*

---

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *souline comment, pendant la pandémie, la collaboration entre les maisons relais, les écoles et les parents s'est renforcée. Cela facilite la résolution de problèmes sur le terrain. Le contact entre les différentes parties garantit un encadrement de qualité.*

*Les écologistes soutiennent le projet des vélos. Il s'agit d'offrir aux enfants une certaine autonomie dans la mobilité.*

*Manon Schütz mentionne aussi l'École de musique et la LASEP.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *a calculé que les maisons relais de Differdange encadrent 1638 enfants sur 2837 élèves. Cela représente un taux de 57,52 %. La commune souhaite augmenter ce taux, mais pour cela il faut davantage de structures ou du moins une optimisation des structures existantes.*

*Malheureusement, il existe des contraintes pour l'utilisation double des salles de classe.*

*En soi, l'idée d'utiliser des salles en commun était bonne. Mais Erny Muller comprend que toutes les bonnes idées ne sont pas réalisables. Il suppose cependant qu'à travers le dialogue entre les écoles et les maisons relais, on trouvera des solutions.*

déi hinnen an deem Projet operluecht ass, iwwerfuert sinn.

Doriwwer ware sech och all d'Pedagoge ronderëm den Dësch eens. Mir haten dat en long et en large an der Schoulkommissioun duerchdiskutéiert, dofir wäert ech dat Ganzt elo hei net nach eemol verdéiwen. Ech wollt et just nach eemol uschneiden, fir datt net vergiess gëtt, datt de Welt-Atelier, wat d'Kanner am C1 ugeet, sollt op de Leescht geholl ginn. Esou wéi dat an där Reunioun vun der Schoulkommissioun och festgehale gouf.

An da géif ech natierlech gäre Merci soen. Merci de Schoulpresidenten, de Responsabele vun de Maison-relaisen, den Enseignanten, den Educateurs, all de bedeelegte Servicer, alle Leit, déi um Ausschaffe vun dësem Plang bedeelegt waren. An all deenen, déi all Dag dofir suergen, datt eis Kanner eng beschtméiglech Betreierung an e beschtméiglecht Encadrement an dëser Gemeng kréien.

Natierlech wäert d'Demokratesch Partei dëse Plan d'encadrement périscolaire matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

---

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Cillien. Et ass eng gutt Ureegung, mir huelen déi mat.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Gëtt et nach Wuertmeldungen? Madamm Schütz, wannechgelift.

---

## MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Et ass scho bal alles gesot ginn. Wat wierklech wichteg ass, dat ass déi Zesummenaarbecht, déi duerch de Covid entstanen ass, déi Zesummenaarbecht tëschen de Schoulen an de Maison-relaisen, déi Zesummenaarbecht am Beräich vum Schaffen, vun de Säll, déi gemeinsam benotzt ginn. Awer och déi Zesummenaarbecht tëschen den Elteren an deene béide Parteien.

Well et ass fir eis Kanner, fir déi deeglech Problemer um Terrain ze léisen, awer och fir de Kontakt, wéi gesot, mat de Schüler an hire Familljen ze machen, wichteg, dass déi Zesummenaarbecht bleift. An och fir hinnen een Encadrement vu Qualitéit, Globalitéit a Sécherheet unzbidden.

Als Gréng ënnerstëtze mir dee Projet mam Vëlo nees, deen ewell op alle Sitte vun de Maison-relaisen ugebuede gëtt. Dat gëtt eise Kanner eng gewëssen Autonomie an eng Mobilitéit. An natierlech och d'Lasep, déi agebonnen ass. An eis Museksschoul, déi entretemps un d'Maison-relaisen agebonne ginn ass. Ech soen Iech Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir d'Informatiounen. Da géif ech d'Wuert dem Här Muller ginn.

---

## ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech wëll elo net nach vill erklären, mee ech hunn erausfonnt, wann dee Chiffer stëmmt – ech hunn dat e bëssen zesummegerechent –, dass mer 1.638 Kanner an eise Struktur fir informell Formatioun hunn, eise Maison-relaisen. An an der Schoul sinn et der 2.837, hate mer virdu gesinn. Dat gëtt dann, wann ech richtig gerechent hunn, 57,52 %. Wéi gesot, ech hunn déi Zuelen zesummegeesat, da wäere mer op 57 respektiv 58 %, wat ech mengen, dat kéint och esou stëmme plus ou moins.

Mir wëllen nach méi héich Chifferen uviséieren, da wësse mer jo och, dass dat net geet, wa mer keng zousätzlech Infrastrukturen hunn oder d'Infrastrukture kënne besser optimiséieren. An do hunn ech och gelies am Rapport, dass leider do awer och Constraintë sinn, wat déi Duebelbenotzung vu Säll ubelaangt. An dat war jo eng vun deenen Iddie vun der interaktiver oder integréierter Maison relais an de Schoulen, wou mer gesot hunn, dat bréngt eis wierklech vill Facilitéiten, well vill Säll do sinn, déi mer kéinte gemeinsam benotzen. Mee ech verstinn och, dass dat awer, trotz där gudder Iddi, net ëmmer machbar ass.

## 6. Enseignement fondamental

Do ass bestëmmt iwwert den Dialog, wéi hei scho gesot ginn ass, iwwert dat méi intensiivt Zesummewierke tëschen deenen zwou Strukturen, Schoul a Maison relais, nach munches méiglech.

Da wollt ech nach e Wuert soen zu de Séjours scolaires, déi organiséiert gi vun der Schoul. Dass awer trotzdeem sollt versicht ginn, dass all d'Klassen déi maachen, onofhängeg ob Deeler vum Léierpersonal, loosse mer einfach emol esou soen, méi motivéiert sinn, fir esou Sejouren ze maachen, anerer vläicht e bësse manner. Mee all Kand sollt an de Genoss komme vun esou engem Séjour scolaire. Dat huet jo och nach aner Virdeeler, dat Zesummeliewe während esou engem Sejour.

An ech wollt do proposéieren, vu dass do jo och en Encadrement personnel muss do sinn, dass dat sollt ergänzt ginn duerch Educateurs oder Educatrices aus de Maison-relais, déi dann och ëmmer kënnen mat de Kanner schaffen. Ech mengen, dat wär gutt, wann déi zwou Säiten zesummen esou ee Séjour scolaire géifen encadréieren.

Dat wär schonn alles. Merci eisem neie Schaffen an deem Beräich. Hien huet eis jo do och gutt Explikatiounen ginn. Fir de Rescht kann ech mech nëmmen uschléissen, och un dat, wat hei gesot ginn ass. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Madamm Pregno, wannechgelift.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech wéilt gär zrëckkommen op dat, wat den Här Wagner gesot huet punkto Zesummebréng vum Personal aus der Maison relais an aus der Schoul. Et ass natierlech luewenswäert, ëmmer Iddien ze iwwerdenken. Ech géif Iech do awer just drop opmierksam maachen, dass d'Schoulpersonal op deen neie kreéierte Pot du nouvel an invitéiert war, fir effektiv déi Personalfeier traditionell, soen ech elo mol, a méi engem klengen Krees ze halen. Wat wierklech, denken ech, dem Personal propement dit vun der Institutioun Gemeng zegutt komm ass.

A wann Der wëlles hutt, d'Personal ze invitéieren, wat Kanner encadréiert, dann invitéiert awer och, wannechgelift, d'Personal, dat d'Sécuritéit garantéiert hei zu Déifferdeng, sprécht d'Police, an d'Personal, wat dofir suergt, dass déi Leit, déi sech ee Bee brieche oder mat der Ambulanz ofgeholl ginn, respektiv de CGDIS. Dass déi dann och dobäi sinn.

An ech hunn der bestëmmt elo nach vergiess, wou mir, oder dee leschte Schäfferot, einfach de Choix gemaach hat, dat eent grouss opzemaachen, de Pot du nouvel an, wou all déi Leit invitéiert gi sinn. An dat anert e bësse méi kleng ze halen, méi intim. A wat, wéi ech awer vum Personal héieren, gutt ukomm ass. Wat wierklech eng flott Atmosphär war, dat e bësse méi kleng ze halen.

Dat war u sech de Choix, dee vum leschte Schäfferot geholl ginn ass. Dofir d'Ouvertür, dat da mat deem Wëssen, wat ech Iech elo matginn hunn, do ze adaptéieren. Oder mat en compte ze huelen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Ech wëll Iech just zur Interventioun soen, mir haten am Schäfferot schonn doriwwer rieds a mir haten alleguerten déi Leit erwänt, déi Dir och elo eis als Rappel nach eng Kéier gesot hutt.

Dat ass jo ganz gutt. Da si mer emol sécher, dass mer alleguer vun deene selwechte Leit schwätzen, dass mer bei där nächster Festivitéit kee vergiessen. Ech géif dann dem Här Cillien d'Wuert ginn.

---

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, villmools merci fir d'Wuert. Domadder eriwweert sech dann och meng Fro, déi ech um Schluss wollt stellen. Ech wollt Iech invitéieren, fir vläicht d'Organisatioun vun der Personalfeier ze iwwerdenken, well awer vill Leit och op mech duerkomm sinn, net nëmmen Enseignanten, och Polizisten an all déi Leit, déi eebe fir d'Sécherheet, fir d'Wuel a fir d'Wuelergoe vun eise Bierger an eise Kanner suergen.

*En ce qui concerne les séjours scolaires, Erny Muller estime que chaque classe devrait avoir la possibilité d'y participer, quelle que soit la motivation de l'enseignant. De tels séjours renforcent la cohésion. Pour le conseiller communal, les éducateurs devraient participer à l'encadrement. Les séjours devraient être organisés par les écoles et les maisons relais ensemble.*

*Erny Muller remercie monsieur Wagner pour ses explications. Pour le reste, il s'associe à ce qui a été dit.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** revient sur les propos de monsieur Wagner concernant le personnel des écoles et celui des maisons relais. Elle signale que le personnel scolaire a été invité au pot du Nouvel An. La Fête du personnel s'est tenue, quant à elle, dans un cadre plus restreint avec uniquement le personnel de la commune.

*Si, en revanche, monsieur Wagner veut inviter tous ceux qui encadrent les enfants, il ferait bien de ne pas oublier la police et le CGDIS, qui assurent leur sécurité. Le collègue échevinal précédent a fait le choix de restreindre le cadre de la Fête du personnel. Le personnel a d'ailleurs apprécié l'atmosphère. Il s'agissait d'un choix. Laura Pregno est ouverte aux idées de monsieur Wagner, mais lui demande de prendre en compte ce qu'elle a dit.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** remercie madame Pregno pour son intervention. Le collègue échevinal avait déjà mentionné toutes ces personnes. Le bourgmestre se réjouit sur le fait que tout le monde soit d'accord sur les gens à inviter.

---

**ERIC CILLIEN (DP)** constate que le bourgmestre vient de répondre à la question qu'il voulait poser. Il faut effectivement revoir l'organisation de la Fête du personnel et y inviter les policiers et tous ceux qui assurent la sécurité des Differdangeois.



# 6. Enseignement fondamental

*Il s'agit d'une question de valorisation. Et d'autres communes le font aussi. Le Parti démocratique soutient cette proposition du collègue échevinal.*

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** revient sur ce qui vient d'être dit par les partis de l'opposition quant à la Fête du personnel.

*Elle se doute bien que ceux qui étaient invités étaient satisfaits du cadre plus intime. Mais ceux qui n'étaient pas invités n'ont pas eu la chance de pouvoir participer. Et ceux qui ne sont pas là n'ont rien à dire.*

*C'est pourquoi Zenia Charlé trouve que tous ceux qui contribuent à améliorer Differdange devraient être invités. Elle remercie le collègue échevinal de reprendre cette idée.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** s'étonne de cette discussion. En effet, il a toujours voulu élargir la Fête du personnel à d'autres institutions comme la Miami University, ArcelorMittal, LUNEX... C'est des personnes avec lesquelles la commune travaille en permanence. Or le dernier collègue échevinal n'était pas d'accord. C'est pourquoi Tom Ulveling s'étonne de la remarque de madame Pregno.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** suppose que monsieur Ulveling n'a pas compris ce qu'elle a dit. Elle n'a pas demandé que tout le monde soit invité. Elle a simplement dit que si le collègue échevinal souhaitait inviter les enseignants, il ne devait pas oublier tous les autres.

*Par ailleurs, monsieur Ulveling a toujours soutenu la nouvelle forme de la Fête du personnel — notamment en ce qui concerne les enseignants. Elle ne comprend pas comment aujourd'hui, monsieur Ulveling puisse se faire le porte-parole d'une Fête du personnel étendue.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** remercie les conseillers communaux pour les informations qu'ils viennent de fournir. Elles devraient intéresser beaucoup de monde.

(Votes)

Ech mengen, et ass einfach eng Saach vu Wäertschätzung. Et kënn net op dee Wupp un. Aner Gemenge maachen et och. An ech mengen de Fait, datt Der doriwwer geschwat hutt, an datt Der op dee Wëll wëllt goen, kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Meng Fraktioun a mir fannen dat ganz luewenswäert. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Da géif ech d'Wuert der Madamm Charlé Zenia ginn.

---

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Ech géif gär kuerz drop agoen, wat eis Oppositionsparteien elo erwäänt hunn. An natierlech och, wat eis oder Är Iddie ware fir déi nächst Personalfeieren.

Madamm Pregno, natierlech waren déi Leit, déi elo do waren, an deem méi klengen, intime Kader zefridden. Mee si ware jo och do. Dat heescht, déi Leit, déi net do waren, konnte jo och net onzefridden oder zefridde sinn, well si konnte sech jo do net matdeelen. Dat ass dat, wat ech dozou ze soen hunn.

Natierlech, wa Leit net do sinn, kënnen se och näischt dozou soen. Dofir mengen ech ass et ganz wichteg, dass fir zukünfteg Organisatioune jiddwereen, dee bedeelegt ass, eis Gemeng gutt oder besser ze maachen, do invitéiert ass. An do soen ech Iech villmools Merci, dem Schäfferot, dass Dir déi Iddi och esou wëllt weiderféieren. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech sinn elo e bësse verwonnert iwwert déi Diskussioun do, well am leschte Schäfferot hunn ech mech ëmmer derfir agesat, dass mer déi Leit sollten invitéieren, mat deene mir als Gemeng rapprochéiert Verhältnisser hunn. Do denken ech un d'Miami, ech denken un

d'ArcelorMittal, ech denken un d'Luxemburg. Ech denken un all déi Leit, mat deene mir praktesch dagdeeglech schaffen, fir déi ze invitéieren. An am leschte Schäfferot war dat awer net esou guttgeheescht ginn. Dofir wonnert et mech elo, wann d'Madamm Pregno seet, et misst erëm all Mënsch invitéiert ginn.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Madamm Pregno nach eng Kéier.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, ech wëll eng Richtegstellung, Här Ulveling. Dann hutt Der et vläicht entweder net richtig verstanen oder net gutt nogelauschert. Ech hunn net gesot, Dir misst se all invitéieren. Ech hu just gesot, wann Der wëllt d'Schoulpersonal invitéieren, dann denkt och, wannechgelift, un déi aner.

An ech wëll awer och just soen, dass Dir am leschte Schäfferot jo och vertruede waart an déi Decisioun vun enger anerer Form vu Personalfeier jo awer absolutt matgedroen hutt, wann et ëm d'Diskussioun vun den Enseignante gaangen ass. Elo wonnert et mech dann awer och wierklech, Här Ulveling, dass Dir dann awer elo hei esou optrëtt, wéi wann Dir awer elo wierklech de Pourparler wäert vun enger Personalfeier, déi ech dann elo, entre guillemets, „extended“ nennen. Also dat wonnert mech awer elo wierklech.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech géif Iech all Merci soe fir dee positiven Input an déi Informatiounen, déi Der eriwuerbruecht hutt. Dat war ganz informativ fir mech an och fir déi Leit heibannen an eis Zuhörer dobaussen. Elo géife mer awer zum Vott kommen, wann Der näischt dergéint hutt.

---

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir stëmmen en bloc 6a a 6b of.

# 7. Structures d'accueil

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire pour l'exercice 2023-2024.*

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'encadrement périscolaire (PEP) 2023-2024.*

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Da géife mer dynamesch a schnell op de Punkt 7 iwwergoen, d'Structures d'accueil. Woufir ech dem Här Wagner nach eng Kéier d'Wuert géif ginn. Här Wagner, wannechgelift.

Schäffen Thierry Wagner (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wäert an deem Punkt hei och net méi op d'Personalfeier zréckkommen.

(Gelaachs)

Komme mer elo zu eise Structures d'accueil fir d'Concept d'action général 2024-2027, wou an eisen néng Haiser, Maison-relaise wéi Crèchen, aktuell 1.605 Kanner betreit ginn. Den Här Muller hat vun 1.632 geschwat. Ech mengen, doriwwer streide mer elo net.

Och do hu mer nees e flotten Dossier virun eis leien. An ech soen deenen zwee Responsabelen, dem Katja Weinerth a Christopher Schmitt, an deem ganze Service Merci fir déi flott Aarbecht.

Dat generell Aktiounskonzept ëmfaasst grondsätzlech d'Beschreibung an d'Detailer vun der pedagogescher Aarbecht am Alldag an eisen Haiser. Äert Dokument zum Concept d'action général 2024-2027 ass grondsätzlech fir dräi Joer gutt. Allerdéngs müssen d'Konzepter en halleft Joer virum Oflaf beim Educatiounsministère eragereecht ginn.

Mir hunn Iech elo d'Konzepter fir all eis Strukture ginn, bis op de Mathendahl. Dee brauch säi Konzept eréischt

ufanks 2024 anzereeche, well d'Struktur eréischt am September 2021 opgaangen ass.

Wéi Dir sécher scho gesinn hutt, ëmfaassen Är Dokumenter en Deel A an en Deel B. De B ass op der Diffcloud a gouf net direkt geprint. Mee den Deel A ass de Concept d'action général an ëmfaasst allgemeng d'Informatiounen zur jeeweileger Struktur, wéi den Agreement, d'Personal, d'Ëffnungszäiten, déi verschidde Raim. Also zesummegefaasst méi allgemeng Informatiounen zur pedagogescher Aarbecht an natierlech den Dagesoflaf.

Den Deel A ass och den Deel, dee vum Ministère online duerno publizéiert gëtt. Den Deel B ëmfaasst déi pedagogesch Aarbecht am Detail an deenen eenzelne Strukturen. Dëst Konzept ass, ënner anerem, och d'Grondlag fir den Echange mat der zoustänneger Agente régionale, déi sech am Opdrag vum Educatiounsministère ëm d'Qualitéit an de Strukture këmmert. Gekuckt gëtt zum Beispill, wéi konkret d'Raim amenagéiert sinn, wat fir Material oder wat fir Aktivitéiten de Kanner ugebuede ginn.

Wéi gesot, den Deel A gëtt vum Educatiounsministère online publizéiert. Fir dat och direkt mat den Dokumenter visuell ze maachen, goufen déi zwee gefroten Dokumenter separat preparéiert.

Déi Dokumenter sollen illustréieren, ënner anerem, wéi mir an eise Strukture pedagogesch schaffen. Konkret huet dat Konzept Besuch op déi Virgabe vum Ministère festgeschriwwenen a vum Ministère opgestallene Rameplang zu der non-formaler Bildung.

D'Konzept illustréiert, wéi mer dësen an den eenzelne Strukturen ëmsetzen. An eise Maison-relaise schaffe mir jo nom Konzept an der Orientatioun, wéi schonn erwäant, vum Welt-Atelier. Dat heescht, d'Kand mat sengen Interessen a Kompetenze steet am Mëttelpunkt. An der Begleitung vum edukative Personal kann d'Kand sech mat sengen Interessen a Kompetenzen an de Raim vun der Maison relais auserneeetzen.

Allerdéngs, als Resultat no der Covid-zäit, hu verschidde Maison-relaisen hiert Konzept a Richtung teiloffenes

*Guy Altmeisch passe au point 7, les structures d'accueil.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** remercie le bourgmestre et lui annonce qu'il ne reviendra pas sur la Fête du personnel.

(Rires)

*Il passe au Concept d'action général 2024-2027 dans le cadre duquel 9 maisons relais encadrent 1605 enfants. Il remercie madame Katja Weinerth et monsieur Christopher Schmitt pour le bon travail.*

*Le Concept d'action général décrit le travail pédagogique réalisé chaque jour dans les maisons relais. Il est valable pendant trois ans. Le nouveau concept doit être introduit six mois avant que le précédent n'expire.*

*Le seul concept qui manque aujourd'hui est celui du Mathendahl. Cette maison relais a le temps jusqu'à 2024, car elle a ouvert en septembre 2021.*

*Chaque document se compose d'une partie A et d'une partie B. La partie B se trouve sur le Diffcloud tandis que la partie A a été imprimée.*

*La partie A reprend des informations sur l'agrément, le personnel, les heures d'ouverture, les salles... C'est celle qui sera publiée sur le site du ministère.*

*La partie B concerne le travail pédagogique. Cette partie est évaluée par les agents régionaux du ministère de l'Éducation, qui s'occupent de la qualité des maisons relais. Ils analysent notamment la façon dont les salles sont aménagées, quels matériaux sont utilisés...*

*Le Concept d'action général illustre donc comment les maisons relais de Differdange travaillent d'un point de vue pédagogique sur la base du plan-cadre du ministère. Les maisons relais appliquent les principes du Weltatelier. L'enfant est au centre de l'éducation non formelle avec ses intérêts et ses compétences. Le personnel éducatif l'encadre dans ce contexte.*

*Après la pandémie, les maisons relais ont adopté un concept semi-ouvert. Sur le temps de midi, quand il y a beaucoup d'enfants, ceux-ci sont répartis en groupes fixes. L'après-midi, en revanche, les enfants peuvent se mélanger.*

# 7. Structures d'accueil

*Les crèches et le foyer de jour appliquent en revanche le concept Emmi Pikler. La crèche forestière combine Emmi Pikler à la pédagogie en forêt.*

*Les concepts sont une exigence du ministère de l'Éducation nationale au même titre que le journal de bord et les formations continues. Le personnel socioéducatif peut choisir les formations qu'il veut suivre.*

*L'agent régional passe deux fois par an dans la structure la plus ancienne et évalue comment le plan-cadre est mis en place. Ensuite, le ministère fait des propositions sur la base du concept et de l'évaluation.*

*Les concepts et les formations doivent être adaptés à la situation sur le terrain.*

*Thierry Wagner remercie les 195 employés des structures d'accueil. Il demande au conseil communal d'approuver les concepts 2024-2027.*

## **MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)**

*constate que toutes les maisons relais fonctionnent selon un concept mettant les enfants au centre. On leur apprend aussi les bonnes manières.*

*Comme l'a dit monsieur Cillien, il a été question du Weltatelier dans la Commission scolaire. Parfois, il est nécessaire de dire à un enfant de trois à cinq ans qu'il est temps d'aller manger. Mais Manon Schütz fait confiance au personnel éducatif et sur le fait que celui-ci fait ce qu'il faut.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *voulait répondre à monsieur Cillien tout à l'heure, mais finalement les débats ont tourné sur autre chose. Il en discutera avec la Commission scolaire et avec le personnel. Il agira s'il devait vraiment y avoir des problèmes.*

*(Vote)*

Konzept adaptéiert. Do gött et zum Beispill an der Mëtteszäit fest Gruppen. An nomëttes, wa manner Kanner an der Maison relais sinn, gött et nees déi méi oppe Raim an Aktivitéite fir eis Kanner. Soudatt si sech kënnen erëm nees da vermëschen.

Dëst hu mer aktuell an der Maison relais Woiwer a fir zwou Annexen an der Maison relais am Zentrum. An eise Crèchen, wéi de Foyer Kornascht, zum Beispill, schaffe mir an der Orientatioun nom pedagogesche Konzept Emmi Pikler, respektiv eis Bëschcrèche kombinéiert dat mat der Wald- und Naturpedagogik.

Wéi gesot, ginn déi Konzepter vum Educationnsministère gefrot a sinn e Bestanddeel vun der Qualitéitssécherung, niewent dem Journal de bord an der Formation continue vun eise Leit. Am Austausch mat deenen eenzelne Structure ginn dem sozioéducative Personal reegelméisseg Formatioune proposéiert oder d'Leit kënnen sech selwer Formatioune eraussichen.

Den Agent régional mécht zweemol am Joer eng Visitt an der eelster Struktur, kuckt, wéi pedagogesch geschafft gött a wéi den uewe schonn ernimmte Rameplang zur non-formaler Bildung vum Ministère konkret um Terrain ëngesat gött.

Op der Grondlag vum pedagogesche Konzept gi si eis da Réckmeldung a Proposen, wéi mir d'Qualitéit an eise Structuren an d'Orientatioun un de Rameplang verbesseren oder optimiséiere kënnen.

Eis Konzepter wéi och d'Formatioune vun de Leit mussen natierlech un den Alldag ugepasst oder adaptéiert ginn, zum Beispill wann d'Evaluatioun vun der aktueller Situatioun et erfuerdert oder et sënnvoll erschéngt.

Ofschléissend wëll ech den 195 Leit Merci soen, déi an de Betreuungsstruktur schaffen zum Wuel vun eise Kanner. Déi pedagogesch Konzepter, den Deel A an den Deel B, vun eise Betreuungsstruktur fir 2024-2027 bidden ech lech haut ze stëmmen. Merci.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Madamm Schütz.

## **MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt derzou soen, dass déi sämtlech Haiser no deem globale Konzept fonctionéieren an d'Kand am Mëttelpunkt steet. A Wäerter a Manéieren, wéi Moien an Äddi soen, vermëttelt ginn.

Effektiv, dat oppent Konzept, wéi den Här Cillien gesot huet, hate mer an der Schoulkommissioun deemools gesot, fir en C1 ass dat wierklech ... Et kann een awer nach no engem Welt-Atelier fonctionéieren, mee ech fannen, bei engem Kand vun dräi bis fënnf Joer, do muss een heiansdo soen, du muss awer elo iesse goen. An do ware mer enger Meinung. Mee ech mengen, ech hu vollt Vertrauen an d'Personal vun de Maison-relaisen, dass si dat handhaben, trotz dem Welt-Atelier. Merci.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Wagner nach eng Kéier.

## **SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech wollt just eppes zum Welt-Atelier soen. Op dem Här Cillien seng Remark vu virdru wollt ech äntweren, mee et war op eemol eng aner Thematik méi wichteg. Wäert dat och kucken an der Schoulkommissioun, zesumme mam Personal. Wéi gesot, wäert ech mat op de Wee huelen, wann do Problemer effektiv sinn. Merci.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les concepts d'action généraux 2024-2027.*



## 8. École de musique

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 8, eiser Museksschoul. Ginn d'Wuert dem Här Jerry Hartung. Mir géifen dann och, wann Der domadder d'accord sidd, déi dräi Saachen zesumme presentéieren an och herno gemeinsam zur Ofstëmmung bréngen. Einstweile soen ech Merci. Ech ginn d'Wuert dem Här Hartung.

### SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, ech wëll direkt am Virfeld preziséieren, datt dës Zuele provisoersch sinn. Dës mussen esou virum 1. September festgehale ginn, fir vum Ministère spéider rembourséiert ze ginn. Spéitstens fir Dezember muss déi final Versioun arrêtéiert ginn.

D'lescht Joer gouf et eng grondleeënd Reform op nationalem Niveau vun de Museksschoulen, mat, ënner anerem, der Gratuitéit. Eng gutt Saach. Et ass natierlech och u Konditiounen an ee Kader gebonnen, deen ee muss anhalen. Sou ass bei ville Coursen d'Dauer genee definéiert. Dir gesitt am Tablo, datt d'Tâchen op d'Minutte gerechent sinn. Oder zum Beispill mussen d'Cours collectifs mindestens fir 15 Schüler stattfannen.

Duerch d'Gratuitéit riskéiert ee vläicht och, datt deen een oder deen anere Schüler, dee sech umellt, ewechfält oder méi ewechfält wéi virdrun. Wou een dann dee ganze Cours net géif rembourséiert kréien. Fir dëst ze vermeiden, starten eis Coursen am Prinzip mat 18 Schüler.

Am Dokument gesitt Der, datt insgesamt 30 Enseignantë virgesi sinn, fir deene ronn 850 Schüler verschidde Museksofferen unzebidden.

Ongeféier 600 Schüler suivéieren innerhalb der Museksschoul hir Coursen, soit an engem Grupp oder individuell. Betreffend déi aner 250 Kanner, do schafft d'Déifferdenger Museksschoul zesumme mat Structure wéi zum Beispill eise Crèchen, dem Kornascht, der Bëschrèche oder eise Maison-relaisen.

An de Schoulen ass et momentan e bësse méi schwierig, well hei d'Virgab vum Ministère ass, datt d'Museksschoul just fir een Trimester eng Klass

däerf suivéieren. Sécherlech mat der Iddi, datt méi Kanner heivu kënnen profitéieren. Op där anerer Säit ass et fir d'Museksschoul natierlech eng immens kuerz Zäit, fir e flotte Museksprojet mat de Kanner ëmzesetzen.

Ech sinn awer optimistes, datt wann een emol mat allen Acteure schwätzt, een och hei Léisunge misst fannen. An dësem Kontext sinn ech beispillsweis frou, datt eng Léisung fir de Projet Musek fir jidderee fonnt gouf an dëst nees ugebuede gëtt. Natierlech sinn ons Musekscoursen inklusiv an all Kand à besoin spécifique, wat kann d'Coursë suivéieren, hält heirun deel. Et gëtt awer och Situatiounen, wou dëst net méiglech ass, a mat dësem Projet kritt dann all Kand den Zougang zu enger musikalescher Offer erméiglecht.

Zu den zwee iwwerschaafte Règlements internes gëtt gekläert, wéi wat ze handhaben ass, deelweis och en vue vum neie Gesetz, zum Beispill d'Aschreiwung, d'Ausléine vum Material oder wéi d'ausgefale Coursen nogeholl ginn. Awer och trivial Saachen, wéi zum Beispill, datt wann een do ass, den Handy net soll u respektiv op silencieux sinn.

Da wëll ech nach op d'Raimlechkeeten agoen. Déi lescht Jore war de Plazmangel an der Museksschoul e grousst Thema. Aktuell sinn an der Museksschoul 15 Klassen, dorënner eef kleng Säll fir am Individuellen, een e bësse méi e groussen, deen duerch d'Virgab vu mindestens 15 Schüler fir e Kollektivkurs dann net ka genotzt ginn, an da bleiwen nach dräi grouss Säll fir d'Cours collectifs.

Dës Coursë wëll ee jo och zu akzeptabelen Auerzäite fir d'Kanner ubidden, dohier d'Iddi, déi schon am leschte Schäfferot gewuess ass a fir déi nächst Rentrée ëmgesat wäert ginn, fir no der Schoulzäit der Museksschoul dräi grouss Säll an der aler Haushaltungsschoul zur Verfügung ze stellen, wat jo quasi direkt bei der Museksschoul läit. Dës Säll ginn also an der Schoulzäit vun der Déifferdenger Schoul benotzt an no der Schoulzäit kann d'Museksschoul déi erëm benotzen.

Ofschléissend wëll ech dem Direkter Rudi De Bouw a senger ganzer Ekipp villmools Merci soe fir hiren Asaz fir d'Déifferdenger Museksschoul. Ech

**GUY ALTMEISCH (DÉI GRÉNG)** *passé à l'École de musique. Il propose de traiter les trois points ensemble et cède la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que les chiffres qu'il va avancer sont provisoires. Mais le ministère en a besoin avant le 1<sup>er</sup> septembre. Les chiffres définitifs devront être envoyés pour décembre.*

*L'année dernière, les écoles de musique sont devenues gratuites sous certaines conditions. Par exemple, la durée de certains cours est clairement définie. Certains cours ne peuvent avoir lieu que si 15 étudiants au moins sont inscrits. Cela peut entraîner des difficultés si un étudiant se désinscrit puisqu'à ce moment-là, le cours ne sera pas remboursé par le ministère. C'est pourquoi l'École de musique de Differdange fixe la limite à 18 étudiants.*

*Trente enseignants s'occuperont de huit-cent-cinquante étudiants. Six-cents suivront des cours dans l'école de Musique et les autres dans des structures comme les crèches, le foyer de jour ou les maisons relais. Pour les écoles, c'est plus compliqué parce qu'une école de musique ne peut suivre une classe que pendant un trimestre. Et cela ne suffit pas pour développer des projets chouettes.*

*Le projet Musek fir jiddereen est relancé. Les cours de musique sont inclusifs, mais il existe des situations où un enfant à besoins spécifiques ne peut pas suivre un cours normal.*

*Les deux règlements internes ont été revus dans le cadre de la gratuité.*

*Il a souvent été question du manque de place dans l'école de Musique. Celle-ci compte 11 salles de classe pour les cours individuels et 3 salles pour les cours collectifs. Une 15<sup>e</sup> salle est plutôt grande, mais ne suffit pas pour accueillir 15 étudiants. Pour la prochaine rentrée, l'école disposera aussi de trois grandes salles dans l'ancienne école ménagère en dehors des heures de cours.*

# 8. École de musique

*Jerry Hartung remercie le directeur Rudi De Bouw et son équipe.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** constate que l'École de musique se développe bien. Le manque de place est connu. C'est pourquoi l'école ne propose pas de nouveaux cours.

*Le personnel administratif n'évolue pas.*

*Le nombre d'élèves dans les cours collectifs se monte à 1028, mais certains suivent plusieurs cours. Les cours individuels comptent 542 étudiants. En tout, l'école offre 404,75 heures de cours par semaine, un peu plus que l'année dernière. Bref, il faut de nouveaux locaux.*

*En ce qui concerne le niveau des classes et des étudiants, le développement est positif.*

*François Meisch remercie les enseignants et l'administration pour leur engagement et leur souhaite bonne chance. Il remercie également les gens de la Blues Schoul, qui connaît un beau succès.*

*Le Parti démocratique approuvera l'organisation 2023-2024.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** salue l'organisation de l'École de musique, qui offre une expérience enrichissante aux jeunes et aux moins jeunes.

*Mille-vingt-huit étudiants provenant de différents horizons sociaux et culturels sont inscrits actuellement. Les enseignants tiennent 84 heures de cours par semaine et garantissent un apprentissage de qualité.*

*Les écologistes soutiennent l'organisation de l'École de musique. Ils connaissent l'importance de l'apprentissage musical et estiment que la musique apporte une plus-value aux gens.*

*L'École de musique de Differdange apporte un enrichissement à la commune et à la région. Elle encourage le développement des étudiants et favorise les échanges culturels.*

**GUY TEMPELS (CSV)** va se montrer bref, car monsieur Hartung a pratiquement tout dit.

*Il souhaite beaucoup de succès à monsieur Rudi De Bouw, à son équipe et aux trente enseignants.*

bieden Iech, dëst Dokument matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, d'Museksschoul entwéckelt sech am Kulturzentrum hei niewendru weiderhi ganz gutt. Den Zoulaf ass grouss. Raimlech si mer bekanntlech un der Limitt. Dat ass och de Grond, firwat keng nei Coursen an de Programm opgeholl goufen. An och duerch d'Gratuitéit vun de Coursë fir Leit bis 25 Joer ass den Zoulaf rezent jo nach gewuess.

D'Offer vun den enseignéierte Fächer bleift d'selwecht. Beim Corps enseignant a beim Personnel administratif gött et keng Ännerungen.

Positiv ass: D'Schülerzuel vun de Cours collectifs läit bei 1.028. Et sinn awer verschidde Schüler, déi duebel- oder dräifach Coursen hunn. A bei de Cours individuels bei 542. Den Total vun de Stonnen am Enseignement pro Woch ass mat 404,75 liicht iwwert deem vum Virjoer.

Et geet also an allen Hisiichte weider biergop. Nei Raimlechkeete gi gebraucht.

Wat den Niveau vun de Klassen an eenzelne Schüler ugeet, ass d'Entwécklung ganz positiv.

Ech profitéieren dervun, fir allen Enseignanten an der Administratioun Merci ze soe fir hiert Engagement a wënschen eng glécklech Hand bei den Aufgaben, déi op se zoukommen. Merci soe wéilt ech an dësem Kontext och de Leit aus der Bluesschoul, déi sech nach ëmmer ganz gutt entwéckelt a beléift ass.

D'Demokratesch Partei stëmmt déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir 2023/2024 gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir begréissen de Plan vun eiser Museksschoul fir 2023/2024, eng Museksschoul, déi sech permanent weiderentwéckelt a fir jiddereen eng Expérience enrichissante bitt, fir Jonk a manner Jonk.

1.028 talentéiert Schüler, déi musika-lesch passionéiert sinn, gären hiert kënschtlerescht Potenzial weiderentwéckelen, sinn aktuell ageschriwwen. Schüler, déi aus ville kulturellen a sozialen Ëmfelder sech hei zesummefannen. 84 Stonne Cours pro Woch, déi vu qualifizéierten Enseignantë gehale ginn, garantéieren eng qualitativ Ausbildung, déi eis Schüler inspiréiert a motivéiert, sech weiderzuentwéckelen.

Als politesch Partei, déi sech fir d'Förderung vu Kultur asetzt, begréisst d'Organisatioun vun de Musekscoursë voll a ganz. Mir erkennen d'Wichtigkeet vun der Museksausbildung fir d'Gesanksentwécklung vun de jonke Leit a mir gleewen, dass dës eng Plus-value an hiert Liewe bréngt.

D'Déifferdenger Museksschoul ass eng Beräicherung fir eis Stad a Regioun. Si férdert d'musikalesch Talenter, encouragéiert hir perséinlech Entwécklung a stäerkt de kulturellen Austausch. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, ech faasse mech kuerz. Den Här Hartung huet praktesch alles gesot.

Natierlech wënsche mir dem Här Rudi De Bouw mat sengem ganzen Encadrement a sengen 30 Museksprofessere vill Succès an hirer Museksschoul.

# 9. Cours de langues

Alt erëm en ROI fir Schüler an d'Leit, déi Coursen halen, wou s de heiansdo de Kapp muss rëselen, wann do muss drastoe kommen, dass de muss dän Handy ausmaachen, wa Musekscours gehale gëtt. Et deet mer leed, mee ech muss mech heiansdo do zrëckhalen. Mee natierlech stëmme mer dat mat Jo.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels, fir déi léif Erklärung. Ech géif d'Wuert dann un den Här Muller ginn.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Eis Museksschoul ass eng Erfolgestory säit se am Ale Stadhaus an den neie Raimlechkeeten ass. Leider geet et elo schonn net méi duer. Duerfir muss ee Prioritéite setzen.

Iwwert den Enseignement, deen elo ganz villsäiteg ass, an deen eis wierklech och eng gutt Plaz op der Landkaart gëtt vun der musikalescher Ausbildung hei am Land, an iwwert d'Wichtigkeet, mengen ech, si mer eis alleguer hei bewosst, dass déi kulturell a musikalesch Ausbildung wichteg ass fir d'Förderung vun de Kanner, sief se, dass se an enger Museksgesellschaft sinn, etc.

Si ass wichteg, si gëtt dem Kand d'Gefill, eppes Kreatives ze maachen. Si gëtt och dem Erwuessenen d'Gefill, sech kreativ ze betätegen an och zesumme mat anere sech ze produzieren um musikalesche Plang.

Duerfir ënnerstëtze mir weiderhin dës Museksschoul a soen och dem Här Rudi De Bouw, dem Direkter, mat all sengen Enseignanten, ee grouse Merci. An och dem administrative Personal, dass dat Ganzt trotzdeem mat iwwer 1.000 Aktiven esou gutt funktionéiert. Dat ass jo awer wierklech och mol eng Kéier ervirzesträichen. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Da géife mer zum Vott kommen.

---

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir stëmme déi dräi Punkte mateneen of.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation provisoire pour l'année scolaire 2023-2024.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Règlement d'ordre interne destiné aux élèves, parents et représentants légaux des élèves.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Règlement d'ordre interne destiné aux enseignants de l'École de musique.*

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci a mer kéimen zum Punkt 9, der Organisatioun vun den Owescoursen. Den Här Wagner, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. An de Sproochecoursë fir Erwuessener hu mer och en neie Moment – wéi beim Schännerot. Do waren elo direkt keng Walen, mee d'Madamm Brandenburger geet an hir wuel verdéngte Pensioun am November. Dowéinst ass zënter dem 1. Juni eng nei Persoun am Service, d'Madamm Patricia Streitz, déi dann och d'Relève spéider ganz iwwerhuele wäert.

D'lescht Joer goufe 24 vun initial 26 Coursen ofgehalen. Am Total haten

*En lisant le ROI, il n'a pu que secouer la tête en lisant qu'il fallait dire aux gens d'éteindre leur téléphone pendant les cours de musique.*

*Il approuvera l'organisation.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** constate que depuis qu'elle se trouve à l'Aalt Stadhaus, l'École de musique est une vraie success story. En revanche, elle commence à manquer de place. Il faut donc fixer les priorités.

Erny Muller trouve que l'École de musique de Differdange donne une bonne image de la ville en matière d'éducation musicale. Par ailleurs, l'apprentissage de la musique donne le sentiment aux enfants, mais aussi aux adultes, de faire quelque chose de créatif au sein d'une association.

Les socialistes soutiennent l'École de musique et remercient monsieur De Bouw, les enseignants et le personnel administratif.

(Votes)

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** passe à l'organisation des cours du soir.

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** annonce que madame Brandenburger partira à la retraite en novembre. Depuis le 1<sup>er</sup> juin, elle travaille avec madame Patricia Streitz, qui prendra ensuite la relève.

L'année dernière, 24 cours ont été organisés. Cent-quatre-vingt-dix-huit personnes ont obtenu leur diplôme.



# 9. Cours de langues

*Pour 2023-2024, 21 cours sont prévus, dont une partie en ligne: 12 en luxembourgeois et un en portugais.*

*La pandémie a contribué à populariser les cours en ligne, qui constituent un moyen chouette pour apprendre une langue.*

*L'année dernière, 125 personnes ont appris le luxembourgeois. C'est un bon signe. Dans les pays voisins, on constate une avancée des populistes de droite. Le luxembourgeois est un facteur d'intégration important dans ce contexte.*

*Un cours est organisé à partir de dix inscriptions. Les cours en présentiel se déroulent à l'école Internationale. Thierry Wagner la remercie pour la coopération.*

*Les étudiants suivent des cours de luxembourgeois plutôt pour des raisons professionnelles ou socio-économiques, et les autres cours par intérêt personnel.*

*Dans le passé, il y a eu une pénurie de formateurs, car la commune ne peut recruter que des enseignants disposant de l'agrément du ministère de l'Éducation nationale. Cette année, madame Streitz tiendra tous les cours en ligne luxembourgeois. Pour le moment, Thierry Wagner n'a pas encore eu le temps de discuter avec l'équipe. Mais il le fera en aout.*

---

**ERIC CILLIEN (DP)** *suppose que moins de personnes se sont inscrites, car il y a moins de cours.*

*Le luxembourgeois est la langue la plus souvent choisie. On le voit aussi à l'Institut national des langues. Le luxembourgeois a dépassé le français.*

*Le recrutement de madame Streitz a résolu le problème des cours de luxembourgeois.*

*Eric Cillien profite de l'occasion pour remercier madame Brandenburger, qui prend sa retraite. Il remercie également l'EIDE pour la mise à disposition de locaux pour les cours du soir. Il souhaite enfin bonne chance à madame Streitz.*

*Le DP approuvera l'organisation des cours de langues.*

198 Leit mat Succès ofgeschloss. 70 % ware present an de jeeweilige Stonnen.

Fir 2023/2024 si mer bei 21 Coursen, wou dann och nees eng gutt Partie online ass. Am Lëtzebuergesche sinn zwielf digital Course virgesinn an een am Portugiseschen.

D'Méiglechkeet, iwver Videokonferenz ze fueren, ass duerch d'Pandemie nach méi gewuess. Et ass ee flotte Moyen, fir nach méi Leit ze begeeschteren, Sproochen ze léieren.

Wann ee gesäit, wéi vill Leit all Joer Lëtzebuergesch léieren – 125 dat vergaangent Joer –, ass dat fir mech ee gutt Zeechen. Wann een an de Medien déi lescht Deeg liest, dass de Virmarsch vun de Rietspopulisten an eisen Nope-schlänner eng gréisser Gefor ass. An ech mengen, d'Lëtzebuenger Sprooch ass e Facteur d'intégration, dat musse mer dann nach weider forcéieren an domadder deene brongen Tendenzen d'Stir bidden. Grad d'Lëtzebuergesch-Onlinecoursë sinn déi éischt, déi ausgebucht sinn.

Der Form halber – mee Dir kënnt et jo och an Ärem Dossier liesen –, fënnst ee Cours statt, wa sech minimum zéng Leit ageschriwwen hunn.

Eis Coursen en présentiel fannen all an der Internationaler Schoul statt. Merci och do fir d'Kooperatioun.

Lëtzebuergesch-Coursë ginn haapt-sächlech gebucht pour des raisons professionnelles et socio-économiques, während déi aner Course méi aus eegenem Interessi genotzt ginn.

Ech kommen zu de Formateuren. Do gouf et emol Enkpäss an de vergaangene Joren, mee do si mer elo ganz besat. Et muss ee wëssen, dass mer just Leit kënnen engagéieren, déi och en Agreement vum MENJE hunn. An eis Online-Webex-Coursen op Lëtzebuergesch ginn all elo mol d'nächst Joer vun eiser Madamm Streitz selwer gehalten.

Well ech nach net d'Chance hat, mech mat menge Leit ze concertéieren – just iwver Mail bis elo – wëll ech dat awer esou séier wéi méiglech nohuelen am August, fir eng gemeinsam Evaluatioun vum Ist-Zoustand ze maachen.

Ech bieden Iech, och dëse Punkt mat Jo ze stëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Mer kéimen zu de Wuertmeldungen. Här Cillien, wannechgelift.

---

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci fir d'Presentatioun. Mir konnten den Dossier liesen. Ech hu gesinn, dass liicht manner Coursen organiséiert gi si wéi d'lescht Joer. Wat warscheinlech wäert drop zrëckzeféiere sinn, dass sech manner Leit ageschriwwen hunn. Et gesäit een, dass d'Lëtzebuergesch-Coursen am meeschte besicht sinn. Dat gesi mer net nëmmen hei an der Gemeng, dat gesi mer landeswäit. Och am INL ass Lëtzebuergesch déi Sprooch, déi am meeschte gewielt gëtt. Déi huet Franséisch entretemps an de Sproochecoursen iwverholl.

Et ass gutt, dass duerch de Recrutement vun der Madamm Streitz de Problem geléist ass, fir d'Lëtzebuergesch-Coursë kënne ze assuréieren. Ech mengen, dat ass ganz wichteg, wéi ech gesot hunn, vu dass Lëtzebuergesch dee Cours ass, deen am meeschte gefrot ass.

Ech géif och gäre profitéieren, fir der Madamm Brandenburger, déi an hir wuelverdénge Pensioun geet, Merci ze soen, fir déi gutt Organisatioun vun de Sproochecoursen an all deene leschte Joren. E Merci un d'EIDE fir d'Mise à disposition vun de Raim fir dës Owescoursen. An der Madamm Streitz eng glécklech Hand, fir dat doten dann esou weiderzeleeden, wéi d'Madamm Brandenburger dat ëmmer gemaach huet. Natierlech stëmmt meng Fraktioun dëse Punkt. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Ech géif d'Wuert un den Här Aguiar ginn.

# 9. Cours de langues

---

## PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Aujourd'hui, je souhaite mettre en évidence l'importance vitale des cours de langues dans notre ville cosmopolite. Avec une population de plus de 50 % de non-Luxembourgeois et représentant plus de 100 nationalités différentes, nous sommes fiers de notre diversité culturelle. Cette richesse multiculturelle apporte une valeur inestimable à notre communauté. Mais elle soulève également des défis que nous devons aborder ensemble.

Apprendre des langues officielles est une première étape cruciale vers une intégration réussie. En maîtrisant différentes langues, les habitants peuvent se connecter plus profondément avec les citoyens, comprendre leur histoire, leurs traditions et leur culture. Cela permet aussi d'être actif dans une vie sociale et de contribuer au développement de notre ville, respectivement d'être dans un pays tel que le nôtre.

Pendant l'année scolaire 2022/2023, des 26 cours initialement prévus, seulement 24 ont eu lieu. Pour l'année 2023/2024, 21 cours ont eu lieu. Nous saluons la réussite des étudiants avec 198 certificats émis dans le cadre des cours.

En concluant, je souhaite très vivement souligner l'importance des cours et je proposerai à ce collège échevinal que toutes les années, on puisse faire un sondage pour vraiment déterminer les besoins réels, pas seulement au niveau des cours de luxembourgeois tel que monsieur Cillien l'a bien dit. Je pense que c'est assez important. Mais je pense qu'il y aura seulement différentes envies d'apprendre de nouvelles langues. C'est encore une fois une question d'intégration, respectivement un enrichissement pour nos habitants. Ech soen Iech Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. D'Madamm Ceman.

---

## EMINA CEMAN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech géif och gären eppes zum néngte Punkt vum Ordre du jour soen. Et ass mer opgefall, dass d'italieenesch Sprooch dës Kéier net ugebuede gëtt. Wat schued ass. Ech mengen, dass do schonn e puer Leit dobäi gewiescht wären, déi sech fir den Italieenesch-Cours ugemellt hätten. Et ginn also nëmme Coursen op Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch, Spuenesch a Portugisesch.

Ech wëll der Madamm Brandenburger elo scho Merci soe fir hiert ganz Engagement an hir Aarbecht all déi Joren. Wéi den Här Wagner scho gesot huet, si geet geschwënn an d'Pensioun. An no hir iwwehëlt d'Madamm Streitz hir Aufgaben als Responsabel vum Service Sproochcourse fir Erwuessener. An dofir der Madamm Streitz scho vill Gléck. Ech soen Iech Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Den Här Diderich, wannechgeflit.

---

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vu mir Merci un d'Madamm Brandenburger, mee allgemeng och un d'Organisation vum dëse Sproochcoursen, déi immens wichteg sinn.

En effet sinn et virun allem déi lëtzebuergesch Sproochcoursen, déi ganz schnell ausgebucht sinn. Et ass bal wéi waarm Bréidercher, wéi déi fortginn.

Mir hunn awer vill Matbierger hei zu Déifferdeng, déi gäre géife Lëtzebueresch léieren, déi dat de Moment awer net kënnen a wou eis Sproochcoursen net duerginn.

Et muss een natierlech och d'Personal dofir fannen, déi d'Coursë kënnen halen. Mee ech denken, dass mer do nach eng Kéier mussen kucken, wat mer alles kënnen maachen, fir d'Léiere vun der Sprooch nach méi ze ennerstëtzen a méi Méiglechkeeten ze ginn.

Nieft dem Léiere vun der Sprooch ass et och d'Pratique vun der Sprooch, déi ganz wichteg ass. Do wollt ech uregen,

---

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) rappelle que plus de 50 % de la population est non luxembourgeoise. Differdange est fière de sa diversité culturelle. Celle-ci constitue une richesse inestimable, mais engendre aussi des défis.

Les langues officielles sont importantes pour une intégration réussie. Elles aident aussi à comprendre les citoyens, leur histoire et leur culture.

Paulo Aguiar rappelle que l'année dernière, 24 cours sur 26 prévus ont eu lieu. En 2023-2024, il y en aura 21. Cent-quatre-vingt-dix-huit étudiants ont obtenu leur diplôme.

Paulo Aguiar souligne l'importance des cours de langues et encourage le collège échevinal à organiser un sondage pour connaître les besoins réels. Il pense que les gens ont envie d'apprendre d'autres langues.

---

EMINA CEMAN (CSV) a constaté qu'il n'y a pas de cours d'italien. C'est dommage, car elle pense qu'il y a des gens voulant apprendre cette langue. Il reste des cours de luxembourgeois, français, anglais, espagnol et portugais.

Emina Ceman remercie madame Brandenburger pour son engagement et souhaite bonne chance à madame Streitz, qui reprendra le service des Cours de Langues.

---

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue l'organisation des cours de langues et remercie madame Brandenburger.

Il souligne à son tour le succès des cours de luxembourgeois. Malheureusement, il reste des gens voulant apprendre le luxembourgeois, mais qui ne le peuvent pas. Les cours de langues ne suffisent pas. Bien entendu, pour organiser des cours, il faut du personnel. Gary Diderich invite le collège échevinal à soutenir davantage l'apprentissage du luxembourgeois.

La pratique des langues est tout aussi importante. Le conseiller communal demande au collège échevinal d'organiser enfin un café des langues. Car au Luxembourg, dès qu'on remarque que quelqu'un ne parle pas parfaitement le luxembourgeois, on change de langue. Il

## 9. Cours de langues

*est donc nécessaire de promouvoir la pratique des langues.*

*Gary Diderich aborde la question de la gratuité des cours. Les cours ne sont pas gratuits pour éviter que les gens s'inscrivent et ne viennent finalement pas. En revanche, il avait été proposé d'offrir des tickets d'entrée à l'Aalt Stadhaus à ceux qui obtiennent leur certificat. Le dossier n'en parle pas. Gary Diderich voudrait savoir pourquoi cela n'a pas été appliqué.*

**ERNY MULLER (LSAP)** remercie madame Brandenburger, qui a donné un nouvel élan aux cours de langues ces dernières années. Il souhaite bonne chance à madame Streitz pour l'avenir.

*Les socialistes se réjouissent du succès des cours de luxembourgeois. Dans le passé, les entreprises devaient organiser leurs réunions en français. Et tant pis pour ceux qui ne parlaient pas cette langue. Mais aujourd'hui, de plus en plus de gens veulent apprendre le luxembourgeois. Savoir parler la langue du pays permet de créer d'autres liens avec ceux avec qui on vit.*

*Erny Muller signale qu'il n'est pas possible de participer aux cours en ligne sans ordinateur. Pendant la pandémie, beaucoup d'enfants suivaient les cours sur leurs iPad ou leurs iPhone. Plus tard, la commune leur a mis du matériel à disposition. Mais Erny Muller se demande s'il faut vraiment du matériel aussi sophistiqué. Plus de gens pourraient participer aux cours si la connexion était plus simple. D'un autre côté, Erny Muller imagine que ce n'est pas possible.*

dass mer zu Déifferdeng endlech Sproochecaféen organiséieren an aner Aktivitéite maachen, fir d'Pratique de langue. Well wann een de Cours bis geléiert huet – a mir wëssen, wéi et hei zu Lëtzebuerg ass: Soubal ee mierkt, dass een net perfekt Lëtzebuergesch kann, gëtt ganz schnell an eng aner Sprooch gewiesselt. Esou huet d'Person net d'Méiglechkeet, déi Sprooch ze festegen. An da wär et flott, wann een aner Saachen nach géif virgesinn, fir d'Integratioun an d'Pratique vun de Sproochen ze fërderen.

An da wollt ech froen, dat steet elo net am Dokument: Ech hat eng Kéier ugereegt a mir haten eis drop gëeent, dass mer d'Coursen net gratis maachen, mee souzesoen am Endeffekt gratis maachen, doduerch dass déi, déi de Cours absolvéiert hunn, herno Entrée fir an d'Aalt Stadhaus zum Beispill kréien. Well mir hate gesot, mir maache se net gratis, well soss schreiwe Leit sech an, an da komme se net.

Mee mir maachen de Präis net héich a mir géifen et esou maachen, dass déi, déi de Cours och absolvéieren, dass déi quasi belount gi mat deem, wat se abezuelen hunn. An dat a Form vu kultureller Participatioun iwwert d'Programmation vum Ale Stadhaus. Dat steet elo net hei dran. Dofir wollt ech froen, ob dat net méi esou praktizéiert ginn ass an der leschter Zäit oder fir dëst Joer net virgesinn ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Da wier et um Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Erlaabt mer am Numm vun der LSAP-Fraktioun der Madamm Brandenburger Merci ze soen, well si déi lescht Joren awer derfir gesuert huet, dass de Sproochecours erëm en neien Elan kritt huet. An och der Madamm Streitz dann och déi néideg Chance fir d'Zukunft. Et gesäit ee jo hir Initiativ mat der Lëtzebuerger Sprooch, dass dat gutt leeft. An ech mengen, si kann och e Motor gi fir déi Sproochecoursen.

Eis freet et, dass Lëtzebuergesch esou gefrot ass. Dat muss een awer mol soen. Well an der Vergaangenheet konnt een an de Betriber, op jidde Fall ganz oft, nëmme Reuniounen op Franséisch halen. An et hat kee sech weider dofir interesséiert, fir eng Kéier mat eis op Lëtzebuergesch e Wuert ze schwätzen. Dat heescht, wa mer net selwer Franséisch geschwat hätten, dann hätte mer net méi vill erreecht op der Aarbecht.

An et schéngt awer do eng Tendenz an déi aner Richtung ze kommen. Dass d'Leit awer elo interesséiert sinn, fir och op Lëtzebuergesch ze kommunizéieren. Ech mengen, dat gëtt jo och erëm en anert Verhältnis tëschent deenen eenzelne Partner, déi zesumme schaffen oder zesumme liewen, wann een d'Landessprooch mol op d'mannst versteet.

Wat mer awer opgefall ass, dat ass dat Material wat ee brauch. Dat heescht, wann Der do net ekipéiert sidd mat Laptop etc., da kënnt Der bei deem digitale Cours net matmaachen. An ech weess während der Pandemie, do waren awer vill Kanner, déi haten iwwe hiren iPad oder iPhone deelgeholl u Coursen.

Mir haten herno zwar Material zur Verfügung gestallt, mee ech froe mech, ob een do net misst emol iwweeleeën: Brauch ee wierklech e sophistiquéiert Material? Kann een dat net a vereinfachter Form maachen? Dat géif vläicht méi Leit erméiglechen nach drun deelzehuelen, wa mer déi Capacitéite kënne bedéngen, dass jiddweree sech ganz einfach kéint do aschalten.

Mee bon, ech weess och, dass bei esou engem Cours och versicht gëtt, zesummeschaffen a Gruppen, fir dass jiddweree voll integréiert ass, och vläicht e bessert Material benotzt muss ginn. Mee nëmme mol fir ze kucken, fir dass mer esou vill wéi méiglech Leit, well ech jo awer héieren, dass der vill net un déi Coursen erukommen.

Déi, déi berufflech do erakommen, déi hu jo warscheinlech alleguer dat Material. Mee déi, déi einfach wellen d'Lëtzebuerger Sprooch fir den normale Gebrauch ze léieren, fir den Hausgebrauch, entre guillemets, déi hu vläicht e bësse méi Problemer, fir dann un déi



# 10. Personnel / 11. Actes et conventions

Sproochecoursen erunzekommen. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Wagner wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Déi Punkten, déi elo ugeschwat gi sinn: Den Italieenesch-Coursen, ech hu gesinn, dass nëmme sechs Leit dee gepackt hunn. Ech ka mer gutt virstellen, wann ee weess, dass zéng Leit musen alt minimum do sinn, fir dass de Cours stattfënnt, dass vläicht d'Nofro net do ass fir d'nächst Joer. Wat bedauerlech ass, kloer. Een, dee mech kennt weess, dass ech e bësse mat Italieenesch ze dinn hunn.

(Gelaachs)

Dofir fannen ech dem Här Aguiar seng Iddi gutt, mol e Sondage ze maachen. Et kann awer sinn, dass dee scho realiséiert gi war. Ech wäert dat mat der Madamm Brandenburger an der Madamm Streitz zesummen awer nach eng Kéier kucken.

D'Iddi vun engem Sproochecafé fannen ech ganz interessant. Et muss ee kucken, ob dat realisabel ass. Effektiv verléiert ee séier d'Sprooch, wann ee se bis geléiert huet a se net am Alldag benotzt.

Déi Propos, fir e Bong fir duerno an d'Aalt Stadhaus zum Beispill, ass eng gutt Pist. Ech muss dat och effektiv mat hinne kucken. Wéi gesot, am August hunn ech Versammlunge mat hinnen. Dat wäert ech mat op de Wee huelen a mat hinnen driwwer schwätzen, wéi si dat gesinn, an ob dat net effektiv och scho proposéiert gi war.

Déi Geschicht, wat den Här Muller gesot huet, mat de Méiglechkeeten, déi Coursen iwwert den Handy zum Beispill ze kucken, misst normalerweis machbar sinn. Well ech weess, dass dat eng Webex-Plattform ass, an dat ass gutt genotzt beim Staat. Do gëtt et Videokonferenzen och iwwert den Handy, iwwert déi Webex-Plattform. Ech muss awer emol kucken, wéi de

Programm ass, ob dat machbar ass oder net. Do wäert ech mech informéieren. Merci.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2023-2024.*

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Den Här Bertinelli kritt d'Wuert, fir Stellung zum Punkt 10 ze huelen.

Fred Bertinelli (LSAP):

Dat hei ass e klengen Detail. Aus engem B1 an eisem Service écologique gëtt e B1 Technique gefrot. Méi ass dat net. Dat ass eppes, wat scho méi laang amgaangen ass. Mir bestätegen dat heiten, andeem mer dee Posten esou kreéieren, wéi de Service e brauch.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Wann net, da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation d'un poste de carrière B1 sous-groupe administratif en B1 sous-groupe technique au niveau de l'organigramme au sein du service écologique.*

Ech soen Iech Merci. Domat wiere mer beim Punkt 11, wou Akten a Konventionen ofgestëmmt musse ginn. 11a ass en Acte modificatif vum Gravity-Tower. Här Hartung, wannechgelift.

---

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dëse Punkt ass eng reng Formalitéit. Am Cadastre vertical goufen e

*Il suppose que les étudiants apprenant le luxembourgeois pour des raisons professionnelles ont le matériel nécessaire. Mais les autres auront peut-être plus de mal.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** a vu que l'année dernière seules six personnes ont obtenu leur certificat en italien. Il suppose donc que la demande n'était pas assez forte cette année. Il le regrette, car il parle un peu italien.

(Interruption et rires)

Thierry Wagner trouve bonne l'idée de monsieur Aguiar d'organiser un sondage. Il ne sait pas si cela a déjà été fait.

L'idée d'un café des langues est intéressante, mais il faut voir si elle est réalisable. Il est vrai que l'on oublie rapidement les langues que l'on ne pratique pas.

Pour ce qui est des tickets à offrir aux étudiants, Thierry Wagner devra en parler avec l'équipe en aout. Il ne sait pas si cela a déjà été fait.

L'échevin pense qu'il est possible de suivre les cours sur un téléphone portable. En effet, il connaît la plateforme Webex et sait que l'on peut tenir des vidéoconférences sur portable. Mais il s'informera.

(Vote)

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** passe au point 10. Il s'agit de créer un poste B1 pour le service écologique.

(Vote)

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** passe au point 11, les actes et conventions.

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** considère ce point une simple formalité. Le cadastre vertical de Gravity a été adapté de sorte qu'il faut revoir les millièmes.

# 11. Actes et conventions

*Un autre changement concerne la terrasse avec la serre. Elle appartient désormais à la commune. Le concept ne change en revanche pas. Il s'agit de proposer un projet chouette aux copropriétaires.*

(Vote)

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** cède la parole à monsieur Hartung pour le point b.

**JERRY HARTUNG (CSV)** rappelle que la commune dispose d'un droit de préemption sur les appartements de Gravity. Le contrat prévoit un mode de calcul pour fixer le prix à la revente sur la base de l'indice de construction et de l'âge de l'appartement. Un particulier a décidé de revendre son appartement, qui a moins d'un an. La commune va donc le racheter au prix de vente. Elle rachète aussi la cuisine, qui sera ensuite revendue au prochain acquérant.

Jerry Hartung annonce qu'un deuxième appartement sera probablement vendu prochainement.

(Vote)

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** passe aux points d, e et f.

(Interruption)

Guy Altmeisch s'excuse d'avoir oublié le point c. Il cède la parole à monsieur Ulveling.

**TOM ULVELING (CSV)** explique qu'il est question de quatre actes ne couvrant rien à la commune. Il suppose donc que les conseillers communaux les approuveront.

Le premier concerne des maisons construites il y a plusieurs années dans la rue Pierre-Gansen par la société Tourmalet SA. Celle-ci cède deux terrains de 12,17 a et de 10,35 a à la commune. Le premier terrain accueille des places de stationnement à l'entrée du centre de recyclage et le deuxième est le site où l'on prévoit de placer des moutons.

puer kleng Upassunge gemaach. Dëst bréngt mat sech, datt, ënner anerem, d'Milliëmen insgesamt liicht changéieren, wat dann natierlech muss am Basis-Akt richtig festgehale ginn.

An dann ass et och esou, datt d'Terrass mat der Zär virdrun op d'Kopropriétéit geschriwwer war, mat enger Jouissance exklusiv fir d'Gemeng. Jee nodeem kann dat zu Diskussiounen féieren. Elo ass d'Gemeng Proprietär. Natierlech ouni Ännerungen un der Grondiddi, fir hei all de Leit, déi am Gravity wunnen, e flotte Projet mat Konzept unzebidden. Dëst evitéiert spéider eventuell onnéideg Diskussiounen. Ech bieden Iech, dëse Punkt esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Keng Wuertmeldung, da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de base modificatif du complexe Gravity Tower.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt b, wou et nach eng Kéier um Här Hartung wier.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Da si mer nach eemol am Gravity. Do war jo deemools festgehalten, datt d'Gemeng d'Virkaftsrecht op dësen Appartementer hätt, fir se selwer nei ze verginn. Dat am Geescht vum abordable Wunnraum, datt dee soll weider funktionéieren. Wann also eng Privatpersoun, déi hei eng Wunneng kaf huet, spéider nees verkeeft, hate mer jo eng Präisform an all Kontrakt virgesinn, déi zum engen dem Bauindex, zum aneren dem Alter vum Appartement Rechnung dréit.

Hei trëtt elo fir d'éischt esou ee Fall an, datt eng Privatpersoun verkeeft. A vu datt dat jo nach kee Joer hier ass, mer d'Appartement zum initiale Präis zrëckkafen. D'Persoun huet scho selwer eng Kiche kaf, déi kafe mer mat of a verkafte se 1:1 esou weider un deen

nächsten oder déi nächst oder deenen, déi op der Lëscht stinn.

Vläicht nach ze bemierken, datt mer warscheinlech nach en zweet Appartement aus dem Gravity esou wäerten deemnächst zrëckkafen. Natierlech kënn dat dann och nees an de Gemengerot. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et eng Wuertmeldung zu deenen Erklärungen? Wann net, da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver un acte notarié avec monsieur de résiliation d'un droit d'emphytéose et vente (rachat) d'un logement dans le cadre du projet de construction Gravity Tower sur le plateau du Funiculaire suivant droit de préemption.*

Ech soen Iech Merci. An dann hunn ech eng gutt Neiegkeet. Den Här Ulveling huet sech bereeterkläert, fir d'Punkten c, d, e, an f mateneen ze erklären an ze erläutere. Da géife mer d'Wuertmeldungen zesummenhuelen an d'Ofstëmmung och zesummen. Well et sech jo plus ou moins ëm déi déi selwecht Situatioun handelt. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et si véier Akte respektiv eng Konventioun, déi eis am Fong näischt kaschten. Dofir huelen ech un, dass all Mënsch dat wäert stëmmen.

Dat Éischt ass eng Affär mat der Société Tourmalet SA, wou am Kader vum PAG an der Rue Pierre Gansen viru Joren ee ganze Koup Haiser gebaut si ginn, déi eis do Terrain retrocedéiert. An zwar eng Kéier 12,170 Ar an eng Kéier 10,35 Ar. Dat eent ass déi Plaz, wou elo déi Parkinge sinn, wann een erafiert fir op de Recycling, ënnen an der Rue Pierre Gansen.

# 11. Actes et conventions

An dat anert ass déi Plaz tëschent deenen zwee Gebaier, deenen ënneschte Gebaier. Wou een dann och wollt eventuell Schof oder esou ënnerbréngen. Dat si Parzellen, déi mir gratis kréichen am Kader, wéi gesot, vum PAG an am Kader vun der Retrocessioun.

Dat anert sinn dräi flott Konventiounen, Avenanten zu Konventiounen a Convention de prêt mat ArcelorMittal. Wou ech direkt wëll ArcelorMittal villmools Merci soen, well mir hunn eis konnten, no villen a laangen Diskussiounen am virege Schäfferot, eenegen, dass mer all déi Saache gratis zur Verfügung gestallt kréien.

Bei der éischter Konventioun handelt et sech ëm en Avenant vun der Vëlospist. Dat ass déi Partie um AS-Terrain, dee Park, dee mer do neigestalt hunn, déi Partie vun der Gulf-Statioun bis bei d'Creos-Gebai um Enn vun der Rue Caspar-Mathias Spoo. Fir de Bau vun der Passerell aus dem Wunnquartier op d'Vëlospist. Hei gëllen d'Konditiounen wéi an der Haaptkonventioun, dat heescht à titre gratuit. An d'Lafzäit ass zéng Joer ab dem 26.6.2022, Vott am Gemengerot, a renovelléiert sech jee weils ëm fënnf Joer.

Déi aner Konventioun handelt sech ëm de Parc de la Grève 1942, dee mer viru Kuerzem ageweit hunn. Wou mer ee flotte Park gemaach hunn. Dat Monument engersäits, fir d'Leit, déi vun der Grève vun 1942 do betraff waren, ze honoréieren. An awer och ee klengen didakteschen Ausfluch ze maachen iwwert d'Entsteeung vun der Schmelz. Dat hu mer an zwee gedeelt.

Dës Konventioun ass och à titre gratuit. D'Lafzäit ass zéng Joer a se renovelléiert sech jee weils ëm dräi Joer.

Déi lescht handelt sech ëm de Parking, am Moment schwätze mer vun engem Parking sauvage, virum Efcu-Site. Dir wësst, virum Efcu-Site, wann een erafiert an d'Rue du Hussigny, do ass en Taudis entstanen mat futtisse Karkassen, mat Autoen, wou d'Fënsteren ageschloe sinn a Leit, déi hir Autoen do wëll parken. A well mer dat net méi wëllen toleréieren, respektiv dat och e bësse méi schéi wëlle gestalten, wäerte mer deen Terrain do notzen, fir eng Barriär ze maachen. Soudass mir eleng als Gemeng respektiv natierlech och

d'ArcelorMittal wäerten do Zougang hunn. An da kann een dat méi flott gestalten wéi elo.

An hei ass och d'Konditioun, dass et à titre gratuit ass. D'Lafzäit ass fënnf Joer a renovelléiert sech jee weils ëm ee Joer.

Ech géif Iech bidden, déi dräi Konventiounen respektiv déi Cessations gratuites ze stëmmen. Well ech mengen, domat kënne mer – oder hunn deelweis scho kënne maachen – nach flott Saachen draus maachen. Ech soen Iech Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Gëtt et eng Wuertmeldung zu deene Konventiounen? Den Här Diderich.

---

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech begrëssen dat a groussen Deeler. Wat just ëmmer ass bei Terrain mat ArcelorMittal, dat ass, wéi een dat an den Akte ka liesen, dass d'Pollutioun ofgeschobe gëtt un eis. Dat heescht, dass si keng Garantien a keng Responsabilitéit an och keng Käschten iwwerhuele fir d'Pollutioun. Wat ech prinzipiell als problematesch ugesinn. Mee dat ass jo näischt Neies hei am Gemengerot. Mee ech mengen, dat ass am Sënn vun de Bierger, dass mer trotzdem eng Solutioun do fonnt hunn an déi Plazen elo hunn. Ech soen Iech Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Muller.

---

## **ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Déi Convention de prêt à usage mat ArcelorMittal begrësse mir als LSAP. D'Positioun vun ArcelorMittal huet sech an deem Sënn komplett geännert, dass se déi Terrainen, déi net direkt fir d'Stolproduktioun genotzt ginn, der Gemeng respektiv den Déiferdenger Biergerinnen a Bierger zur

*Ces deux parcelles ne content rien à la commune. Elle les reçoit dans le cadre de la rétrocession et du PAG.*

*Les actes suivants concernent ArcelorMittal, que Tom Ulveling remercie. Après de longues discussions, la commune reçoit plusieurs sites gratuitement.*

*La première convention porte sur la piste cyclable du parc Terrain-AS, qui va de la station-service Gulf au bâtiment de Creos au bout de la rue Caspar-Mathias-Spoo.*

*La parcelle servira à construire une passerelle allant du lotissement à la piste cyclable. Elle est cédée à titre gratuit pendant dix ans avec un renouvellement possible tous les cinq ans.*

*La deuxième convention concerne le parc de la Grève-1942. Il accueille le monument honorant les grévistes de 1942 ainsi qu'un historique de la création de l'usine. La convention porte sur dix ans avec un renouvellement tous les trois ans.*

*La troisième convention porte sur le parking sauvage devant le site Efcu dans la rue de Hussigny, là où se trouve un taudis avec des carcasses de voitures. Le collège échevinal compte installer une barrière pour limiter l'accès au site à la commune et à ArcelorMittal.*

*Le terrain est cédé à titre gratuit pendant dix ans avec reconduction tous les ans.*

*Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver ces cessations gratuites.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** regrette que comme chaque fois avec ArcelorMittal, c'est à la commune de s'occuper des problèmes de pollution. ArcelorMittal ne donne aucune garantie, ne prend pas de responsabilité et ne dépolluera pas le cas échéant.

*D'un autre côté, c'est une bonne chose pour les citoyens que la commune dispose désormais de ces sites.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** salue les conventions avec ArcelorMittal. ArcelorMittal a changé radicalement sa position de départ en cédant ces terrains. Ceux-ci sont importants dans le cadre de différents



# 11. Actes et conventions

*projets comme le parc du Terrain-AS et le parc de la Grève-1942.*

*Pour ce qui est du terrain de l'Efco, la commune pourra prendre des mesures pour le réaffecter.*

*À l'avenir, il existe d'autres possibilités de coopération avec ArcelorMittal. Erny Muller pense notamment au plateau des Hauts-Fourneaux. Il soutient entièrement ces initiatives.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *approuvera les différents points. Il est content que ces terrains soient mis à disposition de la commune.*

*Pour ce qui est du parking devant le Rollesbiërg, Guy Tempels propose une station de lavage pour vélos.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que le collège échevinal y réfléchit.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime que le terrain s'y prête.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'il faut de l'électricité et de l'eau.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *trouve que ce serait le bon moment.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *sugère de profiter du parc du Terrain-AS pour développer la piste cyclable en direction de Sanem.*

*(Interruption)*

*Laura Pregno rappelle que des négociations ont déjà eu lieu avec les communes voisines.*

*Pour ce qui est du parc de la Grève-1942, il est vraiment chouette. Laura Pregno salue le fait que la dernière coalition ait eu d'aussi bons rapports avec ArcelorMittal comme l'a souligné monsieur Muller. Elle remercie l'ancienne bourgmestre pour le temps qu'elle a investi à améliorer les relations.*

*Ce parc a une histoire importante que les citoyens devraient connaître.*

Verfügung stellen. Souzesoën a Form vun enger Ouverture no baussen.

Dat sinn an dësem Fall déi Terrainen, déi den Här Ulveling erkläert huet an déi jo och interessant si fir eis Projeten. Sief dat den AS-Park, fir den Accès do ze maachen. Oder an der Rue Emile Mark deen neie Park mam Monument de la Grève vun 1942, dee jo och gutt gelongen ass.

An och bei Efco-Forodia. Ech mengen, wa mer dat elo kënnen richteg encadréieren, richteg zoumaachen, oder op jidde Fall definitiv benotzen, da kann de Gemengerot op deem Terrain verschidde Moosnamen ergräifen, dass deen Terrain besser ka genotzt ginn. A mir wësse jo och – mir hu schonn iwwert de Plateau des Hauts-Fourneaux heibanne geschwat –, dass sech fir d'Zukunft nach weider aner Méiglechkeeten ergi mat ArcelorMittal. An déi kënnen nëmmen zum Notze si vun eiser Stad. Duerfir ënnerstëtze mir voll a ganz dës Initiativ an dës positiv Entwécklung mat ArcelorMittal. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären. Mir schléissen eis eise Virriedner un a stëmmen déi sämtlech Punkte mat Jo. Mir si frou, dass mer déi Terrainen zur Verfügung gestallt kréien.

Wat de Parking vir, also virum Rollesbiërg, ubelaangt, do kéint ee vläicht drun denken –ausser ech sinn net um leschte Stand –, fir do vläicht, et sinn ëmmer vill Leit déi gefrot hunn no enger Wäschanlag fir d'Veéloen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo. Dat si mer amgaangen ze kucken.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Do wär vläicht déi richteg Plaz, fir esou epees ze amenagéieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et brauch ee just Stroum a Waasser.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Jo. Mee elo wär vläicht dee richteg Moment. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. D'Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Den Här Tempels huet elo vun der Wäschanlag geschwat fir de Velo. Ech denke grad drun, wa mer vum Park AS Terrain schwätzen, dass dann och vläicht de Moment ass, fir drun ze denken, dass een do kann d'Vełosubannung Richtung Suessem maachen ...

**ENG STÈMM:**

Richtig.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

... a Gespréicher mat der Nopeschgemeng ophuelen. Ech mengen, do sinn der scho gelaf. Dat wär wierklech flott, wann een do vun Déifferdeng eng flott Ubannung géif kréien un d'Nopeschgemeng.

Da wéilt ech nach e puer Wuert soen zu deem flotte Parc de la Grève Nationale, deen, denken ech, hei bei jidderengem Uklang fonnt huet. Ech begrëissen et immens, dass an der leschter Koalition esou flott mat ArcelorMittal zesummegeschafft ginn ass, den Här Muller huet et schonn ugedeit. Ech géif dohier nach eng Kéier e grouse Merci och un eis fréier Buergermeeschtesch lancéieren, déi wierklech do à l'écoute war. A wierklech och vill Zäit investéiert huet, fir déi Relatiounen opzehuelen an definitiv ze verbesseren.

Ech denken, dass dee kleng Park eng immens grouss Bedeutung huet. Ech invitéiere jiddereen, sech d'Geschicht

# 11. Actes et conventions

eng Kéier am Detail ukucken ze goen. Denken och, dass dat fir d'Bierger dobaussen immens wichtig ass.

Ech denken, dass d'Bedeutung vun deem Park e bëssen op dräi Volet spillt. Engersäits ass et ganz Basic: Et ass d'Entrée en ville. En ass schéin, schéin ze kucken a schéi sech do opzehalen, sech e bëssen auszerouen, e gudde Kaffi ze drénken oder vläicht e Bréitchen an der Mëttegstonn op der Bänk ze iessen, fir all déi, déi do ronderëm schaffen. Oder och vläicht fir d'Schüler an d'Studenten, déi am Quartier an d'Schoul ginn.

Dann déi e bësse méi déif Bedeutung, déi Erënnerung un dat, wat war, eng Plaz fir en Deuil ze halen. Eng Plaz, wou ee sech kann zréckzéien an un déi gefale Leit denken.

An dann ass et a mengen Ae wuel déi aktuell wichtigst Bedeutung: erënneren un dat, wat war an ni méi soll geschéien. Eng Plaz, wou ee sech kann erënneren an erzielen, wat a wéi et deemoos war, wie sech agesat huet fir d'Fräiheet an d'Demokratie. Ëmsou méi wichtig, well et ëmmer manner Zäitzeie gëtt an d'Gefor awer ëmmer méi grouss schéngt ze gi fir geféierlech Iddien, déi Zoulaf fannen. An dofir ass et hei wierklech d'Bedeutung vun der Plaz ze kennen an ze erklären an ze soen: Ni méi! Ech soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Bertinelli.

---

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci fir déi gutt Iddien hei. Dem Här Tempels Merci fir déi Iddi vun der Vëloswäsch.

Da wëll ech dem Här Diderich awer soen, datt mer déi Terrain kucke waren a kee vun deenen dräi Terrainen hei polluëiert war. Ech weess, wat e mengt. Ech hu mech och ëmmer geiergert, fir déi Terrainen ze kréien, da missen an de saueren Apel ze bäissen an déi Terrainen dann ze sanéieren.

Well am Lëtzebuerger Gesetz steet, jiddwereen, deen en Terrain ver-

knascht, muss en och herno erëm esou hierstellen, wéi en am Ufank war. Mee dat ass, leider Gottes, esou. Mee bei deenen heiten, do war net eng Plaz, déi polluëiert war. Do war guer näischt. Dat ware propper Plazen, wéi aner Plazen, déi mer hunn. Dat war anstandslos. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Ulveling.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll soen, dass mer effektiv, à ce stade, mat der aktueller Direktioun vun ArcelorMittal en exzellenten Echange hunn. Déi Leit sinn opgeschlossen, vill méi wéi deenen hir Virgänger, dat muss ee wierklech soen. Ech regrettéieren zwar nach ëmmer, dass mer et net fäerdegbruecht hunn, dat Monument ëmzedréien an him dee richtege Cachet am Fong ze loossen.

Mee ech war besuergt, dass mer dee ganze Projet géife maachen. Dass dat eng didaktesch Valeur hätt. Well dat war och den ausschlaggebende Punkt, wou d'Arcelor gesot huet, si sinn d'accord, fir eis dat ze ginn, well ech gesot hunn, d'Schoulkanner solle kënnen dohinner goen an déi solle kënnen d'Geschicht vun där ganzer Saach do opschaffen. An näischt ass méi flott, wéi wann een op déi Plaz ka goen, wou dat geschitt ass a wann ee sech dat kann ukucken.

Op där anerer Säit hu mer eng Ouverture gemaach fir ArcelorMittal, fir dass si d'Geschicht vun hirer Usine och kënnen do promouvéieren. An ech mengen, et ass wierklech e flotte Projet ginn, deen och net terribel deier war. Ech hoffe just, dass alles dat, wat elo do steet, respektéiert gëtt an net futti gemaach gëtt.

D'Beliichtung gëtt nach e bësse verbessert, do hu mer nach ee Scheinwerfer, dee feelt. Déi eng oder déi aner Bänk kënnst bäi. Mee dat ass e flotte Lieu de recueil respektiv e Lieu, wou ee mat Schouklasse kann higoen an hinnen dat dann alles erklären a weisen.

*Sa signification repose sur trois volets. D'un côté, il est beau et constitue l'entrée de ville. Les gens peuvent s'y reposer, boire un café ou manger un sandwich. Il est aussi idéal pour les élèves et les étudiants.*

*Deuxièmement, le parc est aussi un lieu de deuil, où l'on peut se recueillir en mémoire de ceux qui sont tombés.*

*Troisièmement, il est là pour rappeler ce qui ne doit plus jamais survenir. Elle rappelle que des gens ont lutté pour la liberté et la démocratie. Malheureusement, il y a de moins en moins de témoins directs et des idées dangereuses prennent pied. Le parc de la Grève-1942 nous dit « Plus jamais ça! »*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** remercie monsieur Tempels pour l'idée de la station de lavage pour vélos.

*Aucun des trois terrains cédés n'est pollué. Il comprend les propos de monsieur Diderich, car lui aussi se fâchait quand il fallait dépolluer des terrains.*

*Mais les trois terrains dont il est question aujourd'hui sont propres.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** confirme que les échanges avec la direction d'ArcelorMittal sont excellents. Il regrette cependant qu'il n'ait pas été possible de retourner le monument pour lui donner le juste cachet.

*La valeur didactique du parc est une des raisons pour lesquelles ArcelorMittal a finalement donné son accord. Tom Ulveling a insisté sur le fait que les enfants devaient apprendre à connaître l'histoire du site. Il est chouette de pouvoir se rendre sur place.*

*En contrepartie, la commune a accepté qu'ArcelorMittal présente l'histoire de l'usine. Il en résulte un projet vraiment chouette, qui n'a pas coûté trop cher. Tom Ulveling espère qu'il n'y aura pas d'actes de vandalisme.*

*Le collège échevinal compte améliorer l'éclairage et installer plus de bancs. Mais c'est déjà un beau lieu de recueil où aller avec les classes scolaires.*

*(Votes)*

# 11. Actes et conventions

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passé à une convention avec l'Alliance pour le climat.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que l'Alliance pour le climat est une sorte de guide pour les communes préparé par le Mouvement écologique. Il ajoute que Differdange va beaucoup plus loin que ce que le Mouvement demande. Mais il trouve important de faire partie de l'Alliance. Être membre coûte 13 500 €.*

*Les communes peuvent échanger des idées et des expériences.*

*La convention a été réalisée par le collège échevinal précédent. Le collège échevinal actuel est du même avis.*

*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passé aux deux points suivants, qu'il propose de traiter ensemble.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, kéime mer zur Ofstëmmung.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Déi véier Punkten zesummen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de cession gratuite de 2 parcelles situées à Niederkorn au lieudit Rue Pierre-Gansen d'une superficie de 23,05 a avec Tourmalet SA.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Belval et Differdange SA portant sur des terrains aux lieudits Differdinger Hüttenwerk, Cité Henry-Grey et Rue C.-M.-Spoo d'une contenance totale d'environ 90,32 a.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Belval et Differdange SA portant sur une bande de terrain au lieudit Rue Émile-Mark d'une contenance totale d'environ 26 a.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de prêt à usage ou commodat avec la société ArcelorMittal Luxembourg SA portant sur des terrains aux lieudits Rue de Hussigny et Rollesberg d'une contenance totale d'environ 35 a.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Mer kéimen am Punkt 11g zu der Konventioun mam Klimabündnis. An dofir géif ech d'Wuert un den Här Bertinelli ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Hei hu mer e Klimabündnis, wou mer dra sinn, wou mer all Joer matmaachen. Dat ass e Klimabündnis, wou mer maache fir d'Gemengen. Dat ass e bessen e Leitguide fir d'Gemengen alleguerten. Dat gëtt mam Mouvement écologique gemaach. Ech hunn dat Ganzt duerchgelies. Ech muss soen, datt d'Déifferdenger Gemeng vill méi wäit ass wéi dat, wat de Klimabündnis hei freet. Mee et ass een awer gutt derbäi. Et kascht och net ganz vill. Ech mengen, et sinn 13.500 Euro, fir do Member ze sinn.

Et sinn Informatiounen, wat déi eng Gemeng méi mécht wéi déi aner Gemeng. Fir déi Informatiounen un aner Gemenge weiderzeginn. Et ass gutt, datt mer am Klimabündnis bleiwen. Dat hei war nach eng Konventioun, déi eis Virgänger gemaach hunn, déi och vun hinne signéiert an ënnerschriwwen ass. Mir droen dat mat, well mer där selwechter Meenung sinn.

Ech géif Iech ëm Är Zoustëmmung froen, datt mer weiderfuere mat deem Klimabündnis. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Wann net, da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention Alliance pour le climat Luxembourg.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zu de Punkten h an i. Dat wieren der zwee, déi ech Iech géif erklären. Wann Der näischt dogéint hutt, kënne mer déi och zesummen ofstëmmen. Et handelt sech



# 11. Actes et conventions

nämlech zweemol ëm Contrat-de-bailen. Deen een ass am 1535°, wou Der den Detail op der Diffcloud fannt.

An dat anert ass e Contrat de bail mat engem Artist, deen en Atelier op 50, Grand-Rue huet. Et si Contrat-de-bailen, wéi mer der schonn des Ëfteren ofgestëmmt hunn, hei am Gemengerot. Et ass näischt Extraes dobäi. An ech wier frou, wann Der mer déi géift stëmmen.

Wann et keng Wuertmeldung dozou gétt, da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.*

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un atelier d'artiste au n° 58 de la Grand-rue à Differdange.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 11j, eng Kollaboratioun mat enger Associatioun, déi den Här Wagner eis géif erklären.

---

## SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. ARCUS ass aktiv am Beräich vun der Aide familiale, virun allem direkt bei de Leit doheim. An dëst no der Face-to-Face-Strategie, wat a mengen Aen eng ganz gutt Approche ass.

Mat der Ouverture vum Déifferdenger Familljenhaus den 1. November 2021 bidde si eng Assistance an Aide familiale un. Mee och e Berodungsdéngscht an e Placement familial. Virun allem Kanner a Jonker tëscht 2 an 23 Joer fannen do en oppent Ouer, wou Froen zu der Educatioun, dem Abus vun Alkohol an Droge kënne gestallt ginn. Mee och den Dialog mat de Jugendlechen, déi mat der Schoul opgehalen hunn, zum Beispill, gétt do gesicht.

Hir Palett u wichtege Servicer muss natierlech visibel sinn. An do muss a soll d'Gemeng eng Hand upaken, sief dat an eise Publikatiounen, mat de Permanencen, de Maisons relais, wéi op de Schoulfester zum Beispill.

Ech wär frou, wann dëse Punkt och kéint positiv gestëmmt ginn, well et ass ee wichtege Outil fir eis Gemeng. Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Eng Wuertmeldung? Jo.

---

## MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Dëst ass eng Konventioun mat enger ganz wichtege an noutwendeger Zesummenaarbecht vun der Gemeng an dem Familljenhaus ARCUS. Si gi ganz vill sollicitéiert an hunn och villsproochegt Personal. Dëst ass hei zu Déifferdeng eenzegaarteg an nei.

Vun Ufank u waren all d'Acteure vun der Gemeng matagebonnen, wéi Schoul, Maison relais, Office social, Commission d'inclusion an esou weider.

Si si gutt vernetzt an doduerch och ganz reaktiv an effikass. Si kréien elo e Lokal op der Place des Alliés a ginn doduerch nach méi visibel. De Besoin ass grouss, et gétt nämlech scho Waardelëschten, wéi ech héieren hunn. Merci.

---

## BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Gétt et nach eng Wuertmeldung? Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'accord de collaboration avec l'association sans but lucratif Arcus ASBL.*

---

*Il s'agit d'un contrat de bail concernant le 1535° et d'un contrat de bail concernant l'atelier pour artistes situé au 50 de la Grand-rue.*  
(Vote)

*Guy Altmeisch passe au point 11.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** explique qu'Arcus est actif dans le domaine de l'aide familiale. Les employés se rendent au domicile des clients et adoptent la stratégie Face to Face.

Arcus a ouvert ses portes à Differdange le 1<sup>er</sup> novembre 2021 et propose aussi un service conseil et un service de placement familial. Arcus s'adresse surtout aux jeunes de 2 à 23 ans ayant des questions sur l'éducation, ou l'abus de drogues et d'alcool.

La commune souhaite aider Arcus dans sa communication, par exemple à travers des publications, des permanences, dans les maisons relais ou dans les fêtes scolaires.

Thierry Wagner demande au conseil communal d'approuver ce point.

---

## MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)

trouve cette convention à la fois importante et nécessaire. Elle souligne que le personnel d'Arcus est multilingue.

Les écoles, les maisons relais, l'Office social et la Commission d'inclusion ont participé au projet dès le départ.

Arcus recevra un local sur la place des Alliés. Les besoins sont grands, car Arcus a déjà une liste d'attente.  
(Vote)

# 12. Règlements

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passé à la résiliation d'un contrat.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que malheureusement, il s'agit de la fermeture d'un magasin de vêtements pour enfants dans la zone piétonne. Les deux associés se sont disputés. Le commerce fonctionnait bien, mais comme les associés se sont séparés, ils ont décidé de résilier le contrat.*

*Fred Bertinelli se rend compte qu'il avait été difficile de trouver des commerçants. Mais les querelles arrivent. Le collègue échevinal va faire son possible pour trouver de nouveaux occupants.*

*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passé aux règlements d'urgence.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne mentionnera que les règlements les plus importants. Il demande aux conseillers communaux de ne pas hésiter à lui faire des remarques concernant les chantiers comme lui en faisait au collègue échevinal précédent. Il se déplace toujours sur les chantiers, mais parfois il peut lui arriver de rater quelque chose.*

*Le premier règlement concerne une nouvelle positive. Chaussures Calderoni réalise des travaux importants. Ils ont investi beaucoup d'argent pour rénover le magasin.*

*Le chantier va prendre du temps, car les maisons voisines appartiennent aussi à la famille Calderoni et seront également rénovées.*

*Des travaux sont en cours à LUNEX, le long de la rue. La société Costantini a promis à Fred Bertinelli de retirer régulièrement les barrières de sorte que le trafic devrait pouvoir circuler normalement le soir. Il s'agit d'éviter d'embêter les citoyens en fermant la rue pendant plusieurs jours même quand il n'y a pas de travaux.*

*Les autres règlements concernent surtout des façades.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 11k, wat e bësse méi traureg ass, eng Resiliatioun vun engem Contrat de bail vun engem Geschäft. Ech géif dofir d'Wuert un den Här Bertinelli ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Leider Gottes hu mer dann dat och nach. Dat ass e Kannergeschäft aus der Foussgängerzon, wou mer wierklech frou waren, wou et opgaangen ass. Déi waren zu zwee Associéen, an déi versti sech net méi. Et ass net, datt d'Geschäft net gaangen ass, si hate vill Clienten. Awer déi hu sech ënner sech net méi verstanen, soudatt se auserneegaange sinn an da resiliéiert hunn. Soudatt mer elo erëm kënnen kucken, datt mer een do drakréien.

Wéi gesot, mir huelen deen Challenge un. Mee vill Leit hu sech vill Aarbecht gemaach, fir Leit dohinnerzekeréien. An dat geet leider esou. Wou Mënsche sinn, mënschelt et. An dat kann och emol virkommen. Mee, wéi gesot, mir wäerten eis vill Méi ginn, fir erëm en neit Geschäft dohinzekeréien.

Dat hei musse mer an de Gemengerot bréngen, well et och esou gestëmmt ginn ass, datt déi Leit dat Geschäft kritt hunn. Duerfir musse mer och, wa se elo ophalen, dat matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Gëtt et eng Wuertmeldung? Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la résiliation d'un commun accord d'un contrat de bail du local commercial Rêves d'enfants SARL-S situé au n° 4 de l'avenue de la Liberté à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 12, den Drénglechkeetsreglementer. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech gi just op déi Verkéiersreglementer an, déi ech méi wichteg fannen, déi méi grouss sinn. Ech wier och frou, well ech dat ëmmer selwer gemaach hunn, wa mer grouss Schantercher hunn an Dir gesitt iergendeppes, wat wierklech hënnert, mir dat dann ze soen. Mir sinn ëmmer frou, wa mer et gesot kréien. Mir ginn zwar d'Schantercher allegueren ëmmer kucken, mee et kënnen awer ëmmer mol Saache virkommen, wou da keen opgepasst huet. An dat emmerdéiert eis Bierger dann. Dat wier net esou gutt.

Dat Éischt, dat si méi grouss Aarbechten, wou ech wierklech frou sinn. Et ass jo net ëmmer negativ, dat hei ass wierklech eppes Positives. Ech wëll dat och ernimmen. Chaussures Calderoni hei ënnen am Zentrum, déi Leit investéieren ganz, ganz vill, fir dat Schonggeschäft erëm opzemaachen an nei ze kréien. Sou negativ déi Saach war, déi mer virdrun haten, ass dat heite mol eng Kéier eng positiv Saach. An dofir si mer frou.

Fir déi Aarbechten, déi do gemaach ginn, virdrun ass e Reglement eraus. Wat eng Zäitchen dauere wäert, bis déi fäerdeg sinn. Well déi Haiser nienendrun, déi och der Famill Calderoni gehéieren, déi gi matrenovéiert.

Da bei der Lunex: Längs vun der Strooss ginn iwver d'Firma Costantini déi Schantercher fäerdeg gemaach. Déi ginn awer geréckelt. Dat hu se mer versprach. D'Strooss gëtt ëmmer nëmmen een Deel mat Luuchten opgemaach, wa geliwert gëtt. Mee soss ginn déi Gelänneren erëm ewechgeholl. Soudatt normalerweis de Verkéier owes erëm normal leeft. Well mer wëssen, do war alt fënnef, sechs Deeg zou, ouni datt een do geschafft huet. An dat solle mer eise Bierger jo net undinn.

Dat anert si meeschtens Fassaden oder kleng Amenagementer. Bis op en Haus, wat nach gebaut gëtt, wou muss e Gruef gezu ginn.

Ech war se allegueren kucken op d'Cloud an ech war mech och an de Verkéiersservice informéieren, dat wäert déi nächste Kéier nach besser lafen.

# 13. Syndicats

Ech hunn awer nach eng Informatioun, déi ech dem Gemengerot wëll ginn. Wat eppes ass, wat eis scho méi laang um Häerz läit, a well mer do och eng Reform mussen am Policereglement kréien. Dat ass dee Problem, dee mer hu mat eise Véloen op den Trottoiren.

Dat ass ee grouse Problem. Mir mussen dat elo endlech geléist kréien. Well net méi spéit wéi d'lescht Woch sinn zwou eeler Dammen iwwerrannt gi mam Vélo an der Parc des Sports vu Leit, déi aus der Schwämm komm sinn. Esou kann dat net méi weidergoen. Mir mussen eis do un eist Policereglement halen.

Wann Der elo gesitt, datt eis Agenten op der Strooss méi Leit mam Vélo unhalen, dat ass net, datt mer iergende wëllen emmerdéieren oder wëlle stéieren, mee erwuesse Leit a Kanner vu 15 Joer mussen op der Strooss fueren. Et geet hei ëm d'Sécherheet vun de Leit, déi iwwert de Foussgängersträife ginn an um Trottoir ginn, fir déi ze schützen.

Duerfir, wann Der elo an der nächster Zäit als Member vum Gemengerot esou eppes héiert oder gesitt, da wësst Der, datt mer an déi dote Richtung ginn. Dat wierklech wëlle konkret maachen. Datt fir déi Leit, déi eis Véloen huelen, déi sech dann net drun halen, do och eng Strof virgesinn ass, déi am Policereglement drasteet. An déi Leit, déi ënner 15 Joer hunn an eng Kaart hunn, wou se d'Veloe loune bei eis, déi mussen dann ee Mount ouni Vélo sinn, wa se sech net un dat halen an do fueren, wou se musse fueren.

Also et deet mer jo wéi, ech si jo fir de Vélo, mir mussen nach eis Vélospiste méi ausbauen, mee hei geet d'Sécherheet vun de Foussgänger vir. A mir wäerten alles drusetzen, fir datt dat doten och agehale gëtt. Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 13, d'Syndikater vun der Gemeng. De Punkt a, do hu mer déi Syndikater, wou déi verschidden Delegéierten dobäisinn. Ech géif Iech bidden, op der Récksäit eng kleng Verbesserung ze maachen. Uewen, bei AEM, bei deem Syndikat steet Erny Muller. An do wier den Här Hartung Jerry ze ersetzen duerch den Här Mangen Robert. Dat ass eng Ännerung, déi elo ganz kuerzfristeg eréischt erakomm ass. Ech wier frou, wann Der dee Rectificatif géift duerchhuelen.

Déi verschidde Syndikater leien Iech vir. D'Memberen aus dem Gemengerot, déi sech interesséieren dofir, stinn an der leschter Kolonn. Gëtt et Stellungnahme respektiv Wuertmeldungen zu där Lëscht, déi Der virun Iech leien hutt? Jo, Madamm Pregno.

---

## **SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Och dat hei kann ech net verstoppen. Ech war relativ erschreckt, wéi ech dës Lëscht op der Diffcloud opgemaach hunn. Wat e Schratt no hannen, Dir Hären! Wat e Verständnis vun Demokratie, Majoritéit an Oppositioun! Während Joren an der Oppositioun, goufen och Posten u Memberen aus der Oppositioun a Syndikater fir d'Gemeng Déifferdeng verdeelt. An deementspreechend dann och besat. Ech hu mer déi Lëscht vun der leschter Legislaturperiode ugekuckt. Do war den Här Weirich vun déi Lénk, d'Madamm Saeul vun der DP an Dir, Här Altmeisch.

Ech ginn elo net weider op d'Virdeeler an, déi een huet, wann een esou Poste besetzt. Mee ech wëll den Accent op d'Verantwortungsbewosstsi fir eng breet Demokratie duerleeën. Ass et dann net och wichteg, dass all Partei, inklusiv déi, déi an der Oppositioun sinn, kënne matgestalten? Ass et net wichteg fir d'Kohäsioun? An awer och fir ze weisen, dass d'Politik mënschlech an integrativ ass.

*Fred Bertinelli annonce ensuite qu'il entend modifier le Règlement de police pour tenir compte du problème des vélos sur les trottoirs. Il faut trouver une solution. Pas plus tard qu'hier, deux femmes ont été renversées par des vélos dans l'avenue du Parc-des-Sports.*

*Il y aura donc des contrôles accrus. Il ne s'agit pas d'embêter les gens, mais de sécuriser les trottoirs. Les cyclistes doivent circuler sur la route. Le Règlement de police prévoit aussi des amendes pour ceux qui enfreignent les règles. Les jeunes de moins de 15 ans qui utilisent le système Vél'OK n'auront par exemple plus le droit de louer un vélo pendant un mois.*

*Fred Bertinelli souhaite étendre le réseau de pistes cyclables. Mais en attendant, la sécurité des piétons prime.*

*(Interruption et rires)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *plaisante sur le fait que cette fois-ci, il n'a rien à dire quant aux règlements temporaires de circulation.*

*(Vote)*

*Guy Altmeisch passe aux délégués auprès des syndicats.*

*Il explique que dans un des syndicats, monsieur Robert Mangen remplace monsieur Hartung.*

*Les conseillers communaux disposent de la liste de tous les délégués.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a pris peur quand elle a vu la liste. Quel pas en arrière! Quel manque de compréhension pour la démocratie! Pendant des années, des membres de l'opposition ont aussi représenté Differdange auprès des syndicats. Lors de la dernière période législative, il s'agissait de monsieur Weirich, de madame Saeul et de monsieur Altmeisch.*

*Laura Pregno ne souhaite pas parler des avantages qu'ont les gens occupant ces postes. Mais d'un point de vue démocratique, n'aurait-il pas été important d'inclure l'opposition? Cela aurait été important pour la cohésion.*



# 13. Syndicats

*Monsieur Altmeisch n'a pas refusé le poste quand il faisait partie de l'opposition. Mais maintenant, il semble penser que l'opposition n'a rien à dire. Les écologistes savent désormais à quelle politique s'attendre.*

*Laura Pregno se dit contente que les commissions soient ouvertes aux citoyens. Mais elle est curieuse de voir la composition finale de ces commissions.*

*En tout cas, la composition des syndicats est un vrai pas en arrière. Les écologistes vont s'abstenir lors du vote à moins que la majorité n'accepte de donner quelques postes à l'opposition.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *va se montrer bref, car madame Pregno a tout dit. Il n'approuvera pas la liste, car elle constitue un pas en arrière. Le fait que l'opposition était représentée dans les syndicats était une avancée démocratique permettant aussi d'éviter les cumuls de mandats.*

*Malheureusement, certains décident de représenter Differdange dans les syndicats alors qu'ils ont déjà beaucoup de responsabilités en tant qu'échevins.*

*En plus, la part du budget destinée aux syndicats est conséquente. Gary Diderich rappelle le cas du SIGI, où le contrôle démocratique n'a apparemment pas fonctionné pendant des années. Il est donc important d'avoir des délégués engagés n'ayant pas de nombreuses missions à côté.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate à son tour que l'opposition est complètement exclue. Les démocrates s'abstiendront.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *va essayer de répondre à ces critiques virulentes.*

*Tout d'abord, la composition des syndicats ne reflète en rien la direction que prendra la politique. De toute façon, l'objectif de la majorité est clair: servir les citoyens et se montrer ouverte à toutes les discussions.*

*Le collègue échevinal a beaucoup réfléchi à la question et a finalement décidé de présenter la liste dont dispose le conseil communal. Les délé-*

*Als Opposition hutt Dir dee Moment Är Plaz gewollt, kritt, ugeholl an appreciéiert. An elo? Wou gesitt Dir dann d'Opposition? Just nach wierklech op der Bänk? Wann dat esou ass, da wässe mer jo wierklech, wéi den Hues elo déi nächst Joren hei leeft. A mir wëssen dann och, op wéi eng Politik mir eis müssen astellen.*

*An et ass e bësse Contraire zu deem, wat Dir dann haut awer hei gesot hutt.*

*Ech war scho frou ze héieren, dass d'Biergerbedeegung an de Kommissioun gëif weidergefouert ginn. Wat mir immens begrëissen. Ech sinn awer och gespaant, wat d'Verdeelung vun de Kommissiounen am Ganzen ugeet. Déi lescht Jore war et jo och esou, dass all Partei, also déi kleng Parteien, ëmmer hir Plaz haten. An dat war üblech an dat ass begrëisst ginn. An ech hu mer och d'Fro gestallt: Gëtt dat elo esou weidergefouert oder spillt Der do och Platzhirsch?*

*Ech kann et just widderhuelen: Ech fannen et wierklech e Schratt no hanner.*

*Mir stëmmen dese Punkt dann och net mat, ausser Dir wéilt Iech dat Ganz nach eng Kéier iwverleeën an iwverschaffen, an eng Rei Posten, wéi et dann elo üblech war, un d'Opposition ginn. Well wéi sot de Friedrich Nietzsche: „Der denkende Mensch ändert seine Meinung.“*

*Ech soen, da wäre mer dobäi mat engem Jo. Merci fir d'Nolauschteren.*

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Merci. Ech reagéieren nom Här Diderich senger Ausso op Äre Kommentar. Här Diderich, wannechgelift.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

*Ech ka mech relativ kuerz halen. D'Madamm Pregno huet alles gesot, wat och argumentéiert, firwat mir als déi Lénk déi Lëscht esou net kënne stëmmen. Mir empfangen dat och als Réckschrëtt. Dat war eng Avancée, eng demokratesch Avancée, dass d'Opposition an de verschiddene Syndikater*

*vertruede war. Wat och erlaabt, wann ee verschidde Leit an e puer Syndikater setzen huet, dass ee manner Cumul huet.*

*Hei gesi mer wierklech, dass e puer Leit sech op e puer Plazen do installéieren, obwuel se schon am Schäfferot sinn, obwuel se scho ganz vill Responsabilitéiten hunn. An ech mengen, un d'Syndikater, do geet ee ganz groussen Deel vum Budget vun der Gemeng dran.*

*Dofir ass et ganz wichteg, och do – an dat hu mer jo och rezent gesi mat engem SIGI, wou mer ëmmer erëm nogefrot hunn a wou d'demokratesch Kontroll jo offensichtlech net funktionéiert huet, iwver Joren – d'Leit ze hunn, déi sech wierklech ganz asetzen an net nach ze vill aner Aufgaben hunn. An déi Leit och net nëmme vun der Majoritéit sinn. Ech soen Iech Merci.*

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Den Här Meisch.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

*Mir gesinn d'Opposition och effektiv do komplett ausgeschloss. Mir géifen eis deenen zwee Virriedner uschlëssen an eis enthalen.*

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

*Merci, Här Meisch. Aner Wuertmeldungen nach? Da probéieren ech elo op Är Kritik ze reagéieren, déi jo relativ heftig ass vun Oppositionssäit.*

*Ech wëll mol eent direkt virausschécken: D'Direktioun vun Hues gëtt net beaflosst duerch d'Presenz oder duerch d'Besetzung vun deene verschiddene Syndikater. Dir hutt gesot, d'Direktioun vun Hues ännert, wa mer do elo kee aus der Opposition dran hunn. Déi Direktioun, déi ännert guer net, well d'Direktioun, mengen ech, vun der Majoritéit bleift déi selwecht: Ëmmer zum Wuel vun de Bierger an oppe fir de Bierger an oppe fir all Diskussioun.*

# 13. Syndicats

Mir hunn eis vill Gedanke gemaach, wéi mer déi Besetzung do gemaach hunn, a mer sinn dunn zu där Besetzung komm, wéi gesot, déi Der hei virun Iech leien hutt. Eng Besetzung mat Leit, déi verschidden Erfarungen an deene Beräicher do hunn. A Leit, déi och ganz wichteg Posten an Zukunft wäerten an deene Büroe vun deene verschiddene Syndikater besetzen.

Ech ginn op ee Syndikat an, wou ech d'lescht Joer, wéi Der richtig sot, och matgeschafft hunn. Dat ass den T.I.C.E. Den T.I.C.E., dee mer am Detail elo vill an der Zeitung gelies hunn, wat e ganz brisanten Dossier ass. An en Dossier, wou ee frou ass, wann ee Leit dobäi huet, déi an deene Büroe scho geschafft hunn an do matgewierkt hunn, iwwer Joren do Erfarunge gesammelt hunn.

Mer schwätzen do vun enger Iwwer- nam vun RGTR-Bussen, vu verschidde- nen Trajeten, déi elo nach vum T.I.C.E. garantiert ginn. Mir schwätzen do, zum Beispill, vun enger finanzieller Belaaschtung, e Plus vu finanzieller Belaaschtung fir eis Gemeng. Déi sech kéint plus ou moins op annerhalfe Mil- lioun bechifferen. Wat e wansinnege Chiffer ass. A wou mer d'lescht Joer jo e Verrieder vun der Majoritéit dran haten a mer d'lescht Joer mol guer net reagiert hunn, hei am Gemengerot, wéi déi Chiffere bekannt waren. Well déi Chifferen, déi kommen net vu gëschter, déi komme vu virgëschter, wou e Verrieder vun der Majoritéit am Komitee war a mer hei am Gemenge- rot emol kee Wuert dovunner héieren hunn.

Dofir ass et eis wichteg, dass téschent de Membere vun der Majoritéit en Dia- log ass, an dass all déi Informatiounen, déi an deene Syndikater ausgetosch ginn, deen Dialog, deen do gefouert gëtt, dass deen och op d'Majoritéit eriwwer gefouert gëtt. An dofir hu mir eis decidéiert fir déi dote Leit. Voller Vertrauen, dass dat eis Verrieder si vun der Gemeng Déifferdeng.

Ech mengen, ech schwätzen net nēm- men a mengem perséinlechen Numm, ech schwätzen am Numm vum Schäffe- rot an am Numm zum Wuel vun der Gemeng.

Ech hunn Är Stellungnam elo héieren. An et ass elo net an der Panik oder am

Stress, wou mer déi Decisioun geholl hunn. Ech mengen, ech hu se elo e bësse fondéiert. Ech verstinn Är Positioun. Ech sinn awer och frou, dass Der mir nolauschtert, fir meng Stellungnam hei auszadrécken. Ech géif Iech bieten, Är Iwwerleeung vun dem Netstëmmen nach eng Kéier ze iwwerleeën.

---

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer messieurs Erny Muller, Robert Mangan et Rudi De Bouw comme membres au sein du conseil des délégués de l'AEM.*

---

---

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Gérard Hartung comme membre effectif dans la Cellule consultative du logement abordable ainsi que monsieur Guy Altmeisch comme suppléant au membre prédési- gné.*

---

---

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Tom Uveling comme représentant de la Ville de Diferdange au sein de la commission administrative du CHEM.*

---

---

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de désigner madame Emīna Ceman comme membre effective dans la Commission de surveillance de la maison de séjour et de sons Beim Goldknapp ainsi que monsieur Gérard Hartung comme suppléant à la membre prédésignée.*

---

*gués sont des personnes qui connaissent les différents domaines et qui occuperont des postes importants dans ces syndicats.*

*Guy Altmeisch cite l'exemple du TICE, dont il était délégué. Il s'agit d'un dossier particulièrement complexe et il est important que les délégués aient l'expérience nécessaire. Il est notamment question pour le RGTR de reprendre quelques trajets du TICE. La contribution de la commune pourrait se chiffrer à environ 1,5 million d'euros. L'année dernière, le représentant au TICE faisait partie de la majorité et il n'a pas du tout réagi à ce chiffre. Ces sommes étaient connues, mais le conseil communal n'en a jamais entendu parler.*

*Les débats menés au sein des syndi- cats doivent faire l'objet de discus- sions au sein de la majorité. C'est pourquoi le collège échevinal a opté pour ces personnes.*

*Guy Altmeisch explique que le col- lège échevinal n'a pas pris cette dé- cision à la légère. Il vient d'expli- quer pourquoi elle a été prise. Mais il comprend la position de l'opposi- tion, qu'il remercie de l'avoir écouté.*

(Votes)

# 13. Syndicats

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de désigner monsieur Thierry Wagner comme délégué aux transports publics ainsi que monsieur Fred Bertinelli comme suppléant au délégué prédésigné.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer mesdames Emina Ceman et Zenia Charlé ainsi que messieurs Fred Bertinelli et Claude Olten comme membres au sein du comité syndical SES.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer madame Zenia Charlé ainsi que messieurs Michel Scheuren et Claude Olten comme membres du comité du syndicat HPMA.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer messieurs Tom Ulveling, Fred Bertinelli et Guy Tempels comme membres au sein du comité du syndicat SIACH.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Erny Muller comme délégué effectif et monsieur Gérard Hartung comme délégué suppléant au sein de Klima-Bündnis Lëtzebuerg.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer madame Zenia Charlé comme membre au sein du comité du syndicat SICEC.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer messieurs Thierry Wagner, Claude Olten et Guy Tempels comme membres au sein du comité du syndicat Minett-Kompost.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Fred Bertinelli comme membre au sein du comité du syndicat SICONA Sud-Ouest.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer madame Zenia Charlé comme représentante de la Ville de Differdange au sein du conseil d'administration de l'ORT-Sud.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer madame Emina Ceman et monsieur Erny Muller comme membres au sein du comité du syndicat SIDOR.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Erny Muller comme membre au sein du comité du syndicat Pro-Sud.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Gérard Hartung comme membre au sein du comité du syndicat SIGI.



# Questions

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer messieurs Guy Altmeisch et Tom Ulveling comme membres au sein du comité du syndicat SIKOR.*

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer monsieur Antonio De Carolis comme administrateur représentant la Ville de Differdange au sein du conseil d'administration de la société anonyme SUDenergie.*

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions de nommer messieurs Guy Altmeisch, Thierry Wagner, Michel Scheuren, Gérard Hartung et Guy Tempels comme membres au sein du comité du syndicat TICE.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 13b, d'Repartitioun vun deenen néng Stonne Congé politique. An zwar géifen déi esou verdeelt ginn, dass d'CSV der véier géif kréien an déi géifen un den Här Ulveling goen. D'LSAP géif der fënnf kréien, zwou Stonnen un den Här Wagner, zwou un d'Madamm Charlé an eng un den Här Scheuren.

Madamm Pregno.

## **LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Aus Logik zu eiser Positioun vum virege Punkt, stëmme mer deen dote Punkt och net mat. Just, dass Der dat verstitt. Net, dass et Erklärungsnot gëtt.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, dat ass mer ganz kloer. Ech wollt just dem Här Krecké d'Wuert ginn, fir d'Ofstëmmung ze maachen.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions d'approuver la répartition de neuf heures supplémentaires de congé politique.*

Fein. Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zu der Séance non-publique.

## **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Nee, et sinn nach Froen.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Pardon, ech hat d'Froe vergiess. Madamm Pregno, Dir hat eng Fro ugemellt.

## **LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hat zwou Froen. Dat eent waren d'Datumer vun de Gemengeréit an dat anert war, ob am nächste Gemengerot d'Conseillere kéinte Positioun zum Koalitiounsaccord huelen. Dat hutt Dir gesot, also eriwwrege sech meng Froen. Merci.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich.

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt nofroen, ob – dat hätt ech och beim Punkt zu der Schoulorganisatioun kënne froen – de Schoulhaff vun der Prince Henri, ob et do iergendwelch Pläng gëtt, fir do eppes ze maachen. Well de Belag fält do wierklech auserneen. Wann do ee Kand fält, dann ass do méi wéi eng Schrumm, déi dobäi erauskënnt. Ech wollt froen, ob et do Pläng gëtt oder anerefalls virschloen, dass dat misst prioritär behandelt ginn.

## **BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling.

*Guy Altmeisch passe à la répartition des neuf heures de congé politique: quatre pour monsieur Ulveling du CSV et cinq pour le LSAP réparties entre monsieur Wagner, madame Charlé et monsieur Scheuren.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** n'approuvera pas ce point pour les mêmes raisons que tout à l'heure.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** répond que c'est évident.

(Vote)

Guy Altmeisch clôture la séance publique.

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** lui rappelle qu'il y a des questions.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** cède la parole à madame Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** explique que le collègue échevinal a déjà répondu à ses questions tout à l'heure concernant la date des prochaines séances du conseil communal et l'accord de coalition.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** demande si le collègue échevinal prévoit de rénover la cour de récréation de l'école Prince-Henri, car le revêtement est en mauvais état. Si un enfant tombe, il va se faire mal.

# Questions

---

**TOM ULVELING (CSV)** *croit se rap-  
peler que ce point est prévu dans le  
budget. Mais il se renseignera.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passé à la  
séance non publique.*

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech weess, dass mer driwwer geschwat  
hunn. An ech froe mech, ob mer dat net  
souguer am Budget haten, fir dat dëst  
Joer nach ze erneieren. Ech sinn elo net  
sécher. Ech froen dat no. Well do war  
nach eng Diskussioun, et misst een  
oppassen, dass et net an de Keller  
erofleeft an esou weider. Also mir haten  
driwwer geschwat. An ech mengen, mir  
hätten dat virgesinn.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH  
(LSAP):**

Merci. Wann et keng Fro méi gött, da  
géife mer an d'Non-publique goen.



# Concert de Noël et remise des diplômes



Église de Niederkorn

13.12.2023

18h30



DÉIFFERDENDER  
MUSEKSSCHOUL



# 46<sup>e</sup> édition

Le plus ancien Marché de Noël du Luxembourg

# Déifferdenger Chrëschtmaart

1.12.2023 – 21.12.2023

14 h à 20 h

Maartplaz

Ouverture officielle le vendredi  
1<sup>er</sup> décembre 2023 à 18 h 30

Nocturnes tous les vendredis et  
samedis jusqu'à 22 h

Le Marché restera fermé  
les lundis et mardis.

Stands  
gastronomiques  
ouverts dès les  
heures de midi !